n° 11B /2023








# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
## DU 15.12.2023

#maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit / Photos: Standart, Ville de Dudelange
n°11B / 2023 - Parution: Mars 2023 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français 4

**1. PRISES DE POSITION DES CONSEILLERS COMMUNAUX** 5

**2. RÉPONSES DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS** 41

**3. VOTES DU BUDGET RECTIFIÉ 2022 ET DU PROJET DE BUDGET 2023** 53

# RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Alain Clement ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers.
Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance publique à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.
Le budget rectifié de l'exercice 2023 et le projet de budget de l'exercice 2024 ayant été présentés par le collège des bourgmestre et échevins durant la séance du conseil communal du 8 décembre 2023, la présente réunion est réservée uniquement aux prises de position des conseillers communaux par rapport aux projets de budgets, ainsi qu'aux votes du budget rectifié 2023 et du budget initial de l'exercice 2024.

Ainsi, le budget rectifié de l'exercice 2023 est approuvé avec 10 voix et 9 abstentions et le budget initial de l'exercice 2024 est approuvé avec 10 voix contre 8 avec 1 abstention.

Fin de la séance vers 13.25 heures.

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 15. DEZEMBER 2023



## 1. Stellungname vun de Gemengerotsmemberen zu de Budgetsprojeten an den Ofstëmmungen iwwer de Budget rectifié 2023 an de Budget initial 2024

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Schéine gudde Mueren, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot. No der Presentatioun vum Budget rectifié 2023 a vum Budget initial 2024 de leschte Freiden hei duerch d'Membere vum Schäfferot ass et haut un de Memberen, respektiv de Gemengeconseillere vun der Majoritéit an der Oppositioun hir Vue, hir Appreciatioun effektiv hei am Gemengerot anzebréngen. A wéi esou oft muss ëmmer een ufänken, an a priori ass et ëmmer déi gréisst Oppositiounspartei, déi fir d'éischt d'Wuert kritt. Wann dat anescht sollt sinn, da soll se dat elo direkt soen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Als éischt, am Numm vun der CSV soe mer natierlech dem ganze Service villmools Merci fir d'Opstelle vum Budget, och fir déi Commentairen, déi dobäi sinn, an natierlech och fir d'Explikatiounen, déi mer schonn an der Finanzkommissioun kritt hunn. Ech géif soen, et kann ee soen „Die fetten Jahre sind vorbei" an et ass an deem Sënn och, wou mer eis Positioun hei e bëssen erläutere wäerten. Bei den Diskussiounen zum Plan pluriannuel am Februar 2023 hat ech am Numm vun der CSV proposéiert, kommt mir setzen eis mol zesummen un en Dësch a kucken zesummen, wéi mer e responsabele Budget fir eis Stad Diddeleng kënnen opstellen. Mir wëllen als Stad Diddeleng jo nei Weeër goen, wat d'Participatioun an d'Biergerbedeelegung ubelaangt. Abee, wa mer allen nonzéng an enger oder méi informelle Sëtzungen d'Käpp zesummegestreckt hätten a probéiert hätten, d'Weiche fir d'Entwécklung vun eiser Stad ze plangen, wäre mer en innovative Wee gaang, deen eis gutt zu Gesiicht gestanen hätt.

Firwat wier dëst gemeinsaamt Ausschaffe vum Budget 2024 zum Beispill esou wichteg gewiescht? Mir hätten eis d'Zuelen ugekuckt a gesinn, dass et schwéier gëtt, a mir hätten zesummen decidéiert, wat ass wichteg, wat maache mer direkt, wat loosse mer ewech, wat maache mer méi spéit? Wann een déi blank Chiffere kuckt, da muss ee soen, roseg gesäit et net aus. Obschonn d'Dotatiounen, déi mer kréien iwwer den FCDF oder d'Participatioun vum Staat ënnert Form vu Subsiden eropgeet, kréie mer d'Enner zu Diddeleng net méi zesummen. Jo, och d'CSV ass averstanen, dass muss investéiert ginn, fir dass Diddeleng eng liewenswäert Stad bleift. Jo, mir investéieren an eis Schoulen, eis Maison Relaisen, eis Crèchen, an eis Kanner, si sinn eis Zukunft. Jo, mir schafe bezuelbare Wunnraum. Jo, mir investéieren an eis Infrastrukturen, an eise Kanalisatioun, eis Stroossen. Jo, mir bezuelen d'Paie vun eise Mataarbechter, déi fir eis Stad och all Dag wäertvoll Aarbechte maachen. Jo, mir investéieren an déi energetesch Transitioun an an den Naturschutz. Jo, mir hunn als ëffentlechen Acteur eng Aufgab, fir d'Economie um Rullen ze halen, de Betriber Aarbecht ze ginn an domadder Aarbechtsplazen ze erhalen. Mee, et ass awer elo onbedéngt wichteg, dass mer mol Loft huelen an eis zesummen dohinner setzen a kucken, wéi mer déi Invester nach kënne stemmen, déi Projeten, déi mer ugefaangen hunn, wéi mer domadder eens ginn.

An der Schäfferotserklärung kann een noliesen „ L'endettement sera limité au projets d'envergure" an „L'envergure et l'impact des frais de fonctionnement sur le budget seront pris en considération dans la planification de tout nouveau projet." Zum éischte Punkt, „L'endettement sera limité au projet d'envergure": Natierlech ass et net einfach, sech eng Limitt ze setzen, mee mir mussen dat maachen. Mir musse spueren, mir musse vläit mol de roude Bic usetzen an emol „ein Innehalten an den Tag legen", wéi eis däitsch Kolleege géife soen.
Eis finanziell Perspektive sinn net roseg, dat däerfe mer net banaliséieren, net ignoréieren, dat musse mer de Leit och soen, mir sinn hinnen déi Éierlechkeet schëlleg. Bis 2021 sinn eis Scholden erofgaangen a ware bei 12,23 Milliounen Euro. Dat waren nach haaptsächlech Iwwerreschter vun den 13 Milliounen Euro Schold, déi mer geholl hate fir de Bau vum Centre sportif René Hartmann, dat war 2014 an 2016, an et war och nach ee Prêt dra vun 2007, fir d'Scholde vum Hospice civil vun eisem Diddelenger Spidol auszegläichen. Dat ware 4 Milliounen Euro. Mir haten och all Joer en exzellente Boni consolidé. Mer schwätzen hei vun de Joren 2017, wou mer 12,6 Milliounen Euro haten am Boni consolidé. 2018 hate mer 21,7 Milliounen Euro, 2019 31,1 Milliounen Euro an och nach 2020 21,9 Milliounen Euro. 2021 hu mer scho misse 4 Milliounen Euro aus eiser Reserv huelen an e Prêt fir 10 Milliounen Euro ophuelen.

2023 hu mer misse 40 Milliounen Euro Schold maachen, fir eis lafend Projeten ze bezuelen, déi mer ugefaangen hunn. Sportkomplex Strutzbierg, Renovatioun Schoulbrill, Atelier vun der Gemeng. Mee wat heescht dat? 2024 musse mer elo nach emol 43 Milliounen Euro léine goen. Worst case natierlech, mee wéi gesot, esou wéi et ausgesäit, wäert the worst case the real case ginn. Da si mer elo, momentan si mer 58,3 Milliounen Euro verschold, an 2024, wa mer nach emol 43 Milliounen Euro léinen, hu mer, dat muss een awer och emol eng Kéier haart soen, 97,8 Milliounen Euro Schold a mir bezuele 6,5 Milliounen Euro Annuitéiten zeréck. Am Plan

pluriannuel financier 2023, dat wat mer am Februar virgestallt kritt hunn, do huet et geheescht, datt mer och 2025 nach Schold musse maachen, anscheinend nach emol 42 Milliounen Euro. E Joer virdrun am Plan pluriannuel Diskussioune vun 2022, do huet een nach gemengt, 2024 géife mer just 29,5 Milliounen Euro misse léinen amplaz déi 43 Milliounen Euro an 2025 bräichte mer just 22 Milliounen Euro anzeschreiwen amplaz déi 47 Milliounen Euro. Wann dës Previsioune sollen esou weidergoen, dann hu mer an dräi Joer eng Schold vun 174 Milliounen Euro, mir géifen dann Annuitéite vun 9,5 Milliounen Euro bezuelen. Mee loosse mer mol bei de Fakten 2023-2024 bleiwen. Wat heescht dat, eng Schold vu 97,88 Milliounen Euro an Annuitéite vu 6,6 Milliounen Euro? Mir hunn all Joer 6,6 Milliounen Euro manner fir an eis Projeten ze investéieren. An d'Annuitéiten, déi sinn nach net fix, well mer e Prêt op en Taux variable geholl hunn an d'Entwéckelung vun den Zënsen, et weess een nach guer net a wéi eng Richtung et geet. Do heescht et gutt iwwerleeën, wat mir mat de Sue solle maachen, well de Prêt vun 2023, genau wéi dee vun 2024, dee bezuelen eis Kanner an eis Kannskanner zréck. D'Annuitéite vun elo an och vläicht nach déi, déi nach no kommen, bezuelen eis Kanner bis 2044 zeréck. Dann hunn ech 84 Joer, dann hu meng Kanner allen dräi iwwer 50 Joer a meng Enkelin huet 22 Joer. Si bezuelen eis Schold vun haut zeréck. Dofir, mir hunn eng Responsabilitéit vis-à-vis vun den Diddelenger Bierger, vis-à-vis vun den nächste Generatiounen. Mir mussen alleguer heibannen, och d'Oppositioun, déi vill vun den ugefaangene Projete matgestëmmt huet, emol déif Loft huelen an eis dat emol op der Zong zergoe loossen.

Mir hunn Enn nächst Joer bal 100 Milliounen Euro Schold, bezuelen - wéi gesot - 6 Milliounen Euro Annuitéiten, dat bei enger Dotatioun vun 87 Milliounen Euro, déi mer just kréien. E seriöe Mea Culpa misste mer alleguerten heibanne maachen. E Gläichgewiicht tëscht Invest a Spueren ass sécher net einfach an awer. Mir musse spueren, mir musse bei eise votéierte Projete kucken, wéi mer eng Präisexplosioun kënne vermeiden.
Ech soen et all Joer, et ass de Rôle vum Schäfferot, d'Sue vun den Diddelenger Bierger en bon père de famille ze verwalten. All Projet soll duerchliicht ginn. E Projet, dee mer votéiert hunn, begleet eis finanziell déi nächst 40 Joer. Dat musse mer eis vläit mol erëm méi oft virun Aen halen. E Posten, dee mer schafen, dee bezuele mer 40 Joer. Bei de Projeten heescht et éischtens, intelligent an detailléiert auszeschreiwen, an zweetens, d'Devisen och esou ze ficelléieren, dass se esou no wéi méiglech herno beim reelle Präis sinn. An drëttens, och beim Devis remanié och eng Kéier nokucken, ob wierklech alles an der Rei ass, esou wéi mer et virgestallt kréien. D'Devisë mussen detailléiert kontrolléiert ginn an och detailléiert opgesat ginn. De Sproch „Handgelenk mol Pi", dat däerfe mer heibannen net méi héieren, wann et drëm geet, wa mer iwwer Präisser schwätzen, déi an den Devisë sinn. Bei subventionéierte Projeten, wou mer wëssen, dass d'Subventioune gedeckelt sinn a wou mer och ëmmer rosen doriwwer sinn, mee do musse mer einfach d'Realitéit an d'Ae kucken, dass dat eeben esou ass an eebe probéieren, net ze vill extra deier Saachen nach an de Projet eranzebréngen, déi mer eeben net finanzéiert kréien.

Wéi konnt et esou wäit kommen, dass mer elo mam Réck bei der Mauer stinn an esou vill Scholde maachen? Hu mer eis finanziell iwwerholl? Ware mer liichtfankeg, blauäugig, hu mer d'Effete vun de Krisen, Ukrain, Covid, Logement, Energiekris an hiren Impakt op eis Chifferen ënnerschat? Jo, och mir, d'Oppositioun, hunn ëmmer gesot, mir stëmmen d'Depassementer vun de Projeten, déi mer initial matgestëmmt hunn, mat. Och mir waren net kritesch genuch. Mir hätte méi oft missen hannerfroen, firwat kënnt et zu deenen Depassementer, déi oft wäit iwwert déi zéng bis zwanzeg Prozent vum Devis initial leien, déi souzesoen acceptabel sinn. Zéng bis zwanzeg Prozent, dat kéint ee soen, dat wären d'Impakter vun de Krise gewiescht an déi allgemeng Präisdäirecht hätt do derzou geféiert, dat hätt ee kënnen acceptéieren. Mee leider hu mer heibannen Depassementer virgeluecht kritt vu fofzeg bis sechzeg Prozent par rapport zum Devis initial. Jo, an de leschten zwee Joer koumen eis d'Ingenieuren an d'Architekten an de Gemengerot erklären, plus minus detailléiert, firwat e Projet méi deier gëtt, an awer, beim genauen Duerchbliedere vun den Dossiere war et awer zum Beispill d'CSV, déi Irregularitéite festgestallt huet, zum Beispill déi ominéis Präishausse vun dräihonnert Prozent op der Toilette am Hall Polyvalent, wou eng Toilette op eng Kéier amplaz 47.000 Euro 137.000 Euro kascht huet, wat net vill ass an der Somm, mee wat awer signifikativ ass. Mir musse vill besser kontrolléieren an och emol eng Kéier soen, hei Jongen, dat do geet net. Dofir eisen Appell un de Schäfferot.

Spéitstens elo ass eng Rigueur, eng streng Kontroll an Akribie verlaangt, éischtens beim Ausschaffe vum Avant-projet sommaire, zweetens beim Iwwerschaffe vum Avant-projet définitif. An dann, drëttens, bei de finale Rechnungen. Jo, elo kréien ech rëm gesot, mir ënnerstinn dem Marché-publics-Gesetz a mir si keng Insel. An awer, en intelligente Bordereau auszeschaffen, dee schützt scho mol virun Iwwerraschungen an - wéi gesot - eng gewëssen Akribie bei der Kontroll ass einfach wichteg. Ech wonnere mech och all Joer, wéi et bei de Projete vun de Plan-pluriannuellen ëmmer steet, dass et ka sinn, dass een an dee selwechte Projet vun engem Joer op dat anert, eng enorm Schwankung am Präis weist. Ouni dass mir de Projet ze gesi kritt hunn, ouni dass mir den initiale Projet gestëmmt hunn. Wéi erkläert Dir eis zum Beispill, dass an engem PPF d'Atelieren, Phas eent zum Beispill, 2020 mat 19,8 Milliounen Euro ugesat ginn, am PPF 2021 22,5 Milliounen Euro an am PPF 2022 24,9 Milliounen Euro, an elo kënnt et, mir hunn déi Somm votéiert, 24,9 Milliounen Euro, an awer steet am PPF 2023 dran, dass d'Atelieren eis awer herno 28,5 Milliounen Euro géife kaschten. Idem, Extension Asyle animaux, do hate mer deen éischten Devis, dat war 2020, do stoung en am PPF mat 4,8 Milliounen Euro, votéiert hate mer 6 Milliounen Euro a wann ech awer elo kucken, am PPF steet awer zum Beispill elo e Präis dra vun 8,4 Milliounen Euro. Wann Dir scho wësst, dass en initiale Projet méi deier gëtt, firwat sot Der eis dat net? Firwat behandele mir dat net ganz transparent an enger Finanzkommissioun?

Zweete Punkt aus der Schäfferotserklärung: „L'envergure et l'impact des frais de fonctionnement sur le budget seront pris en considération dans la planification de

tout nouveau projet". Bis elo gouf dat vum Schäfferot ni gemaach, obwuel mir als CSV dat schonn ëfters gefrot hunn, wat wäert dat eis kaschten, well e Projet unhuelen, eng Schoul, eng Schwämm, en „Hall Polyvalent", dat heescht éischtens emol den Invest fir d'Installatioun maachen, an awer och, zweetens, den Invest chiffréiere fir den Entretien, Gas, Waasser, Elektresch, fir déi nächst zwanzeg Joer. Beispill Folgekäschten, de Strutzbierg. Um Strutzbierg maache mer e wichtege Projet, selbstverständlech huet d'CSV deen och matgedroen, mee et ass net den Invest aleng, deen zielt. Wann een elo kuckt am Budget 2024 bei den Dépenses ordinaires, do si véier Méint just agerechent, véier Méint 2024, wou dann de Strutzbierg wäert a Betrib sinn. Do kommen awer Fraisen derbäi, vum Hall sportif 47.500 Euro an dann, wéi gesot, just véier Méint kascht d'Piscine eis 102.000 Euro. Dat heescht, mer hunn d'Pellets, mer hunn d'Elektresch, de Gas, d'Material, den Equipement, d'Consommation, Eau, Assainissement, an esou weider, an esou weider, dat gëtt 102.000 Euro d'nächst Joer fir d'Piscine a 47.000 Euro fir d'Schwämm. Fir véier Méint. A wéi gesot, dee Strootzbierg, dee kascht eis dat natierlech och all déi nächst Joren. Ech froe mech, ob mer do net ëmmer e bësse blauäugesch waren an eis dat net genuch zu Gemüte geféiert hunn, wa mer a Saachen investéieren, wat dat eis herno kascht. Idem de Hall polyvalent: D'Installatioun ass eng Saach, mee och hei, wa mer kucken, 2024 kascht deen eis awer 211.074 Euro.

Do ass och eng Fro, déi ech nach an engems wollt stellen, do steet zum och e Facteur concierge dran, deen eis awer och 65.500 Euro kascht. Explizitt steet bei deem Projet de Concierge dran, woubäi ech geduecht hunn, mer hätten eng Équipe volante vu Portieren, do kënnt der eis vläicht, herno nach Erklärunge ginn, firwat do awer e Concierge elo drasteet. Wéi gesot, ech soen, mir missten ein Innehalten an den Tag legen, well wann ee kuckt, wéi et an de Projektiounen ass vun den Dépenses extraordinaires vun de Projets-votéeen, do steet dran, dass mer 2023 56,5 Milliounen Euro brauchen, 2024 och nach eng Kéier 56,4 Milliounen Euro, 2025 27,8 Milliounen Euro an 2026 14,06 Milliounen Euro. Dat sinn nëmmen d'Sue vun deene Projeten, déi mer scho votéiert hunn, dat mécht schonn e Gesamtmontant aus tëscht 2024 an 2026 vun 98 Milliounen Euro. Dann, bei de Projet-non-votéeen, an ech denken, do ass et, wou mer eng Kéier mussen eng Reflexioun maachen, wéi mer weiderfueren. Do steet dran 2024 Projets non votés 6,7 Milliounen Euro, 2025 Projets non votés 27,4 Milliounen Euro, 2026 23,05 Milliounen Euro, dat ass zwëschent 2024 an 2026 insgesamt 50 Milliounen Euro, déi mer wëllen nach ëmsetzen. Mee woumadder wëlle mer dat bezuelen? Dat ass net evident an do musse mer eis eng Kéier iwwerleeën, wéi mer dat solle packen.

Mir mussen d'Devisen ausernee plécken, d'Irregularitéite kontrolléieren an dat och ganz seriö huelen. Beim Personal, do ass et och esou. All Posten, dee mer schafen, dee bezuele mer déi nächst 40 Joer. Wann ech kucken, d'Zuel vum Personal, 2017, dat war den Ufank vun der leschter Legislaturperiod, do hate mer 542 Mataarbechter, 2019 hate mer 648, 2021 hate mer 732, 2022 hate mer 759 an 2023 hate mer 777 Mataarbechter. Jo, mir brauchen Zerwisser, déi gutt funktionéieren. Jo, mir brauche Personal fir eis Maison Relaisen, eis Crèchen, mee wéi eng Pist hu mer, fir awer och déi Explosioun vun de Fraisë vum Personal am Grëff ze behalen? Dank Digitalisatioun, vläit kënne mer do eppes maachen, dass effektiv eis Leit nach méi effizient agesat ginn. Mir musse vläit nach kucken, ob mer aner Synergië kënne schafen, fir d'Explosioun vun de Personalkäschten anzedämmen. Jo, Indextranchen, Biennale, Hausse vun de patronale Cotisatiounen, dat ass eng Ursaach fir d'Hausse op de Personalfraisen. Mee d'Personalfraisë maache fënnefafofzeg Prozent aus vun eisem Budget ordinaire. Och hei ass et vläicht och mol gutt, wa mer, wéi ech soen, ein Innehalten an den Tag legen, an nach eemol seriö eis Optiounen iwwerdenken, fir eebe Synergien ze schafen, eist Personal nach méi effikass an effizient anzesetzen, natierlech mat den Ekippe kucken, wat mer verbessere kënnen. Ech denken, do besteet awer nach Loft no uewen a mir musse vläit de Sproch „Boa, dat ass historesch gewuess" an „Dat war nach ëmmer esou", déi Spréch musse mer vläit mol iwwer Bord werfen. Eisen Audit virun e puer Joer huet Pisten opgezielt. Ech denken, do kënne mer nach eng Kéier méi Rigueur an Energie asetzen, fir eis besser opzestellen.

An da kommen ech op d'Zukunft vun Diddeleng. Mir mussen Energie spueren. Wéi sinn eis Méiglechkeeten, an eisen Haiser, an eise Servicer, fir Energie ze spueren? Mir ginn eis drun, heescht et, mee wéi konkret ass dat? D'Elektresch gëtt ëmmer méi deier, da musse mer spueren, wéi steiere mer deem entgéint? Jo, mir maachen zwou Fotovoltaikanstallatiounen, eng um Centre sportif René Hartmann an eng um Stade Aloyse Meyer. Wéi vill Aspuere bréngt dat konkret, wa mer déi Fotovoltaikanlagen huelen, fir eis Gemengeservicer mat Stroum ze beliwweren? Mir musse spueren. Et ass elo, wou mer mussen emol e Konzept ausschaffen, e Concept global. Wéi eng Visioun hu mer, wéi finanzéiere mer déi Visioun? Wéi vill kascht déi Visioun eis herno all Joer? Mir hate mol 2019 ee Concept global Dudelange 2020-2025, Sport et éducation, virgestallt kritt. Et ass héich Zäit, dass mer eis professionell nees begleede loossen, fir d'Suite dovun auszeschaffen. Sport et éducation, dat ass ee Volet. Schoul Däich, Schoul Butschebuerg, Maison Relais Butschebuerg, Projet Balzéng, Tennis, CAD-Hal, et cetera. Mir brauchen awer och e Konzept Logement, abordabelen an awer och allgemenge Logement.

Wéi soll Diddeleng wuessen? Wat geschitt an A Bëlleg, wou angeblech de Promoteur Faillite gemaach huet a wou definitiv säit Méint, no den Infrastrukturaarbechten, keen Haus gebaut gouf, keng Zil geréckelt gouf? Wéi gesäit et mat Neischmelz aus? Och dat e wichtege Punkt. Wéi ass et do mat eisen Invester, wat musse mer do maachen, wat kënne mer do maachen, wat wëlle mer maachen a wat maache mer net? Schoul, Maison Relais soll op Neischmelz kommen, iwwert d'Spidolsstruktur ass schonn diskutéiert ginn. Wat kascht dat, wéi solle mer dat finanzéieren? Iwwert d'Spidol gouf kee Wuert verluere de Freiden. Am Regierungsprogramm steet, dass d'Poliklinik zu Diddeleng soll erhale bleiwen. Dat huet eis natierlech gefreet. Et ass awer elo un eis, un der Gemeng, mam CHEM oder engem anere Partner

ze kucken, wéi mer dat plangen. Och dat gehéiert mol duerchliicht an eng Kéier iwwerluecht.

À propos Finanzéierung. Aarbechtsplazen op Diddeleng bréngen, dat ass e ganz wichtege Facteur. Da geet eisen Impôt commercial och emol erop, Leit bréngе Liewen an d'Stad, consomméieren an der Stad. Wann ech kucken, am Budget, do steet bei Koibestraachen, Masterplan Koibestraachen, Konzept, Urbanistik, Etüden. Am Joer 2023 waren 338.000 Euro do virgesinn, 2024 140.000 Euro an 2025 150.000 Euro. Ech weess net, wéi laang mer schonn un deem Masterplan du knaen. Jo, den Här Buergermeeschter huet et gesot, dass och de Staat seng Verantwortung hält, de Wirtschaftsministère. Et ass se kucken, wéi se do weiderkommen, mee et ass elo, wou mir och musse proaktiv ginn an no vir kucken. D'Zon Helper. Null Euro stinn am Budget bei de Frais d'établissement vum PAP Helper. Null Euro. 2013 hate mer schonn do Frais d'etudes a Frais de recherche et de développement agesat. Am Budget 2013 sinn 140.000 Euro ageschriwwen an déi si reportéiert ginn. Wéi gesot, dëst Joer steet do null Euro dran. Den Här Buergermeeschter huet gesot, eng Zone mixte soll entstoen an d'Gemeng hëlleft. Jo, wéi hëlleft se a wéini hëlleft se? A wéini gëtt dat konkret? Wéi gesot, Aarbechtsplaze schafen ass och e wichtege Punkt an och do musse mer eis Käpp zesummestrecken a kucken, wéi mer dat maachen an offen doriwwer en Austausch maachen. Mir hunn eis als CSV Gedanke gemaach, wéi een an Zukunft Diddeleng ka gestalten. Et geet net duer, gutt Iddien ze hunn, et muss een e konkreete Planning maachen, et muss een e konkreeten Investitiouns- a Finanzéierungsvolumen definéieren, et muss ee bei all Projet d'Folgekäschte mat an d'Planung huelen, wéi et och an der Schäfferotserklärung steet. Et muss een och mol de roude Bic usetzen a soen, dat do ass zwar e coole Projet, mee momentan kënne mer eis deen net leeschten. Eis konkret Propos: Kommt mir loossen eis professionell begleeden, fir e Concept global des investissements futurs 2024-2028 auszeschafen. An zweetens, mir gesinn eis reegelméisseg an engem informelle Gemengerot, wou mer all déi Projeten, déi am Plan pluriannuel ganz genau drastinn, mol eng Kéier ganz genau auserneenhuelen an op hir Finanzéierbarkeet préiwen. Ech betounen, mir sollen dat an eisen Aen zesummen ugoen, an aller Transparenz an net just de Schäfferot hannert zouenen Dieren.

Vill Froe stinn op, fir vill Froe musse mer eng Léisung fannen. Wéi ass d'Zukunft mat dem Projet A Bëlleg? Wéi ass d'Zukunft mat de Schoulprojeten, Butschebuerg, Däich, Balzéng, alles steet am Budget. Jo, mee wéi wëlle mer dat finanzéieren, wéi maache mer dat, wéi maache mer de Phasage, wéi maache mer et mat der Phas zwee an dräi vun den Ateliers-communallen, wéi maache mer et mat de Stroosseninfrastrukturen, dem Déierenasyl, dem Erhale vun den industrielle Gebaier op Neischmelz, dem Logement. Wéi geet et weider mat de Syndikatsfraisen, och e Punkt, deen awer wichteg ass, och eng Kéier duerchgediskutéiert ze ginn. Am Joer 2020 hate mer 8,8 Milliounen Euro Syndikatsfraisen, 2023 hate mer 10,5 Milliounen Euro an 2024 si mer op 12,6 Milliounen Euro. Virun allem den TICE an de STEP hunn eng immens Hausse kritt. Beim STEP, do hate mer d'Leit hei sëtzen, déi hunn eis ganz genau erkläert, wou déi Hausse hierkënnt. Vum TICE, keng Anung, mir wëssen net, firwat déi 2 Milliounen Euro Hausse do sinn. Och dat ass e wichtege Punkt. Ech kommen op eis initial Iddi zeréckt. E gemeinsaamt Ausschaffe vum Budget duerch de gesamte Gemengerot. Mir allen nonzéng heibanne stinn um selwechten Informatiounslevel, mir allen nonzéng decidéieren, wéi et weidergeet, wéi eng Prioritéite mer eis setzen. Dann ass och keen de Buhmann, wa mer gemeinsam soen, hei, eis Finanze sinn net gutt, deen an dee Projet kënne mer eis elo net leeschten, soss maache mer ze vill Schold. Ech soen dat explizitt, ech hunn och elo keen ee Projet hei erwäänt, well soss heescht et erëm, d'CSV ass géint d'Kultur, d'CSV ass géint de Sport, d'CSV ass géint de Logement. Ech hunn explizitt keen ee Projet hei erwäänt, et geet drëm, dass mer zesumme kucken, wéi mer weiderkommen, wéi eis Prioritéite sinn. Dat Gemeinsaamt, dat wier glaubwürdeg no baussen, et géif weisen, dass mer allen nonzéng responsabel mat de Sue vun den Diddelenger Bierger ëmginn. Dat wär demokratesch, partnerschaftlech, respektvoll, innovativ an dobaussen och novollzéibar.

Vläit klappt et jo d'nächst Joer, mir si prett, fir matzeschaffen, mee esou blannemännerches weidermaachen, ouni Skrupel Scholde maachen, dat fanne mir net gutt. Mir mussen d'Brems zéien an den Tempo eraushuelen, eis nei orientéieren, nei opstellen an da besonnen a virsiichteg, mat klorem Zil, Diddeleng op de Schinnen halen an no vir bréngen. Wann Dir dat Wuert „ouni Skrupel" net gutt fannt, da sträiche mer dat, da widderhuelen ech nach eng Kéier: mee esou blannemännerches weidermaachen …

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et ass gesot an enregistréiert. Jo, gutt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ah, hutt Dir lo eppes fonnt? Ei, flott. Däerf ech weider schwätzen? Pardon, entschëllegt, ech sinn nach net fäerdeg. Also, mir mussen d'Brems zéien an den Tempo eraushuelen, eis nei orientéieren, nei opstellen an da besonnen a virsiichteg, mat klorem Zil Diddeleng op de Schinnen halen an no vir bréngen. Voilà, dat ass déi allgemeng Stellungnam. Dann hätt ech nach e puer eenzel Punkten. Ech hat elo scho gesot gehat, vum Développement économique a vun den Aarbechtsplazen ze schafen. Vläit kann den Här Buergermeeschter mer do hëllefen. Den CFL Multimodal, huet et geheescht, de PAG soll geännert ginn, fir en neie Logistik-Zenter ze plangen. Konkreet hunn ech elo do näischt fonnt, mee ech hunn awer par contre an der Press ze liese kritt, dass op Wolser, um Diddelenger Deel, eng Société JCR, Installation de production de froid et stockage de substances et mélanges classés virgesinn ass. Kënnt Dir eis vläit do Explikatioune ginn, wat bedeit dat? Sinn dat Aarbechtsplazen? Ech mengen, dat ass och ëmmer e wichtege Punkt. Idem. deen Dag drop stoung an der Zeitung, dass eng Firma Sam Hwa Steel S.A. och eng Stockageinstallatioun wëll maache mat „des tours aéro-refrigérantes" um Site Beetebuerg, wou se awer och Diddeleng impaktéiert. Vläit kënnt Der eis do nach d'Detailer ginn.

Dann, jo, Etüden. Etüden hu mer da ganz vill drastoen, 100.000 Euro fir d'Strategie de développement des sites scolaires de Dudelange, dat ass e bësselchen -

huelen ech un - esou änlech wéi dee Paper, dee mer gemaach haten, dee Konzept iwwert Diddeleng 2025, an dann hu mer och Études sur la vision de développement commercial de la ville de Dudelange, 100.000 Euro, Étude Ecole Balzeng, dat ass en heftege Montant, 1,7 Milliounen Euro. Dann hu mer eng Étude d'extension Maison Relais Butschebuerg, och 100.000 Euro, Étude Nouvelle Crèche A Bëlleg, 10.000 Euro, Étude Salle communautaire A Bëlleg 15.000 Euro, an 100.000 Euro Étude Complexe scolaire op Neischmelz. Voilà, dat si vill Etüden, déi ugeschriwwe sinn an, wéi gesot, eis Propos ass, kommt, mer maache mol eng global Etüd, e Konzept, wéi gi mer virun, a virun allem och, wéi finanzéiere mer dat, wat mer an d'A wëlle faassen. Eng Fro, Säit 200, Mise en conformité Aires de jeu et Cours des écoles, 200.000 Euro, do ass nach eng Kéier eis Fro, ass dat och konkreet fir zum Beispill am Haff vum Brill, wou soll e Fussballskäfeg gestalt ginn, ass deen och domadder virgesinn, well dat ass och nach eppes, wat d'Elterevertrieder nach eng Kéier u mech erugedroen hunn, wéi et da mat deem Projet ass fir 2024. Am Mee 2023 huet et geheescht, d'Devisë wieren nach net do. Dann Atelier, Phas 2, wat komesch ass, dat ass dat wat ech virdru schonn erwäänt hunn, mir haten en Total vu 24,9 Milliounen Euro votéiert, am PPF 2023 sinn awer 28 Milliounen Euro ugesot. Wat ass elo do reell? A wéi eng Richtung entwéckelt dat sech? Demolition Primavera, Masterplan, hate mer gesot fir déi ganz Atelieren, d'Demolitioun vu Primavera steet mat 600.000 Euro dran. Eis Fro: Wéi ass et do mat engem Masterplan, wat geschitt herno do op där Plaz, wéi ass et mam Besoin vum CGDIS-Gebai? Vläicht kënnt Der eis do nach konkreet soen, a wéi eng Richtung, dass Der do ugeducht hutt, dass dee Projet weiderentwéckelt soll ginn.

Dann och eng Fro zu de Präisser, Remise en état ancienne centrale électrique nouvelle école de danse, 250.000 Euro, do hate mer 75.800 Euro 2023 agesat an 175.000 Euro am Budget 2024, dat sinn déi 250.000 Euro, mee mir kruten dee Projet awer nach ni virgestallt. Do wär et awer vläit gutt, wann een och wéisst, ëm wat et do genau geet. Dann ass awer och ze erwänen, dass och déi Structure Container an deem Kontext, do war am Devis vun 2021 vu 4,2 Milliounen Euro rieds gaangen, 2023 stinn 3,9 Milliounen Euro dran a fir 2024 sinn 2,3 Milliounen Euro virgesinn. Dat ass awer en Depassement vun 2 Milliounen Euro. Dat wär awer och flott gewiescht, wann een dat awer och vläicht am Virfeld eng Kéier virgestallt kritt hätt, well dat ass awer e bëssen esou ënnergaangen, déi 2 Milliounen Euro, déi dat awer méi kaschte wäert, wéi et sollt. Dann, Säit 225, do steet, Projet S'coolbus, 10.000 Euro stoungen do dran an déi sollen och 2023 ausgi ginn. Wat dat genau ass, hu mer awer näischt gesinn. Gutt fanne mer, dass d'Schoulmedezin mat 870.000 Euro awer nach ëmmer hir Plaz als kommunale Service hei zu Diddeleng behält. D'Fro hat ech scho gestallt zum Concierge am Hall Polyvalent, en Traitement vu 65.000 Euro fir ee Joer. Firwat ass do net de Concierge vun der Équipe mobile dran? Dann, Säit 119, de Stockage entrepôt CFL multimodal, deen ass vun 147.000 Euro op 300.000 Euro eropgaang. Meng Fro: Fält dat ewech, wann eis Ateliere fäerdeg sinn? Am CGDIS, do ass eng Differenz vum Präis Säit 95, Participation de la ville au financement du corps CGDIS, do war e Montant autoriséiert gi vun 1,17 Milliounen Euro an am Rectifié sti 25.000 Euro manner an am Budget 2024 stinn awer erëm 131.000 Euro méi. Meng Fro ass just: Ass dat déi normal prozentual Entwéckelung, wéi dat virgesi war oder ass do nach iergendeppes Extras derbäikomm? Dann, de Budget participatif, Säit 71, do vermëssen ech d'Kontinuitéit. Do hate mer 2023 146.500 Euro an 2024 just 38.500 Euro. Do ass meng Fro: Wéi geet dat weider? Voilà, dat ass am Fong esou plus minus alles, wat ech wollt soen. Also, wéi gesot, ein Innehalten, Luft holen an dann eng Kéier déi ganz Saach zesummen op de Leescht huelen an - wéi gesot - nëmme Scholde maache fir déi nächst Generatiounen, dat fanne mer net gutt, dat fanne mer net cool. An ech denken, et muss een awer vläicht bei verschidde Saache mol eng Kéier de roude Bic uwenden an - wéi gesot - mir géifen eis freeën, wann dat géif am Konsens an am Zesumme mat eis alleguerten heibanne geschéien. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt Merci natierlech dem Här Poull an der ganzer Ekipp vun der Kontabilitéit, mee natierlech och deenen anere Servicer, déi hei matgewierkt hunn, fir de Budget opzestellen. Merci awer och un Iech, Schäfferot, déi eis dës lescht Woch dat Ganzt awer zimmlech digest presentéiert hutt. Et ass ëmmer erëm spannend, sech duerch déi zweehonnertdrësseg Säiten duerchzekucken an déi ze analyséieren. Et ass interessant ze gesinn, wou mer investéieren, wou manner investéiert gëtt. Ech wäert och am Numm hei vun deene Grénge virun allem e puer allgemeng Remarken zu der Finanzsituatioun hei zu Diddeleng maachen, op verschidde Ressorten agoen, déi ech meeschtens betreien, an awer och e puer spezifesch Froen an e puer allgemeng Remarke lassginn. Den Här Steffen wäert natierlech och duerno a senge weidere Beräicher Stellung huelen. Dank däser enormer an exzellenter Aarbecht kann een d'Recetten an d'Depensë kloer identifizéieren, mam Zil, d'Liewensqualitéit vun de Matbierger a Matbiergerinnen ze verbesseren. Als Oppositioun ass et eis awer wichteg, d'Ausgaben ze kontrolléieren a konstruktiv Verbesserungsvirschléi ze maachen.

E gutt ausgeglachene Budget ass essentiel fir d'finanziell Stabilitéit vun der Gemeng ze garantéieren an erlaabt weider natierlech der Gemeng, op déi spezifesch Besoinen ze reagéieren an och mëttel- a laangfristeg sech eng Visioun kënnen ze ginn a méi Planbarkeet kënnen ze kréien. Fir eis ass et natierlech wichteg, datt

eis Stad sech méi nohalteg a mat méi enger gudder Liewensqualitéit an déi Richtung weiderentwéckelt. D'Definitioun vun der Liewensqualitéit ass natierlech breet gefächert. Mir schwätzen awer hei vun de Servicer, vun de kuerze Weeër, méi bezuelbar Wunnengen, méi Zäit mat der Famill, méi Zäit mat Frënn, dofir Aarbechtsplazen no vun do, wou ee wunnt, a méi gesond allgemeng liewen, méi saisonal a méi lokal Produktioun konsuméieren. Ech kéint elo weiderfueren, mee dat ass elo net den Haaptsujet vu menger Ried. Dofir sinn am Fong d'Invester an de Logement, d'Educatioun, d'Gesondheet, d'ëffentlech Sécherheet, d'sozial a kulturell Programmer essentiel.
An d'Zukunft investéieren, bedeit natierlech awer och bauen, renovéieren an erneierbar Energien am ëffentlechen a private Secteur ze integréieren an ze fërderen. Mir mussen och déi Invester an déi allgemeng ëffentlech Infrastrukturen, wéi Stroossen, Waasserversuergung an Offallgestioun héichhalen, well dës sinn d'och d'Basis fir eng gesond an eng gutt Entwécklung vun der Wirtschaft a fir de wirtschaftleche Wuesstum a vun der Konnektivitéit vun den Awunner. Eisen Emprunt läit bei 68 Milliounen Euro, wat relativ héich ass, jo, mee mir freeën eis awer, datt d'Gemeng trotzdeem a wichteg Projeten investéiert. Ech hu mer hei erlaabt, den Delta ze kucken tëschent Dépenses ordinaires votées, do ware mer bei 121 Milliounen Euro an d'Dépenses réctifiées 123 Milliounen Euro. Anerersäits, bei den Dépenses extraordinaires votées, do si mer bei 70 Milliounen Euro an am Réctifié bei 64 Milliounen Euro. Ech muss hei soen, wierklech Chapeau, well den Delta ass manner wéi zéng Prozent, dat heescht dat, wat mir zesummen hei ausschaffen an déi Projeten, déi decidéiert ginn, datt mer se solle bauen, och relativ gutt respektéiert gëtt am Sënn vun, et si keng eidel Wierder, mee mir droen alleguerten dozou bäi natierlech.

Ech komme dann zu engem vun eise Käertheemaen, nämlech de Logement an domadder och de bezuelbare Wunnraum. Mir brauche vill abordabel Wunnengen an nei Wunnalternativen, egal ënnert wéi enger Wunnform. Mir schwätzen oft elo an der Lescht vum Tiny House, dat ass mëttlerweil esou eng ganz modern. Wunnkooperative ginn awer manner oft ugeschwat, wat awer grad esou wichteg ass wéi Wunngemeinschaften a partizipativ Wunnengen. Fir jiddereen, deen hei wëllt zu Diddeleng wunne bleiwen, sief et déi jonk oder eeler Leit, ass et wichteg, datt mer verschidde Wunnforme kënnen hunn, wat d'Finanzement ugeet, awer a och wat d'Topologie an d'Typologie vun de Wunnengen ugeet. Et geet och alles an déi richteg Richtung, dat wëlle mer awer op dëse Plaz ënnersträichen, leider net séier genuch, an ech schwätzen elo definitiv net vun Neischmelz, well do wësse mer, datt mer d'Aarbechten ugefaangen hunn a mir wëssen, datt mer hei op engem Areal sinn, wat muss fir d'éischt depolluéiert ginn. Dat heescht, mir schwätzen hei wierklech vu konkreete Projeten, déi kënne méi séier ëmgesat ginn. 18 Prozent vun der Bevëlkerung riskéieren an d'Aarmut ze falen. Dofir bleiwe mir der Meenung, datt d'Gemeng Diddeleng kann a soll vill méi proaktiv reagéieren a vill méi Wunnenge selwer kafen, fir déi kënnen zu abordabele Präisser ze verlounen. Mir sinn a multipele Krisen, dat ass sécher. D'Tauxe sinn immens héich am Moment, mee et ass awer trotzdeem dee richtege Moment, well leider ass de Marché vun der Demande a vun der Offer esou, datt wann d'Tauxen an d'Luucht ginn, ginn d'Präisser automatesch erof. Dofir eisen Incentive, d'Gemeng soll e Promoteur sinn, Initiator vu Projeten an och Bauhär spillen. Verstitt mech wierklech nach eng Kéier net falsch, well d'lescht Joer, jo, war et net esou ganz kloer, hunn ech d'Gefill, dofir wannechgelift net falsch verstoen. Mir begréissen all Efforten, déi hei gemaach ginn, wat de Logement ugeet, mee mir fannen, datt de Problem soll méi prioriséiert ginn. Et kann een nach ëmmer dee selwechte Constat wéi d'lescht Joer maachen, datt immens vill, also duerch d'Bautekommissioun gesinn ech dat, datt ganz vill Chambre-meubléë geschaf ginn.

Wat kann een doraus als Konklusioun zéien? Engersäits, datt natierlech eng héich Demande do ass, mee anerersäits heescht dat awer och leider, datt d'Leit meeschtens sech näischt anescht kënne leeschten an et ass esou, datt een an deem Fall vun de Vulnerabele profitéiert, wann ee gesäit, wéi vill esou eng Kummer kascht. Hei kann ech - wéi gesot - just hoffen, wéi ech bis elo gesot hunn, datt mer dat Ganzt méi proaktiv uginn an nach méi Wunnenge realiséieren a schafen. An en anere wichtege Punkt fir d'Gemeng: Mir hoffe wierklech, datt d'Gemeng hir Aufgab erleedegt, andeems d'Caféskummeren an d'Chambre-muebléen a puncto Salubritéitskrittären och reegelméisseg kontrolléiert ginn. D'Grondsteier ass an der leschter Legislaturperiod vum Finanzministère an och vum Inneministère net reforméiert ginn. Mir hoffen, datt dat awer elo geschwë wäert geschéien. Mir haten och eng Motioun hei zu der Grondsteier am Gemengerot, déi d'Majoritéit net matgedroen huet. D'Gemeng brauch awer engersäits natierlech och méi Recetten, mee méi wichteg wéi dat ass, d'Leit ze encouragéieren a virun allem endlech mol déi Grondsteier op de reelle Wäert vum Terrain eropzesetzen. Am Budget ass d'Recette natierlech vun der Grondsteier just eng Dréps op de waarme Steen. Weider am Budget, bei den Dépense-extraordinairen, dat do ass elo méi konkret zu den Zuelen, op der Säit 212 am Budget réctifié hu mir d'Acquisitioun vun den Terraine fir dëst Joer op 1 Millioun Euro gesat, wat natierlech begréissenswäert ass, mee fir d'nächst Joer gesi mer just eng hallef Millioun Euro. A wat nach méi bedauerlech ass, mir haten 2 Milliounen Euro fir Acquisition immeubles bâtis, an ech hu mat Schrecke wierklech constatéiert, datt d'nächst Joer null Euro virgesi sinn. Ass dat gewollt, ass dat op anere Plaze vläit erëmzefannen, hunn ech vläit falsch verstanen, mee fir Acquisition immeubles bâtis sinn null Euro virgesinn, fir d'nächst Joer.

Kuerz och zu de Servicer, dat ass an de Rubrik 612 Logement, remunération des salariés, hunn ech gesinn, datt mer 80.000 Euro manner am Réctifié haten, a wat ass och d'Erklärung heifir? Hate mir wëlles, vläit am Service Logement méi Leit ze engagéieren an herno awer net. Ass net genuch Demande oder ass vläit net genuch kommunizéiert, datt mer de Service hunn. Dat si Froen, déi awer legitim sinn, fir eng Kéier ënner d'Lupp geholl ze ginn. Kuerz zum Patrimoine: Hei wier e gesonde Mix wënschtenswäert, wat d'Schafe vum Logementen natierlech ugeet zwëschent klasséiert Gebaier, klasséiert Gebaier vum INPA a vun der Gemeng, an natierlech den Neibau, do wou mer wierklech en eidelen Terrain hunn an einfach kënnen drop bauen.

Schlussendlech soll d'Gemeng wierklech eng Virbildfunktioun hunn, fir eeben d'Gebaier net ofzerappen, mee ze restauréieren, energeetesch ze verbesseren an déi als Logement kënne weiderzeginn. Ech komme kuerz zu der energeetescher Sanéierung. E Schratt natierlech an d'nohalteg Entwécklung wier dat. Sech eng geziilt Strategie ze ginn, fir ëffentlech a privat Gebaier energeetesch ze verbesseren, ass wichteg an déi ass gutt, mee et ass wichteg awer och, datt mer eis den néidege Budget ginn, fir Energiekooperative kënnen ze grënnen, déi déi energeetesch Transitioun fir jiddereen accessibel maachen, sensibiliséieren an d'Benotzung vun erneierbaren Energien encouragéieren a propper gréng Energieprojete fërderen. Hei maachen ech och nach eng kleng Klammer op an zou. Geothermie op Neischmelz ass natierlech en interessante Pilotprojet a mir verfollegen dat mat ganze groussen Intressi.

Eis ass et och opgefall, datt de Service écologique, also dat bekannt Gréngt Haus just zwielef Demanden hat, fir Energieberodung ze subventionéieren. Dat ass natierlech extreem bedauerlech, mee et muss een hei seng Conclusiounen zéien a wat kann een doraus schléissen? Ma engersäits, datt net genuch kommunizéiert gëtt, vläit fir vu fossillen Heizstoffer ewechzekommen, an zweetens, datt en plus déi Demarche subventionéiert kéint ginn. Verbesserungsvirschléi, mee dat hunn ech schonn, viru gefillten zéng Joer gesot, wou ech bei mer Energy als Energieberoderin geschafft hunn, et wier interessant, wierklech bei der Demande vun der Baugeneemegung d'Leit ze sensibiliséieren, well u sech brauch een eng Baugeneemegung wierklech fir alles, sief et fir Fotovoltaik ze installéieren, sief et fir Innovatiounsaarbechten oder esouguer, wann ee just wëllt d'Fënstere wiesselen, brauch een eng Baugeneemegung an et kascht jo wierklech näischt, fir dee Moment där Persoun ze soen, hei, du bass eligibel fir Subventiounen ze kréien, wann s de vläit drun denks, an et wier gutt, drun ze denken, déng al Chaudière, déi mat Masutt oder mat Gas fonctionéiert, op erneierbar Energie ëmzesetzen.
Hei ass och Remuneratioun vun de Salairen, dat huet eis och e bëssi erschreckt an dat géife mer gäre verstoen. Et ware 428.000 Euro virgesinn, bon, dat ass vläit en Detail, mee op jiddwer Fall fir d'nächst Joer hu mer vill manner virgesinn. Mir sinn awer a Klimakrisen, mir zilen op d'Klimaneutralitéit an hei baue mir am Service of. Iwwerall ginn d'Remuneratiounen eropgesat, ausser am Service écologique.

Mir hunn niewent dem Klimapakt och natierlech den Naturpakt ze erleedegen, och wa mer hei e Beroder zur Säit stoen hunn. An och wa mer am Klimapakt scho Gold erreecht hunn, wollte mir awer wëssen, ob mer eis zefridde ginn, am Naturpakt just bei der Basis-Zertifizéierung ze bleiwen? Elo e positive Punkt. No vill Efforten natierlech am Klimapakt, hu mir et gepackt, weesentlech bei wuessender Awunnerunzuel den $CO_2$-Ausstouss awer erofzesetzen. An hei ass et legitim, datt mer eng Analys maachen, an dat wësst Dir bestëmmt, Dir kënnt eis et vläicht och soen, wéi eng Moossnamen hunn hei wierklech am meeschte gegraff, wéi eng effizient a vläit kann een déi och als Best Practice huelen, fir eeben och am Naturpakt besser Punkten ze kréien. Eng wichteg Fro, an da schléissen ech de Sujet hei of, ass: Wéi eng Zousazzertifizéierunge striewe mir awer hei un? Ech soen elo Stéchwuert, et gëtt Zertifizéierunge fir Loftqualitéit, Economie circulaire, Klimaupassungen, dat si lauter interessant Saachen, wou mer kéinten och d'Lat nach eng Kéier méi héich setzen an a Richtung Onofhängegkeet an natierlech manner Klimaimpakt.
Ech kommen zum Offall. Wann ech mech gutt erënneren, hat ech och op dëser Plaz gesot a gefrot firwat mer net am ëffentleche Raum Recyclingspoubellen hunn. Also e Beispill am Auchan, wat e Geschäft ass, wann een dohinner geet, huet een ee Back mat véier verschidde Backen, wou ee kann den Tri maachen. Ech verstinn net, firwat eng Gemeng, sou wéi eis Gemeng, dat net hikritt, also doheem, wierklech guer Reproche, et kann een immens gutt den Tri maachen, Poubelle fir Glas, Kompost, etcetera, dat fonctionéiert och pico bello, mee am ëffentleche Raum geheit Dir alles trotzdeem an eng eenzeg Poubelle. Mir mussen d'Leit awer hei encouragéieren a pousséieren, fir verantwortlech ze handelen, zemools a puncto Offallmanagement. Wa mir mam gudde Beispill virginn am ëffentleche Raum, da mécht et och vläicht Tilt bei deenen, déi doheem dat nach net maachen. Ech hunn am Budget näischt gesinn, wat virgesinn ass fir esou Poubellen, also den Tri op der ëffentlecher Plaz a vläit och de Budget fir d'Kommunikatioun, wat den Tri ugeet. Am Budget awer konkreet hu mer gesinn, beim Zero Waste waren 13.000 Euro virgesinn, an et sinn awer just 2.000 Euro ausbezuelt ginn. Firwat den Delta, firwat ass do net méi geschitt? Dat kënnt Dir eis vläit awer duerno erklären.

Ech kommen da kuerz zu der urbaner Entwécklung. Fir d'éischt mam Commerce. Ech fänken u mat eisem Duerfkär. Mir si sécherlech net déi eenzeg Gemeng, déi Problemer huet, de Commerce am Duerfkär ze halen an ze dynamiséieren. Nach eng Kéier, wannechgelift net falsch verstoen, well et geschitt scho vill a mir hunn e gudde City Manager, dee bestëmmt alles dofir mécht, fir datt et och klappt, mee mir brauche vläicht awer aner Atouten, fir méi Leit unzezéien hei op Diddeleng, wat de Commerce natierlech ugeet a wat d'Kreatioun vum Commerce ugeet, datt natierlech och d'Leit hei akafe kommen. Mir sinn der Meenung, datt mir als Gemeng musse weider Lokaler ulounen an déi zu engem méi attraktive Präis ze verlounen an esou Alternativen an innovative Geschäftsiddien eng Chance ze ginn. Zum Beispill, wann een eng Iddi braucht, e Repair Shop. Zu der nohalteger Entwécklung gehéiert awer Gréngs an de Stied, ech wäert elo net méi an den Detail hei agoen, mee mir haten awer konkreet hei e Projet presentéiert, wat Tiny Forest, net Tiny House, Tiny Forest, heescht. An effektiv ware mir frou ze gesinn, am Budget 2023 ware 6.000 Euro heifir virgesinn. Et ass awer leider näischt geschitt. Elo gesäit een awer, datt fir 2024 5.000 Euro virgesi sinn a mir géifen eis freeën, wann do elo eppes géing kommen. Kënnt elo eppes, eng konkret Fro, hutt Dir eppes geplangt? Dat wier interessant ze wëssen.

Zu der Biergerbedeelegung. Et ass wichteg, datt Investitiounsprioritéiten a Consultatioune mat de Bierger festgehale ginn, andeems de spezifesche Besoinen an de Bedenke vun den Awunner Rechnung gedroe gëtt.
Eng partizipativ Approche fërdert d'Engagement vun de Leit a garantéiert, datt d'Investitiounen den Erwaardungen an de Besoine vun der Bevëlkerung entspriechen.

Hei erëm eng kleng Klammer op: Et ware véierzéng motivéiert Matbierger a Matbiergerinnen, déi sech ugemellt hunn, fir am Klimapakt-Team matzeschaffen, wuelwëssend, ouni Jetonen, dat heescht benevole, an dann ass, eisen Informatiounen no, wäre sechs, respektiv siwe Méint laang näischt geschitt. Keng Versammlung huet stattfonnt, ouni Erklärung. Ech ka mer virstellen, datt dat Frust ausléist bei de Leit, datt d'Dynamik do verluer geet an datt déi Leit, déi sech do gemellt hunn, vläicht och net méi erëmkommen.

Eis PAPe mussen och méi ëmweltbewosst sinn, méi Gréngfläche schützen, nei erschafen, natierlech Ressourcen erhalen, lokal Ekosystemer restauréieren, manner Versigelung a beim Bau vun ëffentleche Projeten de Life cycle kucken - just als Erklärung, dat sinn dann d'Käschte wärend der Liewensdauer, Produktioun an Ofbau vum Materialien, déi ugewant ginn an och de Footprint fir lokal Produktioun betruechten. Mir mussen déi Resilienz géint de Klimawandel an d'Gemengeplanung integréieren. Bei der Planung musse mir och d'Konsequenze vun der Klimakris betruechten, wéi zum Beispill Iwwerschwemmungen, Bëschbrennen, Stierm an esou weider. An esou investéiere mir natierlech och an d'Zukunft. Begréisse wëlle mir awer och op dëser Plaz de Projet, deen am Park Le'h mat Bewegungsmelder de Couloir fir Mobilité douce soll beliichten. Mir hoffen, datt dës Approche an Zukunft op weidere Plaze ka weider erweidert ginn. Mir fuerderen och scho méi laang, datt onnéideg Luucht brenne loosse soll minimiséiert ginn, wéinst der Biodiversitéit natierlech op där enger Säit, mee awer och wéinst Energiespuermoossnamen op där anerer Säit. An do hu mer nogekuckt, et steet och an der Circulaire vum Ministère, datt déi Benotzung vun der Liichtdauer am Fong net limitéiert ass an et kéint ee se méi laang uwennen, wéi just saisonal. Dat heescht, als Conclusioun kann ee soen, datt een d'Stroossebeliichtung méi laang kann ausloossen. Fir den Éclairage public am Budget, gesäit een, datt fir den Entretien 20.000 Euro manner virgesi si fir d'nächst Joer. U wat leit dat? Mir begréissen awer natierlech de Budget, dee virgesäit, weider den Éclairage public op LED ëmzesetzen, mee eeben déi 20.000 Euro, déi mer manner fir d'nächst Joer virgesinn, also, mir konnten eis dat net erklären. Duerch esou Strategien - dat ass souzesoen eng Conclusioun zum Klima - kann eis Gemeng och méi nohalteg ginn, d'Liewensqualitéit vun den Awunner ka verbessert ginn a mir kéinte laangfristeg eis natierlech Ressourcen erhalen. Et ass essentiel, datt dës Invester unhand vun enger partizipativer Bedeelegung ëmgesat ginn. An hei soen ech, et muss ee mat den Awunner natierlech schwätzen, mat de lokal Geschäfter, Entreprisen, Industrien an aner Acteuren, déi heivunner betraff sinn.

De Vivre ensemble. Beim Sujet Vivre ensemble ass et eis wichteg, den néidegen Invest an d'sozial Servicer ze hunn, engersäits wat d'Ressourcen natierlech ugeet, mee anersäits och fir sozial Hëllefsprogrammer. Mir hunn hei e konkreet Beispill, dat vum Service Senior plus, an dee soll an eisen Ae méi bekannt gemaach ginn. D'Zil muss sinn, déi sozial Kohäsioun ze stäerken an déi vulnerabel Populatioun ze ënnerstëtzen. Beim Club Senior hate mer gesinn, datt virun zwee Joer mir 300 Euro virgesinn haten, 2023 waren 1.500 Euro a 2024 och erëm 1.500 Euro. Eis Fro hei wier, ze wëssen, wéi oft dëse Service benotzt gouf? Kultur an Eventer. Diddeleng ass bekannt fir seng Fester, Festivaller, Alternative Maart, Kiermes, an dëst ass jo ganz am Sënn vum Vivre ensemble a vun eiser Gesellschaft. Eis kulturell Offer ass national bekannt, esouguer vläit international, well mir hu vill Leit, déi iwwert d'Grenz fueren, fir op Diddeleng ze kommen, an dorop si mer natierlech ganz houfreg a mir kënne just soen, maacht weider esou, wannechgelift. Dëst ass natierlech och eng Stimulatioun vun der Inclusioun a fërdert d'Diversitéit, d'Gläichheet an d'Wuelbefanne vun allen Awunner. Eng kleng Nota bene. Inklusioun fërdere muss e kontinuéierlecht an integratiivt Zil sinn an alle Facette vum gemeinsame Gemengeliewen. Mir wëllen awer gären iwwert d'Usina nach kuerz schwätzen. Dat war natierlech super. Ech mengen, mir ware vläit alleguerten do, also den Yves an ech waren déi zwee Deeg do. Et war natierlech eng super Ambiance. Et konnt een awer direkt gesinn, datt de Samschden net dat selwecht war, wat d'Leit ugeet ewéi sonndes. Also, sonndes ware vill manner Leit do an et kann ee soen, datt den zweeten Dag vum Usina net immens rentabel war. Dofir hei einfach en Incentive.

Engersäits kann ee vläit mam Kulturministère schonn am Viraus kucken, wéi eng Konditiounen ee kann oder soll erfëllen, fir Subventiounen ze kréien, well et war effektiv esou, datt mer näischt vum Kulturministère kruten, an anersäits vläit kéint een sech iwwerleeën, fir de super Line-up vun deenen zwee Deeg an engem Dag ze maachen. Et ass en Experiment, also Usina ass relativ nei, dat hei wäert elo dat drëtt Joer sinn. Mir sinn och immens frou, datt dat nach ka stattfannen, mee mir kéinten och vläit kucken, fir an Zukunft dat weiderzeféieren, well et ass effektiv um Site vum Fonds du logement, wou deemnächst awer Wunnenge wäerte gebaut ginn op Neischmelz an et wier interessant, dat wéi gesot weiderzeféieren, mee et wier awer interessant fir ze kucken, ob mer solle weider zwee Deeg maachen oder vläit een Dag. Mir hunn och gesinn, datt en neie Festival Jazz Machine am Plangen ass, do hat ech elo perséinlech keng weider Informatioune fonnt, et wier vläit interessant, e puer Saache gewuer ze ginn.

Ofschléissend zu den allgemenge Remarken ass den Depassement vum Budget. Domadder hu mer allkéiers erëm ze kämpfen an ze erklären an ze verstoen, an dofir wollt ech mol e puer Incentives ginn, wéi mer dat vläit kéinten an de Grëff kréien. Also, ganz oft hu mir hei missten Depassementer am Gemenge matdroen. Natierlech sinn extern Facteure wéi Krich, Pandemie, Inflatioun net planbar, mee et ass awer wichteg, dës finanziell Konsequenzen esou gutt wéi méiglech ze minimiséieren. Mir musse vläit aneschters plangen, méi detailléiert plangen a méi virsiichteg verschidden direkt an indirekt Käschtenaspekter identifizéieren. Kommend aus dem Bausecteur weess ech, datt et wierklech guer net einfach ass an ech wëll wierklech, datt dat heiten net soll e Reproche sinn un déi zoustänneg Servicer. Mee ech probéieren hei, wéi gesot, Léisungen ze fannen a ze proposéieren. Mir kéinten eis am initiale Budget eng Reserv ginn, fir méiglech onerwaart Eventer kënne Rechnung ze droen an esou déi onnéideg Käschten ze decken, ouni den Haaptbudget ze komprometéieren. Eng weider Pist wier, e reegelméissege Käschtemonito-

ring ze hunn, fir séier ze intervenéieren an Upassungen ze maachen, wann néideg. Eis ass et awer och wichteg, sécherzestellen, datt mir eng Transparenz am Kommunikatiounsbudget hunn an dat mat allen Acteuren, fir eebe Vertrauen an eng besser Zesummenaarbecht kënnen opzebauen. Nach e leschte Punkt heizou: Et wier och interessant, méi oft eng Finanzkommissioun anzeberuffen, fir eeben de Suivi kënne méi propper ze maachen. Ech schléissen den allgemengen Deel heimat of a komme wierklech konkret zu e puer Finanzementsfroen. Et konnt een am Budget gesinn, op der Säit 78, fir Egalité des chances, Mois du respect, hate mir dëst Joer 25.000 Euro virgesinn, also fir de Mois du respect, a fir d'nächst Joer ass de ganze Budget op Null gesat ginn. Firwat? Hate mer kee Succès dëst Joer? Wat sinn d'Iwwerleeungen dobäi?

Beim Depassement extraordinaire hate mir e PAP Neischmelz, do ware 25.000 Euro votéiert ginn an et ass och näischt geschitt. Wat ass de Grond heifir? Beim grénge Stroum, wéi ass hei den Impakt? Dat sinn elo keng finanziell Zuelen, mee wéi ass hei den Impakt op den $CO_2$-Emissiounen, also grénge Stroum? An da kommen ech zu de Green Events. D'Dépenses ordinaires op der Säit 111, do ware fir d'Green Events 10.000 Euro virgesinn an et si just 1.000 Euro effektiv bezuelt ginn? Wat ass hei de Grond? Wéi vill Green Events hate mir dëst Joer a sinn der vläit méi geplangt, well fir 2024 hu mer erfreelecherweis gesinn, datt erëm 10.000 Euro virgesi sinn. Wéi vill Veräiner hunn déi Charta vu Green Events ënnerschriwwen! Kréien déi och eng Berodung? Et sinn hei ronn siwwenzeg Mesurë virgesinn, mee et muss net ëmmer heeschen, datt déi Mesurë sollen deier sinn, fir kënnen nohalteg ze feieren, zemools elo an enger Zäit, déi awer e bësse méi restriktiv ass ewéi dat wat mer bis elo kennen. Mir géifen an deem Sënn awer och fuerderen, datt d'Veräiner méi konsequent berode ginn a méi héich Subventioune kréien, wann se matmaachen.

De leschte Punkt ass Aide au capital, fonds de services pacte climat. Hei ass eng Etude conceptuelle à l'adaptation du changement climatique. Fir 2023 ware 70.000 Euro am Budget virgesinn, am Rectifié, a fir d'nächst Joer ass dat op Null gesat. Dat kann och eng Suite logique sinn, natierlech, vun deem Ganzen, wann et ofgeschloss ass. An dat wier eis Fro: Ass dat och ofgeschloss, déi Etüd? Wou fënnt een d'Resultater? A sinn déi Resultater och allgemeng fir d'Ëffentlechkeet zougänglech? Voilà, dat wieren e puer Froen. Dat wier och meng Stellungnam. Merci fir d'Nolauschteren. Merci fir d'Äntwerten, elo scho gesot. An ech ginn dann d'Wuert weider un den Här Buergermeeschter.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova, fir Är Aschätzung. Merci och fir d'Wuert an ech ginn et dann direkt weider un den nächste Riedner, fir datt dann och d'LSAP kann zu Wuert kommen.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. An dëser dach ugespaanter Zäit vu Polykrisen, wou d'Repercussiounen op eise Budget net ausbleiwen, ass trotz allem den Investissementsvolume fir 2024 mat 64,5 Millionen Euro ganz héich. Consoli-



datioun, keen Ofbau, kee Stëllstand, gestalten, net verwalten, ass d'Devise vum Schäfferot. Dat heescht, eis Stad weiderhin ze moderniséieren an eng laangfristeg Liewensqualitéit ofzesécheren. Vun de 64,5 Milliounen Euro fléissen 78% Prozent a Projeten, déi scho lafen, déi an der Prozedur sinn, a ganzer 22% Prozent an nei Projete mat Fokus op d'Schoul, Maison Relais, abordabele Wunnengsbau, Sport a Stroossebau. Wéi gewinnt, wäert ech elo meng Stellungnam huelen zur Schoul an zum Wunnengsbau. An d'Schoul, d'Maison Relais, also fir an zum Wuel vun eise Kanner, gëtt nach wie vor vill investéiert. Esou fléissen och 2024 gréisser Zommen, notamment duerch d'Weiderféiere vun der Mise en conformité vum Brill, mat 4,3 Milliounen Euro, grad wéi eng hallef Millioun an de Projet ronderëm d'Fassade thermique a Lift, Gaffelt, wou d'Aarbechten 2024 normalerweis wäerten ofgeschloss ginn. Hei stinn och eng Partie Frais d'étude am Extraordinaire, notamment 1 Millioun Euro fir déi nei Schoul a Maison Relais Balzeng. D'Konzept an d'Gréisst stinn, eng flott Presentatioun zum Avant-projet sommaire fir déi Leit, déi ronderëm d'Schoul wunnen, huet stattfonnt. Gudde Suggestiounen a Suerge vun de Leit sinn a wäert Rechnung gedroe gi bei der Ausschaffung vun de Pläng. Weider 200.000 Euro si fir Frais d'étude ronderëm d'Mise en conformité an den Ausbau vun der Schoul a Maison Relais Däich virgesinn.

Och si weider 100.000 Euro fir Frais d'étude de faisabilité fir de Complexe scolaire Neischmelz virgesinn. Mir wëssen och, wann et dach laang dauert, bis do eppes sech deet, muss een awer mat Zäiten ufänken, eng Planung, virzegesinn, soss kënnt een herno an d'Bedrouille. E Montant vu 400.000 Euro steet am Budget fir d'Blockhütt an der Waldschoul, e ganz flotte Projet, dëst am Kader vum Projet Wildnispedagogik. Dëse Projet kennt en immense Succès bei Schoul a Maison Relais. Mir hate bei der Schoulorganisatioun héieren, dass mëttlerweil véier Leit intervenéieren, zwee Educateuren an zwou Léierinnen, esou dass pro Woch méi Klassen, respektiv Gruppe vun der Maison Relais kënnen do passéieren. Nun, an der schlechter Zäit, wéi mer se elo an de leschten zwee Méint erlieft hunn, wou et gréisstendeels all Dag riicht era gereent huet, kann een net nëmme just dobausse verbréngen. Dofir mécht d'Blockhütt Sënn. Niewent engem Klassesall kann och elo gläichzäiteg dës Raimlechkeet genotzt ginn. Schued, datt d'Oplage vun der Sécurité an der Fonction publique esou streng sinn a keng Ausnamen zouloossen, wat dann och de Projet esou deier mécht. Flott ass awer och, dass d'Blockhütt vum Fierschter gréisstendeels mat Holz aus eise Bëscher gebaut gëtt.

Ënnert dem Motto Méi Natur a Schoul, Schoulhäff a Spillplazen hu mer d'lescht Woch de Budget fir en naturnoe Schoulhaff um Strutzbierg A, fir dee mer e Präis vum Environnement kruten, gestëmmt, esou dass dës Aarbechte 2024 kënnen ausgefouert ginn. Och de Schoulhaff vum Wolkeschdall gëtt an dësem Zesummenhang a Sënn nei amenagéiert. D'Digitalisatioun vun eise Schoule geet och weider. An de leschten dräi Joren ass heiranner ganz vill investéiert ginn, notamment an de Wi-Fi an interaktiv Tafelen an de Klasse vum Cycle 4. All Klass huet en Televisiounsecran kritt, I-Pads fir d'Kanner, aktuell si mer op sechshonnert Stéck, a Laptoppe fir d'Léierpersonal si kaf ginn. Weider 110.000 Euro stinn am Budget fir dëse Prozess weiderzedreiwen. Ech hunn et alljoers gesot a widderhuele mech och dëst Joer, dass all eis Gebaier an Alentouren an engem gudden Zoustand sinn, well se reegelméisseg renovéiert a gutt ënnerhale ginn. Esou stinn dëst Joer och net manner wéi 600.000 Euro aleng fir Schoulgebaier an nach iwwer 200.000 Euro fir d'Maison Relaisen a gutt 50.000 Euro fir d'Crèchen am Ordinaire fir Reparaturen, Entretiens- a Maintenance-Kontrakter am Budget. Zum SEA. Och hei ginn d'Besoinen un neie Strukturen erop. Esou fléissen 100.000 Euro an d'Frais d'étude Butschebuerg, wou eng nei Maison Relais mat Précoce muss gebaut ginn. D'Lokalitéiten am Keller ginn net méi duer, fir d'Demande ofzedecken, an erlaben och keng spezifesch Funktiounsraim méi. Weider 100.000 Euro si virgesi fir Frais d'étude fir eng Crèche am Quartier A Bëlleg.

De Service SEA wiisst stänneg, mëttlerweil schaffen 202 Persounen an dësem Service an deementspriechend wuessen och d'Fonctionnementskäschten. Am Ordinaire gesi mer en Zouwuess vun iwwer 1,5 Milliounen Euro op 17,95 Milliounen Euro. Natierlech maachen d'Personalkäschten de Gros aus, dëst bedéngt duerch déi dräi Indextranchen, déi 2023 erfall sinn, grad wéi d'Augmentatioun vun de Sozialkäschten an d'Part patronale. Eng weider Augmentatioun, déi an d'A fält, ass och de Budget vun der Restauratioun, deen ëm 340.000 Euro par rapport zu 2023 klëmmt. Mir wëssen, dass de Menüspräis bei all Indextranche un d'Echelle mobile des salaires adaptéiert gëtt. Onofhängeg dovu kann et zu enger Hausse kommen duerch den Indice général des produits alimentaires. Sou ass den aktuelle Präis pro Menü elo iwwer 7 Euro. Et muss een och wëssen, dass eise Bordereau op dem Cahier de charges vum SICONA-Projet Natur genéissen - Mir iesse regional, bio a fair, opgebaut ass, an deem Rechnung droe muss, dat heescht op d'mannst 30% Bioprodukter, Fleesch, Uebst a Geméis musse verschafft ginn, wat natierlech vu virera méi deier ass. Da kommen och nach Kanner bäi. Esou wäert, zum Beispill duerch den Agrément Gaffelt ëm 64 Kanner an d'Luucht goen, dëst duerch verschidden Ëmstrukturéieren am Gebai. Vu dass de Concierge a Pensioun gaangen ass an d'Déngschtwunneng net méi besat gëtt, gëtt elo d'Garage zu engem Büro fir den SEA ëmgebaut, wat erlaabt, de besteeënde Büro liicht ëmzebauen an esou do Kanner kënnen zougelooss ginn. Zousätzlech huet e Aarbechtsgrupp Schoul-SEA Raim definéiert fir Schoul a Maison Relais. Esou iwwerhëlt den SEA déi véier Klassesäll um éischte Stack zur Säit Gaffelter Strooss an huet fortan alles beieneen am viischten Deel vum Gebai. Vu dass de Precoce dobäi ass, ass de Klassesall Precoce an engems de Sall fir d'Betreiung no der Schoul. Dëst verhënnert d'Gerenns duerch d'Gebai a bitt de Virdeel, an de Vakanzen de Schoultrakt ze spären. All déi néideg Aarbechte fir dës Ëmstrukturéierunge si mat 300.000 Euro chiffréiert.

Voilà, dann nach e Bléck op de Logement. Mir sinn an enger Logementskris, dat wësse mer all heibannen. E Bauindex, deen an deenen zwee leschte Jore kräfteg eropgaangen ass an héich Zënsen, hunn de Bau a Verkaf vu Wunnengen zum Erleeë bruecht. D'Leit, déi kee Prêt accordéiert kruten, gi lounen, wat mat sech bruecht huet, dass d'Loyeren därmoossen ugezu sinn. Déi Vulnerabel fannen näischt méi ausser erofgekommen, zum Deel insaluber Zëmmeren a Wunnengen, wou se sech net trauen, eppes ze soen, well se Angscht hunn, och dës ze verléieren. Natierlech kënnt d'Gemeng hirem Optrag no, d'Cafészëmmere reegelméisseg ze kontrolléieren, och aner insaluber Wunnengen, déi a privaten Haiser leien, ginn natierlech och kontrolléiert, esou bal natierlech d'Leit sech mellen. Mir hunn d'lescht Woch an der Presentatioun vum Rapport d'activité vun 2022 vum Office social, an déi Tendenz confirméiert sech 2023, dass de Logement déi Prestatioun ass, wou mer als Office social déi meeschte Secourse ginn. Dobäi kënnt, dass den abordabele Wunnengsbau landeswäit net nokënnt, déi grouss Demande och nëmmen deelweis ofzedecken.

Eis Gemeng huet eng ganz Partie Projete fir dës Legislaturperiod definéiert. 2020-2024 fléisse schonn insgesamt 11.260.000 Euro an dës Projeten. De Bau an der Rue Nic Bodry, wou véier Haiser mat Logement intégré an zwou Bi-familialle mat jeeweils enger Wunneng fir Persoune mat beschränkter Mobilitéit, huet ugefaangen. Hei hu mer tëschent aacht bis zwielef Unitéiten, jee nodeem, wéi d'Haiser beluecht ginn. 3.650.000 Euro si virgesi fir 2024. Weiderhi stinn 370.000 Euro fir Frais d'étude an 200.000 Euro fir éischt Aarbechte fir de Site Eecherdall, wou siwen Unitéite wäerte kënne gebaut ginn. 200.000 Euro fir Frais d'étude an 100.000 Euro fir éischt Aarbechte fir den 51, Route de Luxembourg, wou fënnef Unitéite wäerte kënnen entstoen. 290.000 Euro fir Frais d'étude an 200.000 Euro fir éischt Aarbechte fir de 36, Rue de la Fontaine, e Projet, dee jo mam INPA muss geplangt ginn. Da fanne mer och méi e grousse Betrag vun 3,5 Milliounen Euro fir déi éischt Phas PAP A Bëlleg, wou mer jo 17 Unitéite wäerte schafen, weider 750.000 Euro fir en Eefamilljenhaus an der Rue de la Paix a finalement stinn och 2 Milliounen Euro fir de Projet VEFA-Vente en état futur d'achèvement an der Rue des Champs. Dës Form vu Vefa huet den Avantage, dass mer als Gemeng net brauchen en Architekt, e Bureau d'études, Statiker an esou weider op de Projet ze setzen, keng Soumissioune brauchen ze maachen also summa summarum vill Zäit a Fraise wäerte spueren. Baue mir selwer e Projet als ëffentlech Hand, brauche mer natierlech vill méi laang Zäit fir d'Realisatioun.

Finalement ass natierlech och dann eng Enveloppe vun an enger hallwer Millioun do fir weider Terraine kënnen ze kafen. An der GLS, déi vum Office social bedriwwe gëtt, hu mer d'lescht Woch gesinn, hu mer aktuell 65 Wunnengen, wou mer de Leit jo eng Chance ginn, wä-

rend dräi Jore e Projet de vie opzebauen, Suen ze spueren, fir herno eng Mouk ze hunn, fir um private Marché kënnen eng Wunneng ze lounen. D'Leit ginn encadréiert vun enger Assistante, déi och d'Gestion financière mécht. Voilà, esou vill zu menger Stellungnam. Merci fir d'Nolauschteren.
DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER) : Merci, Här Zuang, fir Är Stellungnam.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech starte just meng Stoppauer. Ech krut gesot, ech wier heiansdo e bëssen ze laang, also wollt ech dat haut mol eng Kéier kontrolléieren. D'lescht Woch wärend der Budgetspresentatioun huet den Här Buergermeeschter festgestallt, dass et seng zéngt Budgetsried wier. Bon, fir mech perséinlech ass et dann elo - wéineg iwwerraschend warscheinlech - déi éischt. An ech muss soen, wann ee fir d'éischte Kéier sech eng Kéier mat esou engem Budget auserneesetzt, dann ass et zum engen net ganz einfach, um Ufank do anzeschaffen an sech mat esou engem Dokument auserneenzesetzen, an zum anere gëtt engem och nach eng Kéier méi bewosst, wéi komplex awer et ass, esou eng grouss Gemeng wéi Diddeleng um Lafen ze halen. An dowéinst wollt ech och dann ufänke mat engem grousse Merci un de ganze Service comptabilité ënnert dem Pascal Poull, well ech mengen, dass déi warscheinlech d'ganzt Joer iwwer relativ vill Aarbecht hunn, wann een sech dat Dokument ukuckt, an ech ka mer awer och virstellen, dass dat am Hierscht, respektiv, Richtung Enn des Joers nach eng Kéier vläicht nach e bësse méi stresseg gëtt, wa mer a Richtung Budgetsdiskussioune kommen. An ech wollt och profitéieren, fir Merci ze soe wierklech awer fir déi Dokumentatioun, déi dobäi läit an och dee ganz gudden an detailléierte Rapport vun der Finanzkommissioun, dat vereinfacht engem d'Preparatioun op alle Fall e bëssen.

Wéi Der lech denke kënnt, als Eng-Fra-Fraktioun huet een nëmme limitéiert Moyenen an och just eng limitéiert Riednerzäit, dowéinst kann ech natierlech haut net op all déi Sujeten agoen, mee ech wäert mech konzentréieren op e puer konkret Sujeten. Ech wollt ganz kuerz ufänken och mat enger allgemenger Stellungnam zur Finanzsituatioun vun der Gemeng. Jo, d'Schold geet an de leschte Jore steeteg an d'Luucht. Ech mengen, dat ass relativ offensichtlech. Dat huet och verschidde Grënn. Mir als Lénk sinn der Meenung, dass dat de Moment nach ëmmer akzeptabel ass. Mir hunn zum engen Annuitéiten ënner fënnef Prozent, woumadder mir nach liewe kënnen. Zum anere si mir der Meenung, an ech mengen do deele mer och e bëssen den Avis vun der Majoritéit, dass et grad elo eebe wichteg ass, Investissementer héich ze halen, fir dass mer elo kee Stëllstand hunn, mee eebe grad elo eng antizyklesch Politik ze maachen. Mee mir mengen awer och, dass, wann een d'Evolutioun vun der Schold gesäit, dass et awer wichteg ass, och d'Ausgabe fir déi nächst Projeten an Zukunft am Aen ze behalen. An de leschte Joren hu mer e bësse gesinn, dass heiansdo kleng Präisexplosiounen do waren. Do ginn ech de Kolleege vun der CSV a vun deene Grénge Recht, dass een natierlech awer muss sech iwwerleeën, wéi een dat kann e bëssen am Grëff behalen.



D'Personalkäschte ginn an d'Luucht, effektiv, mee och do menge mir, dass et zum enge wichteg ass, dass eng Gemeng wéi Diddeleng déi néideg Effektiffer huet, fir déi Aarbechten, déi ustinn, och kënnen ze maachen.
A mir mengen natierlech och, dass déi Leit dat sollen ënner anstännegen Aarbechtskonditiounen an zu anstännege Salairë maachen, dowéinst si mer och ganz frou, dass d'Botzpersonal zum Beispill dëst Joer eng nei Karriär krut, dass och d'Karriäre vun den Enseignanten an der Musekschoul zum Beispill reevaluéiert waren, dat ënnerstëtze mir alles. An zum aneren, wann ech dat richteg gesinn hunn, da geet de Rapport vun de Personalkäschte par rapport zum ordinäre Budget elo net extreem an d'Luucht, deen ass éischter konstant, dowéinst menge mer, dass do elo kee gréissere Problem ass. Ech wëll och eng Kéier - ech mengen, dat ass eigentlech jidderengem hei bewosst - mee ech wollt och nach eng Kéier soen, dass d'Personal natierlech eng wichteg Aarbecht mécht, mee net déi politesch Responsabilitéit dréit. Dat heescht wa mir hei och elo, Saache kritiséieren, Saachen, gemaach goufen, déi net gemaach goufen, dann ass dat selbstverständlech keng Kritik um Personal, mee un deene politesche Choixen, déi getraff waren. Ech mengen, dat weess jiddereen heibannen, mee ech mengen et ass heiansdo wichteg, dat och eng Kéier ze soen.

Ech kann eng kleng Anekdot erzielen, ech hunn hei analytesche Rapport vum Conseil vum September, wann Der lech erënnert, deemools hate mer diskutéiert, fir eng Strooss a Biereng ze benennen no de Bricketieren an deemools hat ech gefrot, ob déi Dokumentatioun, déi vum Service Gender Equality ausgeschafft gouf, dass déi kéint an den Analyteschen abruecht ginn an den Här Buergermeeschter hat gesot, dat kéint ee selbstverständlech maachen. Den Här Manderscheid hat och gesot, dat kéint een abauen. Dat ass elo net dran. Dat an, dat ass ee vun deene Beispiller, wou ech soen, et kann een natierlech net dovun ausgoen, dass deen zoustännege Service, warscheinlech de Service vun der Kommunikatioun, hei ëmmer nolauschtert an dovunner ausgeet, dass een dat da muss maachen. Da wär et vläicht och un deene Responsabelen, déi Informatioun weiderzeginn. Mee dat just als kleng Klammer, dat ass elo net dramatesch, dat doten. Ech wollt nach op e puer positiv Punkten agoen. Deen ee Punkt, deen hunn ech elo schonn e puermol an de leschte Reuniounen ugeschwat, Dir gesitt, do sinn eis Hoffnunge ganz grouss, dat ass deen Observatoire social, dee soll geschaf ginn. Déi Konventioun mam LISER, déi gouf jo elo ënnerschriwwen. De Posten am Budget ass virgesinn. Dat ass en neie Moment. Mir setze ganz grouss Hoffnungen an déi Plattform, déi do soll geschaf ginn,

well mer mengen, dass dat wierklech d'Méiglechkeet schaaft, fir un nei Donnéeën, u vill Informatiounen ze kommen, an da muss een natierlech kucken, wéi et domadder weidergeet, well et geet net duer, déi Donnéeën ze sammelen, mee da muss een natierlech och eppes domadder ufänken a mir hoffen, dass an den nächste Jore selbstverständlech d'Gemeng sech dann och probéiert, eng Strategie ze ginn, respektiv de Gemengerot eng Strategie sech gëtt, wéi d'Gemeng kann zu engem soziale Lift gi fir d'Leit, mee dofir ass den Observatoire social zum Beispill eng ganz gutt Basis.

E Sujet, wou ech och elo net ka grouss agoen, dat ass dee vun de Schoulen, mee och do begréisse mer, dass d'Invester héich gehale ginn. Mir mengen, dass dat ganz wichteg ass. Et gëtt vill investéiert an d'Schoulhäff, an d'Maison Relaisen, och de Projet Balzeng, wou d'Biergerbedeelegung do am Moment bis elo ganz gutt klappt. Mir waren och an deenen zwou Reuniounen a mir hu gesinn, dass dat awer wierklech keng eidel Wierder sinn a mir hoffen, dass dat dann an d'Zukunft esou weidergeet. Wou mer vläicht e bëssen hannendra sinn, dat sinn d'Crèchen. Ech mengen, do ass nach e bëssen Aarbecht, mee do ass jo och virgesinn, dass zumindest eng nei Crèche am Quartier A Bëlleg geschaf gëtt an och dat begréisse mer selbstverständlech. Et gëtt och nach ganz vill aner positiv Punkten an dësem Budget. Ech soen dat elo eng Kéier hei, hei zu Diddeleng ass net alles schlecht. Ech mengen, dat wësse mer alleguerten. Mee mir wëssen awer och alleguerten, dass de Rôle vun der Oppositioun natierlech ass, éischter de Fanger do an d'Wonn ze leeën, wou déi Saache vläicht net esou gutt klappen, an eng konstruktiv Kritik ze maachen, natierlech virun allem, nodeems dann d'lescht Woch zwou an eng hallef Stonnen, mer héieren hunn, wéi gutt alles leeft, dann ass et selbstverständlech och un der Oppositioun, ze weisen, dass vläicht awer nach net alles perfekt ass hei zur Diddeleng.

Ech wëll mat engem grousse Punkt ufänken. Ech mengen, dat iwwerrascht lech elo wéineg, dass ech wëll e bëssen iwwert de Logement schwätzen, well dat ass déi gréisst Erausfuerderung säit Joren, national, mee och fir eis Gemeng. Et ass eng Erausfuerderung, déi eiser Meenung no laang net eescht geholl gouf oder net genuch eescht geholl gouf. De Schäfferot seet elo, et géing vill geschéien. Et ass och net falsch, et geschitt eppes, et ass e bëssen e Changement de mentalité do, nodeems viru Joren nach Terraine privatiséiert goufen, gëtt elo probéiert, méi ëffentleche Wunnraum ze schafen. Dat begréisse mer. Aleng säit de Walen hu mer jo - ech schwätze vun der Plaz Am Duerf - säit de Walen hu mir jo och schonn als Gemengerot een Haus kaf, nämlech dat an der Rue de la Fontaine, och dat hu mer selbstverständlech begréisst, well et e ganz flotte Projet ass an ech mengen, dat dauert natierlech nach e puer Joer, mee dat ass e ganz wichtege Punkt. Wann een sech awer elo de Budget ukuckt fir de Logement abordable, da gesi mer, dass do 11 Milliounen Euro virgesi sinn. Dat kléngt ganz gutt, mee dovunner ass eng Milliou Euro Etüden an do war et elo fir eis och net ganz kloer, verschidden Etüdeposten hunn eis e bëssen héich geschéngt. Virun allem fir d'Route de Luxembourg sinn zwee Punkten Etüde virgesinn. Dat ass elo net ganz verständlech, wat dat alles fir Etüde sinn. Also, ech sinn dat Lescht, wat Etüden am Logement a Fro stellt, mee do wäre mer awer frou, wa mer och géingen als Gemengerot e bëssen um Courant gehale ginn, wat sinn do fir Etüden, wéi geet et do mat deene Projete weider? Da sinn 3,5 Milliounen Euro fir d'Acquisitioun vun de Logementer an der Rue Nic Bodry virgesinn. Och dat ass e Projet, dee mer begréissen, mee dat ass jo een, deen eigentlech schonn am Budget 2023 virgesi war. Do hu mer elo e Report an do wollte mer da froen, firwat dee reportéiert gouf op dat nächst Joer? An da bleiwen nach vun neien Acquisitiounen am Logement déi 3,5 Milliounen Euro fir A Bëlleg, 750.000 Euro an der Rue de la Paix an 2 Milliounen Euro fir „divers Projets VEFA". Ech hat elo geduecht, dat wär einfach en, soe mer mol, Platzhalter, fir wann d'Geleeënheet sech géing bidden. Wann ech elo den Här Zuang richteg verstan hunn, dann ass do schonn e konkreete Projet an der Rue des Champs virgesinn. Do wollt ech e bëssen nofroen, wat et mat där Positioun do op sech huet? Mir géingen d'Iddi eigentlech gutt fannen, dass een sech einfach mol e Budget hält, och wann een nach kee konkreete Projet huet, well et ass eebe grad elo eigentlech wou d'Geléeënheet sech bitt, wou vill Proprietairen oder Promoteure probéieren, hir Projete lasszeginn, a mir mengen, dass d'Gemeng sech do misst och d'Moyene ginn, eebe fir Saachen opzekafen, well wann net elo, wéini dann?

Domadder bleiwen dann awer elo fir nei Acquisitiounen nach 6 Milliounen Euro am Budget, dat sinn ëm déi néng Prozent vum Invest, also vun den Dépenses extraordinaires, wann déi dann alleguerten ausgi ginn. Eiser Meenung no kéint een do bësse méi ausginn, virun allem, wann een dann de Kontext setzt, 6 Milliounen Euro fir Logement abordable versus 4 Milliounen Euro fir d'Déierenasyl. Bon, ech wëll dat awer elo net an d'Lächerlecht zéien, mir gesinn, et gëtt eppes gemaach, mir gesinn och d'Efforten, mir begréissen och all Efforten, wéi och déi Gréng dat gesot hunn, fir neie Wunnraum ze schafen, mee mir froen eis awer, firwat esou wéineg gemaach gëtt. Ech weess, dass virdru vill Kritik koum, mir missen eis Investissementer elo bëssen hei ënner Kontroll halen, mee grad dat heiten ass awer en Deel, wou ee ka proaktiv Politik maachen, virun allem, well mer mam Pacte logement awer bis zu fënnefasiwwenzeg Prozent vun de Käschte rembourséiert kréien. Dat heescht, et gëtt eigentlech net vill finanzpolitesch Argumenter, fir net nach vill méi proaktiv an dësem Dossier ze schaffen. Mengen, mäi Virgänger, de Jos Thill, deen hat och eng Kéier scho viru Jore virgerechent, dass Investissementer an de soziale Wunnengsbau, sech eigentlech op laang Dauer och finanziell rechne fir d'Gemeng. Bon, dat eent, dat ass den abordabele Wunnengsbau, respektiv den ëffentleche Wunnraum.

Dat anert ass natierlech, dass et allgemeng net genuch Wunnengen, gëtt. Dat wësse mer, et gëtt e Mangel un Offer, mee och dorunner kann ee schaffen. Den Observatoire de l'habitat, dee stellt säit Jore fest, dass immens vill Bauland de Moment a privater Hand ass an dass et konzentréiert ass op ganz kleng Minoritéiten. Dorunner huet sech och an de leschte Joren näischt geännert. Dat heescht, mir hunn e Mangel un Terrain, deen ass a privater Hand, deen ass konzentréiert op kleng Minoritéiten, e gëtt bewosst zeréckgehalen, an

dat aus engem offensichtleche Grond nämlech, dass spekuléiert gëtt. Domat soen ech elo net, dass jiddereen, deen nach iergendwou Bauland huet, spekuléiert, mee ech soen, de grousse Problem hei am Land ass trotzdeem d'Spekulatioun, well de Gros vum Bauland ass an der Hand vun enger klenger Minoritéit. Am Fall vun Diddeleng schwätzen d'Fuerscher vum Observatoire de l'habitat vun Dynastien. Esou vill dozou. Eng Dynastie, dat ass eng kleng Minoritéit, déi duerch Zoufall u Bauland hei zu Diddeleng komm ass an déi dat elo net wëll un d'Ëffentlechkeet weiderginn, respektiv, déi dat net wëll viabiliséieren. Dat soen net ech, dat soe Fuerscher vum Observatoire de l'habitat. Mir mengen als déi Lénk, dass dat net méi ganz zäitgerecht ass am eenanzwanzegste Joerhonnert an do huet d'Gemeng jo Hiewelen an der Hand, déi se ka benotzen. Dat eent, dat wär eng Spekulatiounssteier anzeféieren. An dat anert, dat wier dat, wou och d'Madamm Ahmedova schonn drop agaangen ass, dat ass natierlech den Impôt foncier op eidelem Bauland. D'Majoritéit, dat wësse mer, huet d'Strategie, fir den Impôt foncier lues a lues an d'Luucht ze setzen. Deen ass och dëst Joer vun dausend op zwielefhonnert Prozent eropgaangen. Bon, am Budget gesi mer, dat huet en Impakt, also de Budget geet dës Kéier ëm 40.000 Euro an d'Luucht. Dat ass näischt, mee domadder gesäit een och, wat dat fir en Impakt huet op déi eenzel Leit. Wann de Budget fir d'ganz Gemeng just ëm 40.000 Euro an d'Luucht geet, kann een sech denken, dass e fir déi eenzel Leit net wäert extreem wuessen. Gläichzäiteg gesäit een, dass den Undeel un de Recettes ordinaires, also de Rapport vum Impôt foncier par rapport zu de Recettes ordinaires, dee geet steeteg erof. Dat heescht, 2021 ware mer nach bei null Komma néng Prozent a elo 2024 wäerte mer bei null Komma sechs Prozent sinn.

Beim Impôt foncier geet et net an éischter Linn drëms, Recetten ze schafen, dat ass eis alleguerte bewosst, mee et gesäit een, dass, obwuel den Taux lues a lues eropgesat gëtt, dass dat einfach net duergeet, wann een dat am Rapport vum Budget kuckt. Et gouf schonn ugeschwat, mir als déi Lénk hate mir jo virun e puer Wochen eng Motioun ageriicht, fir déi Steier vum B6 ze vervéierfachen, an ech wëll hei nach eng Kéier soen, och dat hätt kee risegen Impakt gehal, an och dat wier eng Symbolik gewiescht, mee et wär awer symbolesch gewiescht, fir ze weisen, dass mir wëllen als Gemeng, de Problem vun der Baulandspekulatioun ugoen. Wann een dat net wëll maachen, well d'Proprietairë si Wieler, da verstinn ech dat op eng gewëssen Aart a Weis. Ech muss soen, ech war awer e bëssen iwwerrascht iwwert de Virworf, deen da grad aus de Reie vun der LSAP koum, dass mat där Motioun mir als déi Lénk wéilten de Leit hir Terrainen ewechhuelen. Also da kommen ech nach eng Kéier op de Begrëff vun den Dynastien zeréck, wa mir elo den Impôt foncier erhéijen an d'Leit musse vläicht och am Joer honnert Euro méi bezuelen, an da sinn ech scho ganz, ganz, pessimistesch, dann hunn déi Dynastien dräi Méiglechkeeten. Entweeder se bezuelen déi honnert Euro d'Joer méi, dat kënnen se sech warscheinlech leeschten, oder se verkafen hiren Terrain, da maachen se gutt Geld domadder, oder se sichen sech un Architekt, se maachen e Projet op hirem Terrain a se reechen eng Baugeneemegung an, an da falen se nämlech net méi ënnert de B6, da kënnen se dat, wat se dorobber bauen, nach verkafen oder verlounen, da maachen se domadder och nach Geld. Also, ech mengen, si wäerten näischt verléieren, mee dann ass wéinstens op deem Terrain Wunnraum geschaf ginn. Dowéinst ass et an eisen Ae wierklech net verständlech, firwat d'Majoritéit do déi ofwaardend Haltung huet an den Impôt foncier ëm déi minimal Zommen do erhéicht, well et ass nämlech elo, wou mer eng Léisung brauchen an et ass elo, wou mer mussen handelen. Natierlech ass den Impôt foncier just eng Drëps op de waarme Steen an dowéinst menge mer, dass d'Gemeng eigentlech misst en aneren Hiewel an d'Hand huelen an dat ass dee vun der Spekulatiounssteier. Mär géinge gären d'Majoritéit invitéieren, fir am Laf vum nächste Joer sech zesummenzesetzen, vläicht an der Finanzkommissioun, an der Bautekommissioun, fir e Projet auszeschaffen zesummen, fir vläicht am Joer 2025 eng Spekulatiounssteier op eidelen Terrainen anzeféieren, well ech mengen, wa mer ofwaarden, dass déi nei Regierung tëschent Heescheverbuet an Aushielege vum Sozialsystem elo nach d'Spekulatioun wëll bekämpfen, dann diskutéiere mer nach Mokuchsdag iwwer deen dote Sujet.

Wou mer bei den Taxe sinn, da wëll ech just nach ee Wuert verléieren iwwer den Impôt commercial. Do bleiwe mir weider um Maximum. Dat hat ech och schonn deemools am Oktober begréisst. Do si mer ganz domadder d'accord. Erlaabt mer just, eng kleng Klammer opzemaachen: An eise Recetten, an eisem Budget fir den Impôt commercial, do fält och Ampacet drënner, well déi hu vill Benefice gemaach. Mir sinn haut beim nonzéngten Dag, wou d'Salariéë streiken. Dat ass dee längste Streik säit drësseg Joer an do wollt ech dann awer mer erlaben, dem Här Buergermeeschter ze felicitéieren, fir seng Decisioun, zumindest béid Streikparteien, respektiv, déi streikend Salariéen an d'Direktioun un en Dësch ze invitéieren an e Sall vun der Gemeng zur Verfügung ze stellen. Ech mengen, domadder huet de Buergermeeschter elo scho méi gemaach, wéi den zoustännegen Aarbechtsminister gemaach huet an domadder maachen ech déi Klammer zou.

Bei der Klimapolitik, do si mer e bëssen zwigespalten. Also zum enge si ganz vill interessant Etüde gemaach ginn d'lescht Joer. Et ass eng Etüd iwwer Staarkreen, eng iwwer d'Planification énergétique, eng iwwer d'Adaptation au changement climatique, dat kléngt alles immens interessant, mee do wollte mer froen, wat dann elo mat deenen Etüde geschitt? Kréie mer déi eng Kéier virgestallt, kréie mir als Gemengerot déi zumindest weidergeleet an se gi vläicht eng Kéier an enger Ëmweltkommissioun virgestallt? Well, wann elo déi Etüden do leien, domadder kënne mer net ganz vill ufänken. Ech mengen, mir mussen eis jo elo dorobber och baséieren, fir weider ze schaffen. Et ginn d'Fotovoltaikanlagen, et gëtt eng Fotovoltaikanlag elo am Centre sportif René Hartmann installéiert. Och doriwwer freeë mer eis natierlech, well Dir wësst, dass dat eng laangjäreg Fuerderung ass vun déi Lénk, dass mer op all den ëffentleche Gebaier, souwäit dat méiglech ass, eng Fotovoltaikanlag installéieren. Fir der Rescht si mer d'lescht Woch gewuer ginn, dass am Joer 2023 Demandë fir Subside fir 41 Vëloskasken, fir 96 Wäschmaschinnen a fir 36 Trockner agereecht gi sinn. Dat ass natierlech immens interessant. Soss muss ech soen, hunn ech elo net

ganz vill Neies héiere vum zoustännege Schäffen, wat e bësse schued ass. Also, verstitt mech net falsch, d'Gemeng Diddeleng mécht keng schlecht Aarbecht, wat d'Klimapolitik ugeet, et gëtt vill Initiativen, mee ech sinn d'Gefill net lassginn, dass am Moment d'Initiative virun allem verwalt ginn. An do hätt ech dann nach eng Fro, well an der Schäfferotserklärung, do stoung awer eppes ganz Interessantes vun engem Plan de résilience et de sobriété énergétique, an du wollt ech da froen, wou mer dodru sinn, ob dorunner geschafft gëtt an ob do dann och vläicht d'Ëmweltkommissioun zumindest mat abruecht gëtt. Ech mengen och, mir sollten eis net op der Goldzertifizéierung ausrouen an do ralliéiere mer eis dann och un déi Fro vun déi Gréng, nämlech wéi eng zousätzlech Zertifizéierungen dann elo ugestrieft ginn, fir dass mer do weiderkommen, well ech mengen, mir hunn nach ëmmer grouss Erausfuerderungen. Just ee Beispill, de Verbrennungsmotor, dee wäert an den nächste Joren auslafen. Mir hunn d'lescht Woch héieren, dass d'Chargystatioune sollen ausgebaut ginn, mee wéi gesi mer dann do aus mat der Infrastruktur a mat der Energie? Mir hu jo dann elo déi Etüd fir 90.000 Euro, wou et ëm d'Energie geet. Beschäftegt déi sech zum Beispill aleng elo mat där doter Erausfuerderung? Hu mer eng Strategie, wat d'Autarkie respektiv iwwerhaapt, wat d'Energie, déi mer an den nächste Jore wäerte brauchen, wat dat ugeet?

Eng aner grouss Erausfuerderung, dat ass déi klammend Dréchent an de Waassermangel. Ech weess net, ob Dir dat matkritt hutt, a Frankräich sinn an der Lescht ëmmer méi Debatten doriwwer, dass zum engen- bon, elo an dëser Zäit vläicht e bësse manner - mee am Summer d'Leit ënnert där enormer Dréchent leiden a gläichzäiteg ëmmer méi Leit eng privat Schwämm am Gaart hunn. Do kënnt et ëmmer méi zu Reiwereien. An ech mengen, dass mir och an den nächste Joren, well dee Problem wäert ëmmer méi problematesch ginn, eng Léisung brauchen, wéi mer mat der Ressource vum Drénkwaasser wëllen ëmgoen, déi ëmmer méi knapp gëtt. An Dir kënnt Iech vläicht denken, dass mir als déi Lénk do eng Propositioun hätten. Et ass warscheinlech elo net fir d'éischt wou Dir vum gestaffelte Waasserpräis héiert, mee ech wollt en awer nach eng Kéier kuerz virstelle fir déi Kolleegen, déi nei sinn. D'Iddi vum gestaffelte Waasserpräis ass, dass e Grondbesoin u Waasser de Leit gratis zur Verfügung gestallt gëtt, well Waasser ass e Mënscherecht, an dass dono awer de Präis progressiv an d'Luucht geet, esou dass d'Verschwendung vum Waasser eebe méi deier gëtt.

D'Argument géint de gestaffelte Waasserpräis, dat meeschtens no vir bruecht gëtt, dat ass, dass d'Waassertax muss käschtendeckend sinn, an effektiv d'Kader-EU-Direktiv, déi gesäit dat och vir, eng allgemeng Uwendung vum Prinzip vun der Käschtendeckung a vum Prinzip vum Pollueur-payeur. Si verbitt awer ganz kloer net en differenzéierte Waasserpräis. Si gesäit nämlech esouguer vir, dass bei der Käschterekuperatioun muss op sozial, ëmweltpolitesch an ekonomesch Aspekter agaange gi sinn. An allgemeng fuerdert se, dass eng Tarifpolitik soll fir eng wierksam Benotzung vun de Ressourcë suergen. Dat heescht eigentlech, dass de Prinzip vun der Käschtendeckung, dee muss gëllen, mee dee muss net isoléiert gëllen, dee muss just global gëllen. An 2014 hunn déi deemoleg Ëmweltministesch an den deemolegen Innenminister confirméiert an enger Question parlementaire, dass eng progressiv Taxatioun vum Waasser kompatibel wier mat der EU-Direktiv. Doweinst komme mer ëmmer erëm mat där Fuerderung vum gestaffelte Waasserpräis, well et an eisen Aen eng ganz wichteg Mesure ass a well se eebe grad, an ech mengen, dat ass jo och e bëssen d'Iddi, déi ech och an der Schäfferotserklärung awer e bëssen erausheieren hunn, well si déi sozial an déi ekologesch Fro wëll matenee verbannen. Dat heescht, déi Leit, déi wéineg hunn, déi hunn awer Zougang zum Grondbesoin Waasser, an déi, déi dann awer herno verschwenden, déi bezuelen dann natierlech och drop. An dat weist sech iwwregens och an der Zivilgesellschaft, well déi Fuerderung gëtt mëttlerweil vum Mouvement Écologique a vun der Chambre des salariés ënnerstëtzt.

Doweinst probéieren ech dann dës Kéier och nach eng Kéier meng Chance an ech invitéieren d'Majoritéit, dat dote vläicht eng Kéier breet ze diskutéieren, vläicht zum Beispill an enger Commission mixte Finanzen an Ëmwelt. Dat ass elo mol eng Propositioun an da kann ee jo am Detail doriwwer diskutéieren, wéi dat géing ëmsetzen.
Bon, fir iwwer Mobilitéit ze schwätzen, hunn ech elo net vill Zäit. Mir hu elo gesinn, dass déi Navette, respektiv déi nei Linn, déi agesat gouf, an der Rue des Champs, dass déi awer och net ganz bëlleg ass. 300.000 Euro sinn am Budget virgesinn. Do wollte mer froen, gouf do eigentlech eng Soumissioun gemaach, gouf do e bëssen d'Konkurrenz gekuckt a wéi laang leeft dee Kontrakt? Well gläichzäiteg am TICE bezuele mer jo elo méi, well den TICE sech neit Ekipement wëllt bäileeën an do wollte mer froen, mee wann dann dat neit Ekipement, déi nei Busser bis en place si beim TICE - d'Madamm Dall'Agnol wénkt scho mam Kapp - wann den TICE sech neit Ekipement keeft, da misst jo och d'Méiglechkeet bestoen, dass se e bëssen expandéiert a vläicht nei Linne fiert, ob dat eng Optioun wier?

Wa mer da scho bei de Syndikater sinn, da just nach e kuerzt Wuert zum SIGI. Do ginn d'Käschte jo och an d'Luucht. Mir verstinn och, firwat, well dat op d'Awunnerzuel ass. Ech wollt just allgemeng lo, ouni an d'Detailer goen, eng Kéier froen, deen ass jo restrukturéiert ginn, deen huet sech elo nei constituéiert. Wéi ass d'Situatioun elo do? Oder ass d'Aarbechtsklima fir déi Leit besser ginn? Well ech mengen, dat ass och ganz wichteg, wa mer do esou vill Suen eran investéieren. Do war e bëssen e gréissenwansinnege Projet vum alen Direkter. Wat erwaart eis do an nächster Zukunft nach u Recetten an un Depensen? Sinn eis Suen do nach gutt ugeluecht? Zur Informatik hat ech dann an iwwerraschende Posten am Budget gesinn, nämlech Poste de conférence mobile avec caméra et micro. Do wollt ech froen, sinn dat déi Kolleegen, déi hei virun eis stinn, déi Mikroen, respektiv, well do mat Kamera stoung, hu mer eis gefrot, ob dat schonn eng Anlag war fir d'audiovisuell Transmissioun vum Gemengerot, well dat ka jo bal net sinn, well am November, wou mer iwwert d'Motioun geschwat hunn, hat de Buergermeeschter gesot, datt nach net kloer wier ob op do eng fest oder eng mobil Anlag virgesi wier. Dat heescht, mer wollten éischtens froen, wat dat war am Budget 2023 an, vu dass awer elo näischt Neies och virgesinn ass, wéi geet et weider

mat där Fro vun der Transmissioun vum Gemengerot?

An da kommen ech op de leschte Punkt, ech si ganz gutt a menger Zäit, dat ass d'Fro vun der Transparenz, dat ass haut och schonn e bëssen ugeklongen. D'lescht Woch hu mer den Devis vum Schoulhaff Strutzbierg diskutéiert a gestëmmt an do hat ech der Majoritéit Merci gesot fir deen detailléierten Devis. An do krut ech gesot, dat wär jo awer bal ëmmer sou, ech hätt dat just net matkritt, an dowéinst hunn ech nach eng Kéier gekuckt. Also, elo mol just am Oktober hu mer zwee Projete gestëmmt, dat eent war de remaniéierten Devis vun der Route de Zoufftgen, dat waren 2020 4,9 Milliounen Euro, do hu mer de Devis remanié elo 2023 vun 9,6 Milliounen Euro gestëmmt an dat selwecht beim Shared Space-Phas dräi Plaz Frantz Kinnen, deen ass vun 2020 4,8 Milliounen Euro op 2023 6,3 Milliounen Euro geklommen. Mir haten eng Note explicative vum Bureau d'études allkéiers dobäi, mir kruten och déi néideg Erklärungen, dat war och ganz an der Rei, mee et war keen Devis détaillé dobäi an, virun allem, esouguer wann en Devis détaillé dobäi gewiescht wär, wa mir dee mol net eng Woch am Viraus kréien, dann hu mer natierlech och net déi néideg Preparatiounszäit, fir awer esou héich Zomme richteg aschätzen ze kënnen. Dir wësst, dass et awer d'Responsabilitéit vum Gemengerot ass, d'Finanzen am A ze behalen an, jo, och de Schäfferot ze kontrolléieren, och wann ech elo net wëll soen, de Schäfferot géing keng gutt Aarbecht maachen, mee et ass awer eis Aufgab, dat alles am A ze behalen. An dowéinst, wollte mir froen, dass bei all gréissere Projet, gréisseren Infrastruktursprojet zum Beispill, zum engen detailléiert den Devis dobäi läit an dass zum aneren, dat ass och schonn haut ugeklongen, dass deen am Viraus an enger Finanzkommissioun diskutéiert gëtt, dass mer nämlech och matzäiten alleguerten déi Informatiounen hunn. Well, wa mer a verschidde Milliounen-Euro-Beräicher eraginn, da fannen ech et einfach net ganz seriö, wa mir als Gemengerot hei mat fënnef Deeg am Viraus Preparatioun sollen iwwer Ausgaben a Milliounen-Euro-Héicht diskutéieren, virun allem wa mer awer virdru gesinn hunn, dass eis Schold ëmmer weider an d'Luucht geet. Kommt mir diskutéieren dat an enger Finanzkommissioun, dowéinst ass dat jo do, jee nodeem kann ee jo eng Commission mixte maache mat Bauten-, Sportkommissioun, wat eebe grad, wichteg ass a wou dann awer och d'Gemengerotsmemberen d'Méiglechkeet kréien, zumindest present ze sinn, fir dann och déi Diskussioune matzekréien, fir dass se kënnen dono en connaissance de cause och ofstëmmen.

Sou, fir ofzeschléissen, d'Finanzsituatioun vun der Gemeng ass, wéi gesot, net schlecht, menge mer. Mir wëssen, dass d'Situatioun an de leschte Joren net ganz einfach war an dowéinst hu mer do elo net déi gréisste Kriticken auszeschwätzen. Mee mir mengen, dass dës Gemeng méi kann. Se ka virun allem méi aktiv ginn an der Logementsfro, si kann do méi agräifen, si kann déi sozial an déi ekologesch Fro virun allem an hirer Taxepolitik besser verbannen an si ka fir méi Transparenz an domadder och, an dat ass net ze ënnerschätzen, méi Demokratie schafen. Aus deene Grënn wäerte mir de Budget net matstëmmen an, änlech wéi d'CSV, hu mer elo ganz bewosst net fir oder géint eenzel Projete geschwat, fir dass mer do net gesot kréie kënnen, mir hätten elo net deen dote Projet wéilten ënnerstëtzen, mee et aus deene genannte Grënn uewen, wou mer soen, do kann eis Gemeng nach e bësse méi an dowéinst wäerte mer de Budget net kënne matstëmmen. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci fir déi dote Stellungnam.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Wou virun der Summervakanz hei an der Gemeng d'Schäfferotsdeklaratioun virgedroe gouf, hat ech gesot, datt et mech freeë géif, dass vill Punkten aus eisem Walprogramm zeréckbehale goufen. Beim Liese vun der Budgetspropositioun, déi - by the way - ganz propper an detailléiert ass, wat ee roueg mol soe kann, war ech dann ëmsou méi frou ze gesinn, dass déi éischt vun dëse Projeten et dann och schonn op de Budget gepackt hunn an d'nächst Joer, respektiv an den nächste Jore mat hirer Ëmsetzung ugefaange ka ginn. Et ass natierlech dann och direkt opgefall, dass d'Unzuel u Blieder, op deenen déi verschidde Recetten drop stinn, méi kleng ass wéi déi mat den Depensen. Sécherlech hätte mir all léiwer, wann et ëmgedréint wier, mee bon. Dës Weideren ass d'Fro natierlech och déi, wéi reell déi divers Recette sinn. Hei bezéien ech mech besonnesch op déi sëllege Subsiden, déi vum Staat bezuelt solle ginn an oft u Konditioune gebonne sinn. Hei muss ee wëssen, dass zum Beispill Subsiden, déi ee fir de Bau vun enger Maison relais kritt, méi kleng kënnen ausfalen, wa beim Bau eventuell divers Ännerunge virgeholl ginn an doduerch eng oder méi Konditiounen, déi vum Staat virgesi sinn, fir Subsiden ze kréien, net méi erfëllt ginn. Soit, hoffe mir dat Bescht, dass eis Gemeng e Maximum u Gelder kritt.

Wat d'Ausgaben ugeet, begréisse mir et enorm, dass eng gréisser Investitioun fir Fotovoltaikspanneauen usteet, déi geduecht sinn, fir um Daach vum Centre sportif Hartmann installéiert ze ginn. Esou wéi an eisem Walprogramm stoung, si mir dofir, dass eis Gemeng an erneierbar Energien investéiert, mam Zil, Eegeversuerger ze ginn, oder fir dass eis Gemeng wéinstens dee gréissten Deel u Stroum, deen si brauch, selwer hierstelle kann.

Vill Leit sinn op der Sich no enger Wunneng a verzweiwelen deelweis un den héije Präisser, den héijen Zënse bei de Banken, awer och un der klenger Offer, déi ënnert anerem doraus resultéiert, dass obschonns zënter laangem Wunnengen hei zu Lëtzebuerg feelen an de leschte Joren, weider net gebaut gouf an doduerch nach manner Haiser, Appartementer a Studioen disponibel sinn. Mir ënnerstëtzen de Bau wéi och d'Kafe vu

Gebailechkeeten, fir abordabele Wunnraum ze schafen. Jidderee soll en Daach iwwert dem Kapp hunn, soll kënnen am Dréchne sëtzen, dofir si mir frou, dass dëst am Budget net vergiess gouf.

De Schoulhaff wéi och d'Spillplaze sinn déi Plazen, wou d'Kanner sech austobe kënnen a Fréndschafte fir d'Liewen entstinn, eng Erfarung, déi - esou hoffen ech - jidderee vun eis heibanne maache konnt. Ee Grond, wéisou et wichteg ass, dass duerno gekuckt gëtt a se reegelméisseg erneiert an de Besoine vun de Kanner ugepasst ginn. Dës gëllt esouwuel fir déi gréisser wéi och fir déi méi kleng Spillplazen. Vum Reamenagement vum Schoulhaff vum Strutzbierg erwaarden ech mir besonnesch vill. Hei gi keng Käschte gescheit an ech si gudder Déeng, dass dës Plaz vill Kanner frou maache wäert. D'Briller-Schoul ass direkt e puer Mol am Budget a Verbindung mat héije Montanten ernimmt. All Diddelenger weess awer, wéi dréngend dës Schoul renovéiert muss ginn a wann een sech emol op de Wee mécht, fir ze kucken, wat e Stull oder e Pult am Akaf kaschten, ass een och net méi schockéiert iwwert de Gesamtmontant, dee fir d'Acquisitioun vum Mobilier fir den Exercice 2024 geplangt ass.

Eng gutt Iddi fannen ech de Kaf an d'Installatioun bei de Busarrêten, wou weider Schëlder, déi a reell Zäit uweisen, wéi laang et nach dauert, bis de Bus kënnt, well besonnesch, wann et emol knapps gëtt, weess een och net, ob de Bus scho passéiert ass an ee besser huet, zu Fouss ze goen oder ob een nach e Mol eng Kéier Chance hat an de Bus eréischt kënnt. Sport ass wichteg fir d'Gesondheet, fir Krankheete virzebeugen, a verbënnt Leit mateneen. Ech kenne keng Gemeng hei am Land, wou den Zesummenhalt tëschent de Bierger esou grouss ass wéi hei an der Sportstad Diddeleng. Dofir muss ëmmer erëm dofir gesuergt ginn, dass eis Sportler déi Infrastrukture kréien, déi si brauchen, fir hire Sport ideal kënnen auszeüben. E Projet, dee mir wierklech um Häerze läit, ass d'Hal, déi an der Enceinte vum Kennedy-Terrain soll gebaut ginn, vun där virun allem den CAD an den Tennis profitéiere wäerten. D'Etüde schéine jo ofgeschloss an de Montant, dee fir 2024 am Budget virgesinn ass, schéint jo dann do ze sinn, fir déi lescht Phas anzeleeden, bevir et da richteg lassgeet. Den CAD, fir déi, déi et net wëssen, ass den Diddelenger Liichtathletik-Club an och dee Club, deen all Joer déi meeschte Championstitele mat op Diddeleng bréngt, also e gudden Ambassadeur, deen eis Stad zanter jeehier national wéi och am Ausland gutt representéiert huet an dat an Zukunft selbstverständlech och maache wäert.

An eiser komplexer an deels komplizéierter Welt ass d'Informatik eng vun de Possibilitéiten, déi eist Liewe vereinfache kann an dozou bäidréit, den Zäitopwand bei der Ausübung vu verschiddenen Aufgaben ze reduzéieren. Et ass och gewosst, dass an dësem Beräich reegelméisseg Investitioune gemaach musse ginn, fir um neiste Stand ze sinn, wat d'Ekipement ugeet respektiv fir Material, dat en fin de vie ass, ze ersetzen. D'Acquisitioun vu Racken, Serveuren an esou weider, dass déi net geschenkt ass, dat weess jiddereen, an dach wësse mir och, dass et noutwendeg ass, gutt ausgerüst ze sinn. Bei den Outils informatiques, bei der Distributioun vum Gas naturel gëtt de Budget fir d'nächst Joer am Verglach zum leschte Joer verduebelt, nämlech vu 50.000 op 100.000 Euro. Wat gëtt dann do weider kaf? An och fir d'Schoule gëtt weider informatescht Ekipement gebraucht an zwar am Wäert vun 110.000 Euro. Ginn hei weider Laptoppen a Printere kaf? Well falls dat eeben esou ass, ass dat natierlech ganz OK fir mech, mee gouf sech hei och scho Gedanke gemaach, fir sech mat anere Gemengen zesummenzedinn an eng Aart zentraliséiert Acquisitioun am informatesche Beräich ze maachen, fir op deem Wee e bessere Präis erauszeschloen an de Gemengebudget eventuell e bësse manner ze belaaschten, ongeféier esou, wéi de CTIE et mëttlerweil fir déi verschidden Administratiounen a Ministèrë mécht. Ech hu gesinn, dass mir fir ee vun eise Servicer eng Machine de découpe plasma kafen. Well ech net direkt wousst, ëm wat et sech hei handelt, hunn ech dann och emol um Internet nogekuckt, wéi esou eppes ausgesäit an hu festgestallt, dass een dat an enger Präislag vu 15.000 bis 60.000 Euro kritt. An eisem Budget si 95.000 Euro virgesinn. Ech weess awer elo net, ob dat eng extra gutt Schneidmaschinn ass oder eng Maschinn, mat méi Extraen oder ob dee Präis einfach esou geschat gouf. Vun engem Devis war am Budget fir dës Positioun op alle Fall näischt ze liesen.

Mir hunn eng Kräizung hei zu Diddeleng, wou ee komescherweis ëmmer rout kritt. Rieds ass hei vun der Kräizung beim Kierfecht, wou d'Käler an d'Lëtzebuerger Strooss openee stoussen. Dëst ass och déi eenzeg Kräizung hei zu Diddeleng, déi en intelligent Luuchtesystem huet. Ech war e bëssen erstaunt, ze liesen, dass dës Luuchte schonn end-of-life sinn an elo mussen ersat ginn. Ech war in der Tat der Meenung, dass déi nach e bëssen duerhale géifen, mee bon, op dëser Kräizung ass et net, fir ze spaassen, an ech hoffen, dass déi 120.000 Euro, déi fir dëst Remplacement virgesi sinn, dozou bäidroen, dass et zukünfteg hei besser dréint. Et hätt mech natierlech gefreet, wann d'Luucht virun der Gaffelter Schoul hei direkt mat agebonne géif ginn. Eng intelligent Luucht, déi automatesch op rout schalt, wann een ze séier ugerannt kënnt, wär virun dëser Schoul wéi och virun der Butschebuerger Schoul doudsécher net vu Muttwëll. Oder wéisou net direkt e Radar dohistellen, deen esou wuel blëtzt, wann een ze séier ass, wéi och wann een duerch rout fiert. Besonnesch virun der Gaffelter Schoul kënnt dëst reegelméisseg vir a mir wëlle jo awer eis Kanner schützen. A wa mir scho bei Sécherheet oder Sécherheetsgefill sinn, kënnt ee jo mol nach kucken, wéi déi puer restlech méi däischter Plazen am Park Emile Mayrisch wéi och beim Schwaarze Wee duerch méi Beliichtung ze erhellen, mee dat ass jo keng gréisser Affär. Oder wéisou net op deene Plazen direkt e puer Kameraen ophänken, wou dat opgeholle Material just am Fall, wou et muss sinn, vun der Police ausgewäert ka ginn. Schliisslech wëll jo awer jidderee vun eis, dass am Fall, wou mol eng Kéier engem eppes geschitt, den Täter och gepëtzt gëtt.

Dass bevir eppes gebaut gëtt, als éischt eng Etüd gemaach gëtt, versteet sech vum selwen. Wat an dësem Budget awer alles esou u Gelder, déi fir Etüden ze bezuele virgesi sinn an och schonn ausgi gouf, huet mech awer e bëssen iwwerrascht. Besonnesch déi eng Millioun Euro, déi fir d'nächst Joer fir eng Etüd vun der Re-

konstruktioun vun der Schoul Balzeng mat Maison Relais virgesinn ass, stécht an d'Aen. Hu mir dann net Architekten an Ingenieuren am Déifbau wéi och am Héichbau bei eis schaffen, déi dat och gutt kéinte maachen? Den Ingenieur de la ville oder d'Architektin de la ville wäerte jo och déi néideg Qualifikatioun heifir hunn, oder? Wuelverstane weess ech och, dass wann eng Etüd muss gemaach ginn, wéi déi, déi viru Kuerzem am Kader vun der Geothermie duerchgefouert gouf, mir dat néidegt Material net hunn. Mee hei am Budget stinn awer e puer Etüden, déi - esou denken ech - awer och vun eisen Experten a Spezialisten duerchgefouert kéinte ginn an d'Gemeng op deem Wee vill Sue spuere kéint. Grouss Aen hunn ech och gemaach, wou ech gesinn hunn, dass fir d'nächst Joer 100.000 Euro virgesi sinn, fir eng Etüd vum Développement commercial ze maachen. Ma hu mir dann net e City-Manager, deen e Salaire kritt, fir esou eng Visioun selwer auszeschaffen?

Wéi virdru gesot, sinn ech fir Sport a fir dass déi verschidde Clibb hei zu Diddeleng ënnerstëtzt ginn an déi verschidde Sportsinfrastrukturen, en état respektiv en conformité bruecht ginn. Ma 600.000 Euro si virgesi fir eng Mise en conformité technique, wou de Sall Grimler am Centre sportif Hartmann ze maachen. De Centre sportif René Hartmann gouf jo awer virun e puer Joer eréischt renovéiert. An do stellen ech mir natierlech d'Fro, ob do verschidden Aarbechten net gemaach goufen an déi nogeholl ginn oder wat ass do genau de Problem? Mir ass opgefall, dass 30.000 Euro virgesi sinn, fir de Kaf vu Konschtwierker. Ech muss soen, dass ech net wousst, dass d'Kafe vu Konschtwierker zu den Aufgabe vun enger Gemeng gehéiert. Huet d'Gemeng da schonn eppes Besonnesches en vue? Well déi lescht Jore si jo och scho scheinbar e puer Konschtwierker kaf ginn. Wat geschitt eigentlech domadder? Well d'Mauere si jo iergendwa voll an an der Ëmgéigend ginn et elo net méi vill Plazen, wou ee weider Konschtwierker histelle kann. Et ass jo och méiglech, beim Musée de l'Art Konschtwierker auszeléinen. Wier dës net eng gutt Méiglechkeet, fir e puer Euro anzespueren? Dës Weidere kann een e Bild jo dann ëmmer erëm zeréckginn, wann een et genuch ugekuckt huet. E Montant vu 24.000 Euro ass och virgesi fir Bicher, Dokumenter, an Zeitungsabonnementer ze bezuelen. Dee Montant schéngt mir relativ héich ze sinn. Et sief dann, mir géinge selwer e Buch publizéieren oder ass dee Montant esou héich, well mir Bicher fir eis Bibliothéik kafen?

De Fuerpark vun der Gemeng gëtt och reegelméisseg erneiert, respektiv gëtt och emol e Gefier dozou kaf, falls dëst méiglech ass. An dat ass jo och gutt esou. Mir ass awer opgefall, dass nëmme bei wéineg Gefierer dobäi steet, dass et sech ëm Elektrogefierer handelt. De Staat ass schonn zanter e puer Joer um Wee, dass just nach, sauf exception, duerch d'Virleeë vun den néidegen Argumenter, Elektroautoe kaf ginn. Wéi gesäit dat um Niveau vun eiser Gemeng aus? Ass et do net méiglech, fir méi vum Verbrennermotor ewechzekommen? Ech kann hei och erwänen, dass ech schonn e puer Elektro-Camionnettë getest hunn an déi erstaunlech performant sinn. Wat d'Syndikater ugeet, do sprangen d'Ausgabe fir de STEP vu ronn 2,8 Millioune Euro am Joer 2023 op 3,6 Millioune Euro fir d'Joer 2024. Wann ech richteg informéiert sinn, ginn hei bis zum Joer 2031 bis zu 180 Millioune Euro investéiert, mam Zil, d'Kapazitéit ze verduebelen an esou wäerte mir dee Chiffer och an den nächste Joren nach weider erëmgesinn. D'Fro ass natierlech virun allem, wat fir e Prozentsaz an deene Käschten Diddeleng hei bäisteiert. Wat den TICE ugeet, klammen d'Ausgabe vun 2,4 Millioune Euro am Joer 2023 op bal dat Duebelt, nämlech op 4 Millioune Euro fir d'Joer 2024. Den TICE schéngt also en deiert Spill ze sinn. Dëse Montant ass, wann ech richteg leien, ënner anerem esou héich, well mir hei zu Diddeleng eng Rei intern Linne vum TICE duerchféiere loossen an dat kascht nun emol Geld.

Hei ass d'Fro, ob et do eng méi bëlleg Alternativ gëtt. Da muss den TICE bis 2030 och nach all seng Busser op Elektresch ëmstellen. Wéi ass et hei mat der Konventioun vum Staat? Leeft déi dann net d'nächst Joer aus? A falls jo, ass et dann och esou, dass dee Moment an dësem Dossier manner subventionéiert gëtt? A wéi gesäit et mat Busladestatiounen aus? Well ech weess net, ob mer schonn esou eng hei zu Diddeleng hunn. Egal wéi hu mir bei deene verschiddene Syndikater enorm héich Beträg, déi zu eise Laaschte leien, bei deenen een dann awer e Mol kuerz erféiert, wann een dat esou déi éischte Kéier liest. Beträg, déi an de Syndikatssëtzungen decidéiert ginn. Ech muss soen, dass fir mech dann awer ze wéineg Transparenz an dësen Dossieren ass, fir einfach esou mir nix dir nix déi riseg Zommen unzehuelen, virun allem, wann ech net weess, ob vun der Gemeng aus no enger méi gënschteger Méiglechkeet gesicht gouf.

Bei de Frais de gestion pour stockage en entrepôt par entité externe, Gas, si fir den Exercice 2024 81.000 Euro virgesinn. Am Joer 2023 waren et just 39.000 Euro, also manner wéi d'Hallschent, eng Erhéijung, déi mer awer ze héich schéngt, oder wéi ass dat alles ze erklären? D'Participatioun u Vël'OK gitt vun 61.000 Euro op 90.000 Euro erop. Selbstverständlech si mir dofir, dass méi op déi duuss Mobilitéit ëmgeklomme gëtt, mee wat genau gëtt hei gemaach? Weider Vëloe kaf, well de Besoin besteet oder ginn der einfach ze vill futtigemaach, an dëse Surplus u Gelder ass geduecht, fir dat auszegläichen. Hei stellen sech dann och direkt e puer Froen. wéi vill Abonnementer hu mir, wéi vill Schued gëtt gemaach, wie benotzt se, a virun allem huet d'Iddi Vël'OK Ärer Meenung no säin Zil erreecht? Mir hu rezent e Prêt iwwer 40 Millioune Euro gestëmmt gehat, déi virun allem fir den Ëmbau vun der Schoul Brill wéi och fir de Strutzbierg an d'Gemengenateliere geduecht ass. Fir 2024 ass e weidere Prêt, dës Kéier iwwer 43 Millioune Euro geplangt. Dës Sue ginn ënner anerem fir de Projet A Bëlleg an d'Déierenasyl benotzt.

Dass an eng Stad investéiert muss ginn, dat gesinn ech an, dass een all d'Aarbechten op eemol wëll maachen, amplaz deen een oder anere Projet e bëssen no hannen ze verleeën, fir esou de Budget och ouni gréissere Prêt am Gläichgewiicht ze halen, ass awer mol, fir Gedanken driwwer ze verléieren, besonnesch elo an deene schwéieren Zäiten, an deene mir eis befannen. Wann ech richteg leien, dierfe laut dem Ministère de l'Interieur d'Annuitéiten net méi héich sinn ewéi zwanzeg Prozent vun der Recette ordinaire. Bon, do sti mir jo gutt do. An awer. Fir véieranzwanzeg sti jo véier Millioune



Euro am Budget fir d'Déierenasyl auszebauen. Dëst ass dee gréisste Batz vun deene bal sechs Milliounen Euro, déi fir dësen Ëmbau gebraucht ginn. Jiddereen, dee schonn emol eng Kéier op enger Porte Ouverte vum Déierenasyl war, weess wéi einfach dëst gebaut ass. Ofgesi vum Festsall am Haaptgebai sinn do virun allem vill Maueren a Gitteren. Mir si jo frou, dass méi Plaz fir d'Déiere soll geschaf ginn, mee 6 Milliounen Euro schéngt mer awer bësse vill. Dës Weidere sinn ech der Meenung, dass dës eventuell och ee vun deene Projeten ass, deen ee vläit ëm e puer Joer no hannen hätt kéinte leeën. Mir däerfen och net vergiessen, dass vill Positiounen am Endeffekt méi deier ginn, wéi ufangs geplangt. An deene puer Sitzungen, déi dëse Gemengerot bis elo hat, stounge reegelméisseg Budgetserhéijungen um Ordre du jour an ech fäerten, dass och déi kommend Projete méi deier wäerte ginn ewéi initial geplangt. Dës Weidere weess och nach keen, bis wouhi d'Bankzënsen nach klamme wäerten.

De ganze Projet Neischmelz, respektiv deen déckste Batz heivun, ass jo och nach net am Budget virgesinn, esou dass d'Schold, déi eis Gemeng huet an natierlech och zeréckbezuele muss, och an den nächste Joren nach weider klamme wäert. A wann ech kucken, wéi e Montant ab dem kommende Joer schonn op de Prêt bezuelt muss ginn, da schwätze mir net vu Kleinkram. Schued ass et, dass de Budget net a Stécker gestëmmt gëtt, mee just an der Gesamtheet. Géife mir Punkt fir Punkt ofstëmmen, géif ech mat Sécherheet vill Budgetspositioune matdroen, well, wéi schonn am Ufank vu menger Ried gesot, si vill gutt a wichteg Punkten an dësem Budget zesummegefaasst, wou ech mech elo schonn drop freeën, fir se mat ëmzesetzen an Diddeleng no vir ze bréngen. Wéi awer och opgezielt, sinn do och eng Partie dobäi, déi mir aus diverse Grënn manner gutt gefalen, wou Froen an Onkloerheete sinn.
Wouraus sech schléisst, dass ech mech, wat de Budget rectifié fir den Exercice 2023 ugeet, enthale wäert, ech de Budget fir d'Joer 2024 a senger Gesamtheet awer leider net matdroe kann. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer, fir Är Aschätzung.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif alleguerten, ech huelen dëst Joer Stellungnam zur Mobilitéit, wéi all Joer, an och zur Voirie, zum Commerce, zu der Egalité des chances an och zur Museksschoul. Ech fänken dann u mat der Mobilitéit, dass mer 2024 op d'Erweiderung vun de Chargy-Borne setzen, vun deene mer der bis haut zwielef hunn a wat net méi duergeet. Mir riichten dëst Joer nei Bushaisercher op mat Solarpanel a gréngem Daach an dat an der Rue de L'Etang an op der Plaz Gymnich Richtung Zentrum. Dräi goufen der 2023 erneiert. Mir hunn dëst Joer eist innerstättescht Buslinnennetz weider optiméiert. Et ass eng Linn bäikomm, déi d'Rue de la Vallée an d'Rue des Champs gutt abënnt. Et koumen do natierlech och néideg Arrête bäi an d'Linn gëtt pro Woch duerchschnëttlech ewell vu fënnefhonnertfofzeg Bierger genotzt. Op méi grousse Bushaltestelle ginn, wéi bei der Gemeng, op der Gare, an der Rue de Commerce Real-time-Anzeigen installéiert, wou da jiddereen direkt gesäit, wéini säi Bus kënnt. Säit 2019 schaffe mer fortlafend un der Mise en conformité vun eisen Zebrasträifen. Bis ewell hu mer der scho siwenasechzeg vun honnertfënnefavéierzeg nei gemeet an 2024 huele mer eis zéng weiderer op de Leescht. Och de Vëlo behale mer am Fokus a bauen dat Netz weider aus, 2023 louch een Haaptakzent op enger besserer Signalisatioun vun de Vëlosweeër. Ech denken, dëst dierft och eist Vëlosfuerer freeën. No jorelaang Diskussioune mam Ministère konnten d'Rue du Parc zwëschent der Rue Dominique Lang an der Rue Pasteur endlech an eng Zon 30 ëmgestallt ginn, dëst mat engem kloren, siichtbaren Akzent fir d'Sécherheet vun de Schüler op der Héicht vun eisem Lycée.

D'Rue de L'Etang ass verkéiersberouegt ginn an d'Méiglechkeet gouf geschafen, dass d'Vëloen zwëschent der Gare an op der Plaz Am Duerf a béid Richtunge kënnen zirkuléieren. Am Joer 2024 wëlle mer de Vëloswee Route Luxembourg bis Rue Jean Simon weiderféieren, fir eng besser Ubannung un déi national Vëlospist vu Beetebuerg op Diddeleng ze schafen. D'Etüden an der Rue Madame Mayrisch de Sainte Hubert lafen op Héischtouren an hei gouf de Projet détaillé lancéiert, fir e Chemin mixte fir Foussgänger a Vëlo ze realiséieren. Och beim Vëlosummer 2024 maache mer nees mat an de Service vun der Zirkulatioun wäert sech do och d'Kommunikatioun hale mat Vëlo-Diddeleng, fir do d'Maachbarkeet, d'Sécherheet an e sënnvoll Konzept auszeschaffen. Mir schaffen och drun, de Vëlostour vun 2023, de Family Tour, permanent ze halen, an de Family Tour vun 2023, a wéi et ausgesäit, schléisse sech d'Gemenge Réiser a Fréiseng hei un, wat den Tour géing erweideren an nach méi attraktiv maachen. Am Park Le'h, dat ass jo och schonn ugeklongen, sollen LED-Luuchte mat Beweegungsmelder installéiert ginn, déi just e kuerze Moment uginn, wann de Vëlosfuerer kënnt, esou dass d'Déieren an der Däischtert net gestéiert sinn. Hei waarde mer nach just op eng positiv Äntwert vum Ministère. Och eise Vël'OK krut zwou nei Statiounen. Eng koum op d'Bierenger Kiermesplaz an eng an de PAP A Bëlleg. Hei gouf déi bei der Barrière verréckelt. Am Joer 2024 solle véier Haaptstatiounen, wéinst hirem Succès, och nach ausgebaut ginn.

Dëst Joer gouf de SUMP ofgeschloss, an deen all d'Parteien an och vill Bierger mat agebonne war. Et gouf zesummen e konstruktiivt Dokument ausgeschafft, Recommandatiounen aus dem SUMP souwéi och déi vum Plan national de la mobilité sollen zukünfteg an eis Stroossebauplanung afléissen. Dëst wär just een Extrait vun deem, wat d'Zirkulatioun 2023 ëmgesat huet, an 2024 wäert ëmsetzen. Aleng dësen Extrait weist, dass an dësem Service net geschlof gëtt, dofir seet

d'LSAP dem Pit Demuth a senge Leit e grousse Merci fir déi gutt Aarbecht an och déi Frëndlechkeet, déi engem mam Pit ëmmer erëm begéint.

„Voirie". Fir d'éischt emol eng Rei Stroossen, déi komplett nei reamenagéiert goufen, dat heescht Gas, Waasser, Éclairage public, Eltrona, Creos, Post, Canal a Voirie. Dat betrëfft d'Rue Antoine Zinnen, dann deen décke Chantier a Kollaboratioun mat Ponts et Chaussées, Rue du Commerce, Rue de la Libération, Route de Zoufftgen an déi drëtt Phas vum Shared Space mat der Plaz Frantz Kinnen. Dann e komplette Reamenagement vun der Rue de L'Etang, wou mer dann och déi éischt Phas vun der Conduite de refoulement en vue vum Projet Neischmelz realiséiert hunn. Bei weidere siwe Stroosse gouf eng Rei Post- Eltrona- a Voirieschantiere realiséiert. Nei Raclagë goufen an de Strooss Sydney Thomas, Kräizung vun der Rue Grande-Duchesse Charlotte, Rue de L'Etang, Route de Burange, an zwëschent der Route de Burange an dem Rond-point Q8, realiséiert. Och Viabilisatiounsaarbechte fir déi éischt Phas vum Déierenasyl goufen ëmgesat. De Chantier Rue des Écoles a Rue de l'Independance, wou mer am Buedem an iwwert dem Buedem alles nei maachen, huele mer da mat eran an d'Joer 2024. Dann nach e puer Projeten, déi mer eis 2024 op de Leescht huelen. Do ass de Chantier an der Route de Budersberg ze nennen, dee mer mat der Ponts et Chaussées realiséieren. Dës Strooss kritt jo e komplett neit Gesiicht. Do gouf jo schonns 2022 den Devis vu 7,1 Milliounen Euro gestëmmt, déi an dës Strooss sollen investéiert ginn. Wichteg hei d'Verbreede vum Trottoir fir Vëlo a Passant an d'Amenagement virun der Schoul Butschebuerg, deen d'Sécherheet fir Kanner kloer verbessert. Fir 2024 sinn dann och nees eng Rei Raclagë programméiert, och d'Viabilisatioun vun der zweeter Phas vum Déierenasyl huet säit dëser Woch mam Ariichte vum Chantier ugefaangen. Et ass eis als LSAP wichteg, all Joer eng Rei vun eise Stroossen neizemaachen, fir op deem Niveau kontinuéierlech ze moderniséieren. E grousse Merci vun der LSAP-Fraktioun fir de Micael Da Silva mat sengem Service, fir hiren Engagement an och fir dat oppent Ouer, wat een ëmmer erëm do fënnt, wann een eng Fro huet.

Zum Commerce. Beim Commerce kënnt een net derlaanscht, nach eemol d'Fäerdegstellung vun der drëtter Phas vum Shared Space ze nennen. Dës ass jo am Mee 2023 ageweit ginn a war direkt mat Liewe gefëllt. Dës flott an nei amenagéiert Plaz huet d'Attraktivitéit vun eisem Stadkär nach erhéicht, well déi dräi Phasen elo an engem Ganze verschmolt sinn. Mir hu mat der Frantz Kinnen Plaz elo dräi flott a modern Plazen, wou sech eis Bierger kënnen ophalen, fir mateneen ze diskutéieren, e Pättchen ze drénken oder zesummen z'iessen. Eng Rei flott Sëtzgeleeënheete koume bäi, fir ze raschten oder de Leit nozekucken. E Stadkär, kann ee soen, dee sech weise léisst a wou et Loscht mécht, fir anzekafen an enger Zäit, wou de Mënsch sech amgaang ass, lues a lues d'Akafen am Eenzelhandel ofzewinnen. Den Internethandel a grouss Akafszentre setzen den Eenzelhandel an eiser Stad fatzeg ënner Drock. Wien als Gemeng do de Kapp an de Sand stécht, huet an deem Entwécklungsprozess scho verluer. Dëst huet d'Diddeleng ënnert der LSAP net gemeet, mir hunn den Diddelenger Stadkär iwwer déi lescht Joer moderniséiert an d'Resultat léisst sech, wéi gesot, nach eemol weisen. Mir wëllen net, dass et am Eenzelhandel biergof geet. Mir wëllen net, dass mussen an deem Secteur Aarbechtsplazen ofgebaut ginn.
Mir wëllen och net, dass hei zu Diddeleng Geschäftslokaler eidel stinn an dofir loune mir sechs Lokaler a verlounen dës och 2024 weider zu engem abordabele Loyerspräis, fir esou dem Leescht dann entgéintzewierken. Mir kënnen, méi, hei kënne mir da mat decidéieren, wien an dës Lokaler kënnt, fir dass mer d'Diversitéit vum Angebot kënnen e bësse mat steieren. Et ass eis och gelongen, mat eiser Politik eng Rei Betriber op Diddeleng ze kréien, déi nohalteg ënnerwee sinn. Nëmmen als Beispill kann een hei de co-labor nennen oder deen neie Pop-up Casada Lux a Kollaboratioun mam Kräizbierg. Natierlech geléngt et jidderengem, dee mir an dës Lokaler, net jidderengem, dee mir an dës Lokaler bréngen, fir sech längerfristeg hei ze etabléieren. Wien dës Chance kritt, decidéiert virun allem och de Konsument. An och wann et eemol hei oder do en Echec gëtt, ass dat keng Ursaach fir eis, fir vun deem Wee ofzewäichen. Iwwert allem muss ee festhalen, dass d'Mesurë gräifen. Als ëffentlech Hand ass et jo net eise Rôle, alles ze steieren, et ass eise Rôle, dem Eenzelhandel do, wou mer kënnen, ënner d'Äerm ze gräifen an iwwerall do eng Hand unzepaken, wou eng Hand gebraucht gëtt an eis Hand gëtt gebraucht. Mir ënnerstëtzen och weider als Diddelenger Gemeng Lëtzshop, fir esou deem Eenzelhandel seng Vitrinn ze erweideren. Dem Commerce säin Haaptpilier ass a bleift de Konsument, deen trotz allen Angeboter, déi et gëtt, wëllt an Diddeleng kafen, deen op de Service setzt, an deem et wichteg ass, dass säi Stadkär lieweg an attraktiv bleift.

Mir als LSAP hunn eise Beitrag net nëmme geleescht, neen, mir hunn en iwwert déi lescht Jore konsequent gesteigert, mir ënnerstëtzen, wou mer kënnen, d'Manifestatiounen am Duerf, ënnerstëtzen d'Initiative vum FCAD a suergen och mat eegen Initiativ fir vill Animatiounen. Merci dem Claude Leners, eisem City Manager, fir säi formidabelen Asaz a säi Versteesdemech fir eis Geschäftswelt. D'Egalité des chances et de la non-discrimination, eise Service vun der Égalité des chances ass säit ville Joren an eiser Gemeng an net méi ewech ze denken. Hir Servicer stiechen de Bierger net am Groussen an d'Aen, et setzt och net jidderee sech mat hiren Theemen auserneen, obschonn der vill aus eiser Gesellschaft all Dag konfrontéiert si mat Diskriminatioun an Ongläichheet. Et ass ee schonns e gutt Stéck virukomm, mee et bleift och nach e gutt Stécks ze verbesseren. Déi dräi Fraen aus deem Service leeschten hei en enorme Beitrag a si mat Häerz a Séil engagéiert. Ech brauch hei just déi nei Charte ze erwänen, mat deenen 111 Moossnamen, déi se dëst Joer ausgeschafft a virgestallt hunn. Un dëser Charte orientéiert sech de Service elo bis 2030. De Service huet bei honnertfënnefanzwanzeg Aktiounen a Veranstaltunge matgewierkt oder se selwer organiséiert. Dat ass en décke Pak. Do virdru kann een nëmmen den Hutt hiewen. Dëst Joer hate sechs verschidden Organisatiounen, Clibb a Schoulen der Kommissioun hire Projet fir de Gläichstellungsférderpräis virgestallt, dee mat 3.500 Euro dotéiert ass. D'Kommissioun huet dann eise Lycée, den LNB, fir dëse Präis zeréckbehalen. Mir wëllen et als LSAP och kee Fall mëssen, eisem Isabel, dem Sandrine an dem



Michèle e grousse Merci auszeschwätze fir hiren onermiddlechen Asaz, mat deem si iwwert dat ganzt Joer nees ugetruede sinn.

Nach kuerz zur Museksschoul. Mir hunn am virleschte Gemengerot eréischt der definitiver Museksschoulorganisatioun heibanne gréng Luucht ginn an haten dobäi de ganze Fonctionnement vun A bis Z duerchgeholl. Ech wëll och dofir an dësem Punkt meng Stellungnam kuerz halen. Eis Museksschoul ass fir d'Schouljoer 2023-2024 gewuess an zielt elo fofzénghonnertsiwenandrësseg Schüler. An Zukunft solle jo d'Danzklassen, déi am meeschte wuessen, op Neischmelz en neit Doheem fannen. Ech soen am Numm vun der LSAP-Fraktioun och dem Bob Morhard, dem Direkter, dem Sous-Direkter Laurent Felten, hirer Administratioun, wéi dem Enseignement e ganz grousse Merci fir hir Aarbecht, déi se hei dat ganzt Joer geleescht hunn. Voilà, dat zu menger Stellungnam. Ech muss awer, Madamm Kayser, eppes och zu Ärer Stellungnam soen. Ech sinn ëmmer am meeschte gespaant op déi.

Dat éischt Joer, wéi ech hei ugefaangen hunn, sidd Dir hei mam Kampfpanzer eragefuer an hutt op eis geschoss an et ass kee lieweg erausgaangen. Dat Joer drop hat Dir nëmmen d'Gewier an der Täsch. D'leschte Joer hat ech gesot, Dir hätt scho bal mat eis gekuschelt. An dëst Joer sidd Der nach e Stéck méi wäit gaangen, Dir hutt lech quasi schëlleg bekannt, als CSV mat un der finanzieller Schold, vun der Finanzéierung, déi mer elo hei opgebaut hunn an eisen Emprunt vun 2023, schëlleg ze sinn, well Dir déi Projeten, déi mer gemaach hunn, alleguerte mat finanzéiert hutt. Ech froe mech awer, ob dat net strateegesch war oder en déift Bereie vun der CSV, dass Dir esou blauäugeg waart, dass Der déi Projete vun der LSAP matgedroen hutt, déi mir 2024 hei realiséiert hunn. Dat weist eis 2024 da bei de Projeten, déi alles keng cool Projete sinn, mee lauter Projeten, déi Diddeleng braucht, ob Dir déi da matstëmmt oder ob Dir dergéint stëmmt, well finalement, wann Dir net fir d'Emprunte sidd, musst Dir och géint déi Projeten all sinn. Stëmmt Dir derfir, da musst Dir lech d'nächst Joer erëm schëlleg erklären, stëmmt Dir dergéint, da kënnt Dir d'nächst Joer erëm de Panzer matbréngen. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Clement, fir Är Stellungnam.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, ech wëll och Merci soen dem Pascal Poull fir seng Aarbecht a fir seng Disponibilitéit bei Froen. Virop nach just eng kleng Klammer zu deem Gerumouers, dat hei opkomm ass bei deem Wuert „Skrupel" vun der Madamm Kayser. Den Här Martini huet dat nogesicht: Skrupulum war eng réimesch Mënz, dat passt also komplett an de Kontext. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, gi mer e bësse méi seriö. Zënter dräi Joer drécken ech bei dësem Exercice meng Bedenken zur Entwécklung vun der Finanzsituatioun vun der Gemeng aus. Fir mech als absolutte Schmaalspuerfinanzler ass et beonrouegend, wéi am Laf vun de leschte Joren eise Boni erofgeet a virun allem, wéi mer ëmmer méi héich Emprunte musse stëmmen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Grad esou laang gëtt den Här Buergermeeschter es net midd, eis ze berouegen an ze soen, dass dat dach alles net esou dramatesch ass. De Ratio vun der Gemengeverscholdung wier zanter 2021 vun eent Komma zwee Prozent op véier Komma fënnefanachtzeg eropgaangen, awer déi virtuell rout Luucht am Inneministère géif eréischt bei fofzéng Prozent ugoen. Dat wier also nach komfortabel, wéi hie seet. Mee dee Ratio huet sech awer an dräi Joer vervéierfacht! Trotzdeem: Tëscht 2003 an 2010 hu mer 11,5 Milliounen Euro geléint, tëscht 2014 an 2016 13 Milliounen Euro aleng fir de Mammutprojet Centre sportif René Hartmann, a vun all deenen Emprunte bleiwen elo nach 8,7 Milliounen Euro zeréckzebezuelen. Tëscht 2016 an 2022 hate mer keen Emprunt opgeholl, awer fir d'Joren 2022, 2023, 2024 kéimen elo ëm 93 Milliounen Euro an Empprunten dobäi.

Da gëtt eis gesot, d'Zil wier, „weider an Diddeleng z'investéieren a weider Diddeleng ze moderniséieren, well als véiertgréisst Stad hu mir den Challenge, déi Dynamik, déi dës Stad huet, bäizebehalen a konsequent an dës Stad z'investéieren, fir modern a flott Infrastrukturen ze hunn, déi zur Liewensqualitéit bäidroen." D'Devise ass „Konsolidatioun ouni Ofbau an ouni Stëllstand, an Empprunten huele mer nëmmen op fir grouss Projeten." Dat ass jo alles richteg, an dat sinn eis Ziler zanter ganz laang schonn, an dat fechte mer och net un. Mee an dräi Joer maache mer zousätzlech Scholden an der Héicht vun der Hallschent vun engem Joresbudget vun eiser Gemeng. D'Pro-Kapp-Verscholdung huet sech an de leschten zéng Joer verzéngfacht an eis Awunnerzuel ass just ëm zéng Prozent geklommen. A wann dat dann un der Ukrain, um Index, un der Präisdeierecht, um Leetzëns an esou weider hänkt, misste mer dann net vläicht awer nach méi virsiichteg ginn an no enger Brems fir déi konstant Verscholdung sichen? A si mer net vläicht awer schonn um Wee op eng Iwwerverscholdung? Déi 45 Milliounen Euro Emprunte vun de leschten zwee Joer si laut dem Pascal Poull a véier grouss Projete gaangen: 6,7 Milliounen Euro an d'Schoul Brill, 4,5 Milliounen Euro an d'Schoul Gaffelt, 11,9 Milliounen Euro an d'Gemengenatelieren an 13 Milliounen Euro an de Strutzbierg.

Et ass jo richteg, dass muss weider investéiert ginn, mee a wat fir engem Mooss? Wou steiere mer hin? Et ass elo bal zéng Auer an ech hu bal zéng Minutte geschwat, also geheien ech just eng kleng Klammer an d'Luucht fir d'Schoul Balzeng. Wat mech do erfreet huet, dat war bei deene Biergerbedeelegungen am Virfeld, fir d'Schoul Balzeng, do war bei der leschter Presentatioun erauskomm, dass dee Projet am Fong duerch d'Bierger a senger Envergure e bësse reduzéiert ginn ass. Ech mengen ëm en Drëttel, wann ech mech

net ieren. Dat géif jo dann och bedeiten, zum Beispill, dass de Projet méi bëlleg gëtt, an da kann een nëmme begréissen, dass d'Bierger och besuergt sinn, fir eis Projeten a gesonde Moossen ze behalen. By the way, eng zweet Klammer hunn ech awer, d'Madamm Kayser huet et fonnt a mir gesot, ech soll et froen: de Budget participatif 2023: 146.500 Euro a fir 2024 nach just 38.500 Euro. Wéi ass dat ze erklären? D'selwecht beim Biergerforum: 2023 32.000 Euro an 2024 15.000 Euro.

Zeréck zu eise Projeten. Net ze vergiesse sinn, wéi d'Madamm Kayser et och scho sot, déi Follgekäschten an d'Moderniséierung vun de kommunale Gebaier. Fir d'Sportshal Grimler aleng si beispillsweis tëscht 2011 an 2022 1,263 Milliounen Euro weider investéiert ginn a Beliichtung, Sonorisatioun, Tribünen, Buedembelag, Assainissement sanitaire a Rénovation énergétique. An 2024 kéimen dann nach 600.000 Euro fir eng Mise en conformité derbäi. Grouss Projeten a Schoulen a Sportinfrastrukture bréngen all Joer zousätzlech Käschten derbäi, an da muss ee laangfristeg kucken, dass een déi Ausgaben och nach gestemmt kritt. Mir hunn elo festgehal, dass mer bis op Weideres eis Reserven net wëllen untaaschten. Dat ass och gutt esou. Mir wëlle jo net eng Kéier op de Punkt kommen, wou mer d'Paie vun eise 768 Leit Personal net kënne bezuelen... Am Joer 2022 hate mer awer 4 Milliounen Euro aus eisem Fonds de réserve budgétaire geholl, dës Weideren e gewëssen Deel aus dem Reservfong vum Klimapakt fir d'Fraise vun den Etüde fir de Covenant of Mayors ze bezuelen. Wann ech dann déi Ausgabe vun eisem nohaltege Bechersystem nosichen, dann erlaben ech mer d'Fro, firwat mer dann zum Beispill déi Ausgaben net vun deem Reservfong Klimapakt kënne bezuelen, fir eise Budget ze entlaaschten. D'Uschafung vun neie Bechere kascht eis zanter zwee Joer 127.000 Euro, d'Locatioun vu weidere Bechere 14.330 Euro, de Leasing fir d'Spullmaschinn zanter 2022 115.000 Euro an d'Zeréckgräifen op externt Personal 37.000 Euro.

Do hänken ech och direkt zwou Froen drun. Wat genee, éischtens, ass d'Fonctioun vun deem externe Personal a firwat kënnen eis Servicer dat net assuréieren? An zweetens, mat deem groussen Invest an nei Becheren, wuelwëssend, dass déi och net éiweg halen a mussen ersat ginn, ass eise Stock dann elo grouss genuch, fir och grouss Manifestatiounen ze stemmen, wéi de Chrëschtmaart, den Usina oder d'Fête de la musique? De Schäffe Spina hat jo beim Aféiere vum Cup-System a vun der Charta zur Plastikvermeidung an Nohaltegkeet fir d'Veräiner direkt ugedeit, dass et bei esou grousse Manifestatiounen zu engem Engpass wäert kommen. À propos Charta, do hänkt och de Volet Green Events drun. Eis Gemeng huet 2023 zwou Manifestatiounen ënnert deem Label a just ee Veräi vun iwwer 220 ageschriwwene Veräiner, e Scoutsveräin, huet dee Label dëst Joer kritt a vun der Gemeng dofir 300 Euro kritt. Mol dee Label vu „Mir engagéieren eis", dee weesentlech manner administrativen Opwand bedeit, huet laut den Ausféierunge vum Schäffe Manderscheid kee Veräin ugefrot. Trotzdeem gesäit eise Budget 10.000 Euro fir 2024 vir. Eise Schäfferot ass also zouversiichtlech, dass d'Veräiner méi staark mat op dee Wee ginn. Dozou nach eng Fro: Eng Relance soll gestart ginn, fir déi Veräiner, déi d'Charta nach net ënnerschriwwen hunn. Wéi vill Veräiner waren ugeschriwwe ginn a wéi vill hunn der bis elo net ënnerschriwwen? An, kommen déi Veräiner, déi d'Charta net ënnerschriwwen hunn, och an de Genoss vum Gemengesubsid zum Label Green Events, wann si deen dann ufroen?

Zu der Fotovoltaikanlag um Centre sportif René Hartmann, déi jo elo soll fir 1,652 Milliounen Euro ausgebaut ginn: 2014 konnte mer just 75.000 Euro investéieren, well de Maximum, fir e Subsid ze kréien, op 30 Kilowatt Peak limitéiert war. 2017 hu mer 150.000 Euro an eng Gasstatioun vum Centre sportif René Hartmann investéiert, e puer Joer duerno an eng Pelletheizung, 2022 68.000 Euro an eng Mise en conformité vun der Kogeneratioun. An elo gouf eis gesot, déi nei Fotovoltaik um Daach vum Centre sportif René Hartmann géif an d'Kogeneratioun vum Quartier Brill a vum CIPA agespeist ginn. Soll d'elektresch Energie dann elo d'Pellets an der Kogeneratioun ersetzen oder wéi soll een déi Ausso verstoen?

Eng Bemierkung zu eise Waasser- an Offalltaxen: Beim Waasser si mer zu 100 % käschtendeckend, beim Offall nëmmen zu 75 %, och no deem neie Regimm vun der Taxéierung op d'Gewiicht. D'CSV ënnerstëtzt dem Schäfferot seng Absicht, d'Offalltaxen a Krisenzäiten trotzdeem net ze erhéijen an domat de Budget vun de Menagen ze schounen, och wann d'Gesetz et anescht virgesäit. Elo gouf eis awer de leschte Freideg vun enger Optiméierung vun den Tier vun de Müllcamione geschwat. Dat hat schonn eng Kéier ee Gemengebeamten an enger Ëmweltkommissioun opgeworf a mir wollten nofroen, wéi déi Optiméierung soll ausgesinn.

Da kommen ech nach kuerz zu enger Ausso vun der Schäfferotserklärung: „La plantation de différentes espèces d'arbres pour la protection de la biodiversité et la création de forêts intraurbaines." Ech hat schonn an de leschte Budgetsgemengeréit no deem Projet pédagogique „Mënsch an Natur" gefrot, fir déi fir 2023 75.000 Euro am Budget stoungen a fir 2024 elo weider 100.000 Euro. D'Madamm Ries hat graff drop geäntwert, et wier e Projet mat co-labor, deen nach an der Entwécklung stéing a wou et ëm Biodiversitéit a Biogeméis an de Schoule goen an nëmme Bongert an der Waldschoul. Well déi Invester awer net negligabel sinn, wollt ech nach eng Kéier nofroen, ob mer dee Projet 2024 da vläicht kéinte méi am Detail virgestallt kréien. Meng lescht Remark geet an dëser Adventszäit a Richtung Parkierch Saint Martin. An der Schäfferotserklärung stoung, dass d'Restauratioun vun der Fassad mam INPA géif an Etappe weidergoen. Fir 2024 sti keng Ausgaben a keng Subsiden am Budget. Och wann een op verschidde Plaze vun der Fassad muss d'Reeninfiltratiounen am A behalen, si mir vun der CSV awer voller Verständnis, dass déi grouss Restauratioun och mol kann ee bis zwee Joer zeréckgesat ginn. Wann een domat eise Budget e bëssen entlaaschten an Emprunte reduzéiere kann, ass dat eng gutt Entscheedung. Domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren. Et freet mech, dass ech et mol eng Kéier fäerdegbruecht hunn, meng Riednerzäit vun zéng Minutten anzehalen an ech wënschen eis wéi all Joer schéin a besënnlech Feierdeeg an eise Familljen. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler, fir Är budgetär Rigueur am Discours.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Majo, Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, et ass meng éischt Budgetsried an och den éischte Gemengebudget, mat deem ech mech esou déifgräifend beschäftegt hunn. Wann et och éierlech gesot am Ufank en Exercice ass, deen ee liicht iwwerfuerdert, sou konnt ech mech am Laf vun de leschten zwou Woche gutt an d'Dokument eraschaffen an analyséieren. Dofir e Merci un all déi heibannen, mat deenen ech iwwert hir Erfarungen an och meng Froe schwätze konnt. Och all deenen Diddelenger Gréngen, déi mech ënnerstëtzt hunn an awer och a virun allem dem Här Poull a senge Servicer an der Comptabilitéit, déi eis dat ganz iwwersiichtlech a kloer zoubereet hunn, e grousse Merci. Merci och all de Servicer, déi un dësem Budget matgeschafft hunn an déi och do Routstëft ugesat hunn, wou et méiglech war. Dat war sécherlech keen einfachen Exercice, well mir Diddeleng all wëllen zu sengem Beschte weiderentwéckelen. Dass et keng Zäit vu grousse Folie sinn, denken ech, huet jidderee matkritt. Polykrisen hunn eis an eng Situatioun bruecht vun Inflatioun an d'Damoklesschwäert vun enger Rezessioun schwieft iwwert eis. Déi certaine Prudence, vun där e puer Mol an der Circulaire vum Ministère rieds ass, huet een och an der leschter Woch aus dem Buergermeeschter senger Ried eraushéieren. Op Konsolidatioun, keen Ofbau a kee Stëllstand setzt de Schäfferot mat dësem Budget. An déi dräi Piliere kënne mir Gréng och esou ënnerschreiwen.

Et ass an Zäiten, wéi elo, wou et wichteg ass, dass déi ëffentlech Hand Investitioune mécht, déi antizyklesch sinn. Investitiounen a Schoulinfrastrukturen, abordabele Wunnengsbau, Sport, Kultur, Veräinswelt, Stroossebau an och manner attraktiv Investitiounen ewéi an d'Ofwaasser mussen nun emol eebe gemaach ginn. Dat sinn awer och all déi Investitiounen, déi ee muss héichhalen, wann een an Zäite vun enger nees méi floréierender Ekonomie net wëll d'Problemer ausbueden, déi een sech haut opgeschoben huet. Limiter le recours à l'emprunt au stricte nécessaire. Dës Konditioun gesi mir zu Diddeleng ginn, mir mussen eis wuel awer d'nächst Joer bei eisen Investitiounen dëse Saz aus der Circulaire vum 26. Oktober och ëmmer nees soen, éier mir d'Tranchë stëmmen. Nieft Investitiounen am extraordinäre Budget kommen d'nächst Joer d'Gesondheet, dann nach viraussiichtlech 15,3 Milliounen Euro un ordinären Depensen dobäi, déi sech engersäits duerch d'Participatioun un de Syndicaten, den Index, an d'Bienallen erklären. Anerersäits hu mir méi un Annuitéiten op eis Gemengeschold ze bezuelen. Déi Gemengeschold war ganz laang op engem nidderegen Niveau, wou d'Zäite besserer waren. Esou war eis Pro-Awunner-Verscholdung zéng Joer laang tëscht ronn 500 an 950 Euro op de Kapp. Du koum 2022 en éischte gréisseren Emprunt vun 10 Milliounen Euro, 2023 en Emprunt vu 40 Milliounen Euro an 2024 méiglech 43 Milliounen Euro. Dëst bréngt eis op eng Pro-Kapp-Verscholdung vu 4.409 Euro. Wann een dat vergläicht mat nach virun zwee Joer, also 2021, dann ass dat bal dat aachtfacht.

D'Energie- an d'Materialspräisser hu sech héich agependelt, eenzeler si liicht um Falen, dat hëlleft awer net, net ze erschrecken, wann een déi do Entwécklung ouni weider Erklärunge géing gesinn. Mir stinn zwar domat nach ëmmer gutt par rapport zu anere Gemengen a sinn och nach e gutt Stéck ewech bis d'rout Luucht ugeet, an awer wëlle mir drop hiweisen, dass et wichteg bleift, dës Entwécklungen am A ze behalen, well Geld léine kascht jo bekanntlech och Geld. Mir Gréng hunn d'Emprunte vun 2023 och matgedroen, well ee jo och Geld brauch fir d'Ëmsetzung vun de Projeten, déi ech virdru genannt hunn. Dobausse gutt erkläre léisst sech d'Empruntssituatioun op alle Fall. Esou ginn déi 25 Milliounen Euro, wou am Oktober gestëmmt gi sinn, am Januar 2024 liquidéiert an d'Méiglechkeet besteet deemno, 2024 déi 25 Milliounen Euro ze investéieren an deen anere Prêt vun 43 Milliounen Euro ze zéien, wou een dann eng 68 Milliounen Euro zur Verfügung hätt, fir de Budget vu 2024 mat engem Boni définitif vun 1,3 Milliounen Euro ofzeschléissen, liquid ze bleiwen an d'Investitioune kënnen ze maachen, wéi se geplangt sinn.

D'Annuitéiten, mat deenen am Ordinairen ze rechnen ass, déi ginn domat an de leschten zwee Joer direkt vu ronn 1,3 op ronn 6,6 Milliounen Euro erop. Och déi fënnef Milliounen Euro d'Joer méi am zukünftegen Ordinaire gëllt et am Hannerkapp ze behalen. E leschte mat Virsiicht geriichte Message beim Liese vum Service Ordinaire gesäit een och hei, dass d'Recettes ordinaires insgesamt sech manner gutt entwéckelen ewéi eis Depenses ordinaires sech an déi aus Diddelenger Siicht manner favorabel Richtung entwéckelen. Dëst sollte mir am A behalen, sécherlech ouni ze panikéieren. No menge Reflexiounen zu den Zuelen, géing ech profitéieren, op eenzel Theemen aus dem Budget anzegoen an der Presentatioun vu leschter Woch.

A puncto Sport hate mir jo schonn e puer Mol dëst Joer d'Geleeënheet ze weisen, dass déi Gréng Wuert halen, wann et drëms geet, de Schäfferot beim Investéieren an eng gutt Sportsinfrastruktur ze ënnerstëtzen. Dat banne wéi och baussen, esouwuel fir de Fräizäit- wéi och fir de Kompetitiounssport. Diddeleng ass mat senge Clibb eng Sportsstad. Et schaaft Kohäsioun an et ass en Invest an d'Jugend, d'Gesondheet an et ass och ëmmer e sozialen Akt. Sport freet net no Alter, net no Geschlecht, Nationalitéit oder Hautfaarf. Et hëlleft, an eiser stresseger Gesellschaft ofzeschalten an d'Akkuen ze lueden. Ech denken, heibannen hoffe mir alleguerten, dass de Strutzbierg fir d'Rentrée 2024-2025 och wierklech opgoe kann. Dass mir prett sinn, fir weider Sportsstonnen an eisen Infrastrukture kënnen unzebid-

den, dat wäert esou munch Situatioun deblockéieren a mir freeën eis heirobber.

Och wa mir rezent am September am Gemengerot d'Kaderdokument gestëmmt hu fir d'Subsides extraordinaires, esou liese mir aus dem Budget, dass d'Subside fir d'Sportsclibb aus dem Budget initial a rectifié fir 2023 och am Joer 2024 bei 45.000 Euro wäerte bleiwen. Mir haten insgeheim gehofft, d'Theema erëm mol kënnen opzewerfen, wann et 2024 ëm d'Fixatioun vun de Subside geet an dës gegeebenenfalls no uewen unzepassen. Dat virum Hannergrond, dass eis Sportsclibb eis reegelméisseg exzellent an europäesche Kompetitioune vertrieden. Mir haten och schonn eng Iddi, wou een dat Geld aspuere kéint. Beim Sweet Event, och wann dëst eist Gemeng laut Budget rectifié vun 2023 eng 25.000 Euro kascht huet, an d'nächst Joer mat 20.000 Euro e Stéck méi bëlleg wäert ginn, esou ass dat an eisen Aen nach ëmmer een Invest an déi falsch Richtung. Diddeleng huet mat senge Kiermessen, senge Bäckeren, enger Gelateria, senge Caféen, senge Restauranten an hoffentlech och an Zukunft nach mat sengem Chocolatier genuch lokal Méiglechkeeten, sech schneekesch ze verwinnen. Et gouf gesot, et wier kombinéiert mam alternative Maart. Näischt géint deen, deen ass wonnerbar an am verglach zum Sweet Event och hallef esou deier. Dass d'Leit drop gehalen hunn, d'Event bäizebehalen, war de Grond, ma do wier et interessant ze wëssen, wien dat alles war, dass et eis 20.000 Euro derwäert soll sinn.

Wa mir de gesondheetleche Volet hei mol ausklammeren, hätt eist lokaalt Handwierk dach sécherlech kënne gemam City Manager e Konzept Marke Eigenbau op d'Bee stelle kënnen an dat fir e Brochdeel vun de Käschten.
Positiv ervirzehiewe bei den Eventer ass d'Zesummeleeë vum Weltmaart an der Fête des cultures. Mir wëssen all, wéi schwéier et ass, Benevollen an ASBLen ze mobiliséieren, an hei mécht et absolut Sënn, dës Synergie ze schaffen an e grousst Fest doraus ze maachen. Et erméiglecht e flotten Austausch an et bréngt d'Leit zesummen. Dës Demarche kënnt wuel net just den Associatiounen entgéint, ma se kéint eis och Geld spueren, ouni eppes dofir ze sträichen. Mir hunn eis eebe just gefrot, wéisou d'Zesummeleeë vun deenen zwee Fester um Enn 5.000 Euro méi deier gëtt. Do waren 2023 am Rectifié fir d'Fête des cultures 40.000 Euro zesummekomm a fir de Weltmaart 15.000 Euro, d'Fusioun vu béide Fester ass awer mat 60.000 Euro am Initial 2024 veruschlaagt.

Bleiwe mir awer am positiven Elan a kommen eriwwer bei d'Theemen Enseignement, Jugend a Famill. Ech ginn net midd, et ze luewen an et als Best Practice Beispill och op anere Plazen ze ernimmen. Ech schwätze vun der Approche, wéi de Büro WWPlus virgeet a vun de politesch Verantwortlechen och virgoe gelooss gëtt, d'Bildungshaus als zentraalt Element vun engem besteeënde Quartier ze gesinn. Chapeau bas fir déi Virgoensweis mat Workshops an och der transparenter Ausaarbechtung vun deem, wat méiglech ass, a vun deem, wat net méiglech ass. Och dat ass Biergerbedeelegung. Huet den Aarbechtsgrupp tëscht Enseignanten an Educateure schonn op anere Plazen, och an Diddeleng, stattfonnt, so ass dat keng Selbstverständlechkeet, an et dréit dozou bäi, dass d'Experte vum Terrain hire Kader, an deem se spéider schaffen, och selwer kënne matgestalten.

Déi ugeduecht Verkéiersberouegungen, an och deen zum Deel net onëmstriddene Choix, op extra Parkplazen ze verzichten. ass voll a ganz an eisem Sënn a mir wäerten de Prozess weider erfreet a gespaant suivéieren. Och begréisse mir d'Astandsätz vun de Gebaier Brill, Gaffelt, Ribeschpont, Italien, dem Blockhaus an och enger Crèche am neie Quartier A Bëlleg, an ech hu sécher nach deen een oder anere Projet net ernimmt. Et deet sech vill an et ginn déi néideg Moyene virgesinn, déi et erméiglechen, nohaltegen, inklusive Betreiungs- a Schoulraum fir muer opzebauen. Dat ass tipptopp a mir si frou ze liesen, dass eng Stratégie de développement des sites scolaires am Budget steet, well mir eis heivunner erhoffen, dass domat an Zukunft keng Funktiounssäll méi musse fir e Klassesall wäichen. Ech hat et scho beim Volet Sport ugeschnidden, d'Fäerdegstellung vum Strutzbierg. Do hoffe mir, dass dat de Manktem un Infrastruktur combléiert a mir als Gemeng eise Soll erfëllt kréien, dass et mat der Ëmsetzung vun der drëtter obligatorescher wëchentlecher Sportsstonn fir all d'Diddelenger Kanner aus de Cyclen zwee an dräi klappt.

Et ass ëmmer blöd, wann een op Aarbechten ugewisen ass, wou een net onbedéngt viraussoe kann, wéini se da fäerdeg ginn. An et ass och da fir Presidenten, Schoulservice an Direktioun eng schwiereg Zäit, wann een zum Deel ab Februar scho Stonnepläng am Zenario eent an Zenario zwee plange muss. Ech hunn déi do Saachen och scho misste matmaachen, ma wann et herno geklappt huet, dann ass een ëmsou méi frou, sech déi Aarbecht gemaach ze hunn an zu engem Diddelenger Paradigmewiessel an der Ausféierung vum Schoulsport konnte bäizedroen. Hei elo just eng Fro, well mir vum Budget an net vun der Schoulorganisatioun schwätzen. D'Unzuel vun deenen Trajeten, déi an enger Woch A oder enger Woch B géinge méi ufalen, kréie mir déi all couvréiert mat eisem Fuerpark? Ass virgesinn, Busser bei Entreprisen ze léinen an domat déi zousätzlech Trajeten ofgedeckt ze kréien? Gëtt hei à la longue beim nächste Budget 2025 de Fuerpark mat engem zousätzlechen elektresche Bus ergänzt? Dat muss gewëss nach net fir dëst Joer sinn. Do wäert d'Loune bestëmmt méi gënschteg ginn, ma geet et an deem Fall och duer mam Personal vun eise Chauffeure. oder misst een do net och deemnächst drun denken, dass een opstockt?

Eist Jugendhaus, hate mir lescht Woch héieren, ass mat aachtdausendsiwenanzwanzeg Visitten am leschte Joer gutt besicht a stellt eng reell Hëllef fir eis Jonker duer. Dir hat et gesot, et sinn net just d'Aktivitéiten, ma och d'Berodung, déi dësen Uert wichteg maachen am Liewe vun eise Jonken an déi hinnen och den néidegen Halt kënne bidden. Och hei ënnerstëtze mir all Demarche a Richtung Ausbau vun der Offer, well et gouf d'lescht Woch gesot, et fänkt un enk ze ginn. A puncto Personal hoffe mir och op dee weideren Educateur ab Mëtt Januar vum Ministère.

Zum Theema Mobilitéit. Och hei hu mir net just ze knouteren. Den Ausbau vum ëffentlechen Transport mat der neier Buslinn ass e Succès. Et geet weider an déi Rich-

tung, de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, den Auto stoen ze loossen, fir sech an Diddeleng a ronderëm kënnen ze beweegen. Hei misst een dohannert bleiwen ze kucken, dass den TICE eis zukünfteg - a mir hate grad a virdrun och mam Kopfnicke schonn eng hallef Äntwert kritt, ma ech soen et awer, well ech et esou schéin hei formuléiert hunn - hei misst een dohannert bleiwen ze kucken, dass den TICE eis zukünfteg dës Linn ka fueren. Esou kascht eis d'Linn dach 320.000 Euro, dat un eng Privatfirma, woubäi op der anerer Säit den TICE mat iwwer 6 Milliounen Euro eisen deierste Syndikat ass. Wa schonn d'Deierecht vun deem Syndikat ännert anerem un der Erneierung vun der Busflott mat véierzéng Busse läit, esou hoffe mir, dass dat sech och an enger un déi urban Gegebenheeten ugepasste Flott erëmspigelt. Mir brauchen och no enger Reorganisatioun vum TICE-Reseau eis City-Busser an de Wunnquartieren, verstitt eis net falsch. Ma esou soll d'Stroossebreet a verkéiersberouegte Quartieren net méi vun iwwerdimensionéierte Gefierer ofhänken. Fir déi, déi komplett op de privaten Auto verzichte wëllen, awer net ëmmer kënnen, freet et eis, dass d'Offer vum Flex zu Diddeleng esou gutt ukënnt, esou wéi Dir de Chargy-Reseau gär ausbaut, hoffe mir och drop, dass et geschwë méiglech wäert ginn, och zu Diddeleng de Flex op zentrale Plazen a méi Wunnquartieren unzesidelen.

D'Beméie vun der Gemeng, d'Autoen esou gutt et geet aus dem Zentrum ze kréien, fanne mir zwar oft net konsequent genuch, siehe beispillsweis nach eis rezent Motioun zum Shared Space, ma esou gesi mir awer schonn en Ëmdenken an déi fir eis mol richteg Richtung. Flott fanne mir, dass den Ausbau vun den E-Bike-Statioune bei de VEWA a Strutzbierg an d'Erneierung vun där Flott mat 120.000 Euro am Budget ze fannen ass. Dat ass e ganz wichtegen Invest an en zesummenhänkende Reseaue vu Vëloen, wou d'Leit sech och mol méi spontan fir de leschte Kilometer kënnen ausléinen. Den Invest an e sécheren Iwwergang iwwert d'Lëtzebuerger Strooss an en definitive Chemin mixte an der Rue Madame Mayrisch de Saint Hubert hu mir mat Freed am Budget erëmfonnt. Dës Investitioune sinn nohalteg Investitiounen. Dat seet net just deen nohaltege Géngen, ma och d'Gesondheet an de Portmonni. Mir wënschen eis an Zukunft méi esou Virgoensweisen andeems ongenotzte Parkraum provisoresch an eng gënschteg alternativ Notzung ëmgewandelt gëtt, éier dann eng definitiv besser Léisung kënnt. Erfreet hunn eis d'Suen, déi agesat gi fir eng Visioun, an do si mer dann net bei der DP, fir eng Visioun vum Développement commercial um Horizont 2024 ze erstellen. Mir denken hei, dass mam City Manager an dem Geschäftsverband zwee ganz wichteg Acteure gutt zu Diddeleng beienee fonnt hunn, fir eisen attraktiven a villfältege Stadkär ze erhalen.

Den Online-Handel, et ass grad ugeschwat ginn, ass e Problem, net just fir eis Geschäfter, an esou fanne mir et gutt, dass net op deem gerout gëtt, wat am Moment zum Deel gutt leeft, mee dass sech d'Moyene gi ginn, hei drop ze setzen, dass mir an Zukunft weider e flotten Zentrum hunn. Mir hoffen insgeheim, dass dës Etüd allerdéngs net lassgekoppelt stattfënnt zum Mobilitéitsplang, ma dass hei ganzheetlech gekuckt gëtt, wat d'Plus-valuë vun enger Geschäftsstrooss kënne sinn. Ënner anerem d'Fro, ob dat ganzt Joer eebe mussen Autoe mëttes duerchfueren oder net. Ma dat Theema hate mer eréischt, maache mir elo net hei nach eng Kéier op, sollte mir awer mëttel-a laangfristeg via Etüden a manner via Bauchgefill oder Mikro-Trottoir um Schierm behalen. De Fuerpark hate mir virdru scho kuerz ugerass, wou et ëm de Schülertransport gaangen ass, ma och hei generell. Puncto Fuerpark huet d'Gemeng eiser Meenung no eng gewësse Virbildfunktioun, déi se an eisen Aen och zum Deel gutt erfëllt, andeems de konsequenten Ausbau vun erneierbaren Energien op Gemengendiecher weidergefouert gëtt, eng Iddi, déi och an eisem Walprogramm d'Theema war. Do si mer der Meenung, dass Diddeleng hei um richtege Wee ass.

Zum Deel, hunn ech awer gesot, well et eis allerdéngs net aliicht, wéisou mir déi gewonne Solarenergie net konsequent als Energiequell huelen, fir eise Fuerpark ze alimentéieren. Esou stelle mir fest, dass de Schäfferot weider gréisstendeels op Verbrennergefierer setzt beim Erneiere vum Gemengefuerpark. Gutt ass, dass bei der eenzeger Voiture de service, déi fir d'Gemengenatelieren ugeschaaft gëtt, et sech ëm een elektresche Modell handelt. Allerdéngs si vu siwe Camionnettë knapp mol eng eenzeg elektresch virgesinn. D'Räichwäit vun dëse Modeller dierft jo keen Argument sinn, wéisou mir net komplett ëmklammen. Sollten d' Viriichtunge vun den Elektrobornen e Problem duerstellen, wier et jo och hei d'Geleeënheet, dës auszebauen. Virun allem. well mir se um Horizont 2035 souwisou wäerte brauchen. Stroum produzéiere mir jo kuerz a mëttelfristeg ëmmer méi via Solarpanneauen op den ëffentleche Gebaier, eng Uelegquell hu mir trotz de ville Chantieren an Diddeleng nach keng fonnt. Deemno kéinte mir nieft dem ökologesche Virdeel och d'Onofhängegkeet vum deieren Energiemarché als Argument gesinn.

D'Virbildfunktioun wier hei an engems ginn, dass d'Leit, déi zum Deel nach skeptesch der Elektromobilitéit géigeniwwer stinn, net e kontradiktoresche Message vu Staat a Gemeng kréien, Subventioune fir Elektroautoe komme vu béiden ëffentlechen Acteuren, fir d'Bierger ze motivéieren, op E-Mobilitéit ëmzeklammen, ma wéisou klëmmt d'Gemeng dann net selwer konsequent ëm? Dëst wier net just stringent an ekonomesch sënnvoll à la longue, ma et géing sech och op d'Loftqualitéit zu Diddeleng nidderschloen. Déi ass zwar iwwerall zu Diddeleng an der Norm, wéi mir lescht Woch héieren hunn, mee mir sollten eisen Apport leeschten, dës weider ze verbesseren, an dat mat deene Maschinnen, wou mir en Afloss op d'Emissiounen hunn. Budgetär ass déi elektresch Camionnette mat 70.000 Euro och änlech deier wéi déi aner sechs mam Verbrennermotor, dofir géinge mir Iech hei encouragéieren, d'Efforten hin zu engem emissiounsfräie Fuerpark méi direkt a konsequent unzegoen. Beim Fuerpark allgemeng hätte mir eis och de Poste gewënscht vu mindestens engem elektresche Cargo-Vëlo fir d'Gemeng. Gären och mol als Projet, fir ze kucken, a wéi enge Servicer den Asaz Sënn mécht. Am Ausland gesäit een dat scho méi oft mat Poubellen, Kierbiischten, et gëtt se an alle Variatiounen an och mat einfache Luedfläche fir de Transport vu Gidder.

Zwar huet d'Gemeng fir hir Servicer schonn deels E-Biken am Fuerpark, ma bidden dës Cargo-Vëloe méi

Méiglechkeet, fir gemengenintern Päck, Geschier an Änleches séier an onkomplizéiert um direkte Wee ze transportéieren oder aner Asätz ze garantéieren. Mam Diddelenger Logo drop gepecht géing een esou och de Bierger a Biergerinne weisen, dass een de SUMP och als Gemeng virlieft, andeems een déi Automobiltrajete bannestättesch weider limitéiert. D'Alldagsnotzung géing gemengenintern zu enger serviceiwwergräifend Expertiss féieren, puncto Vélosinfrastruktur, an et wiere kuerz Weeër, fir beispillsweis gestreete Vélospiste, verdréite Schëlder oder änlech Quacken ze behiewen.

Ukomm beim SUMP a bal fäerdeg mat menger Ried. Ukomm beim SUMP freet et eis, dass de grénge PNM35 mat eeben dem SUMP, déi nei Bibel si fir d'Servicer. Hei hätte mer eis iwwer e gréissere Budgetsposte gefreet, fir Pop-up-Vélosweeër, iwwerdaachte Vélosstänner bei all Centres d'intérêts. Ech weess, mir hunn der schonn, ma beispillsweis bei all de Schoulen oder der Gemengeplaz. Och fir Testphasen, punkto Verkéiersberouegung, wou mat weidere Verengungen ënnert der Form vu Blummebacke mat Beem dra geschafft an experimentéiert kéint ginn, hätte mer eis eeben dee Budget gewënscht, ma villäicht ass da jo och bei deene villen Etüden eng esou Testphas mat dobäi gemengt. Vun de Passage-à-niveauen, wéi am PNM35 virgesinn, hu mir am Budget näischt méi gelies. Hei sinn d'Depenses extraordinaires fir de Budget 2024 op null Euro erofgaangen. Soll et dach dës Mesure sinn, déi eis erméiglecht, den Ausbau op zwou Spueren ze maachen an Diddeleng mat véier Zich an der Stonn - zwee dovun direkt - mat der Stad ze verbannen? Wou si mir do dru mat der neier Mobilitéitsministesch? Wéi gesäit et mat der Suppressioun vun der Barrière an der Bierenger Strooss aus, wou kënnt d'Alternativ hin a wou kënnt se eraus? Wéi steet et ëm déi Barriären am Zentrum? Ma no Luef, Kritik an e puer Fragezeiche schléisse mir och d'Mobilitéit positiv of. D'Abezéie vun der Vëlo Diddeleng ASBL als Amie critique a puncto Vélosinfrastruktur ass net selbstverständlech. D'oppent Ouer an d'Expertise vum Pit Demuth an dem Micael Da Silva kombinéiert mat den Terrainserfarunge vun der ASBL an der Oppenheet vum Schäfferot an där Saach hu schonn esou munch Situatioune verbessert.

Alles an allem gekuckt - elo kommen ech dann op eise Verdikt - hate mir mat der Ausféierung vum Budget 2023 keng gréisser Problemer. Ma mir haten den Initial net matgestëmmt, wat mécht, dass mer beim Budget rectifié fir 2023 eis wäerten enthalen. Zum Budget initial fir 2024, wéi schonn a menger Untrëttsried virun e puer Méint ugekënnegt, hunn ech mir virgeholl, meng Aarbecht am Gemengerot kritesch, awer ëmmer konstruktiv ze maachen. Dëst ass och weider mäi Prinzip, an dat beinhalt och, dass een net Oppositioun maache muss, fir Oppositioun ze maachen. A senge grousse Linne gesäit ee gutt, dass d'Servicer an och de Schäfferot sech vill Gedanke gemaach hunn, eis e Budget ze presentéieren, dee vill flott an interessant Projeten, vill Soziales, flott Evenementer beinhalt an ee Budget, deen och e gréngen Touch mat sech bréngt, deen och Nohaltegkeet, Ëmwelt, Klima an Naturschutz mat sech bréngt. Dëse grénge Touch geet eis - an ech denken, dat läit drun, dass dat eis Partei-DNA mat sech bréngt - net wäit genuch, wat de Grond ass, wéisou



mir de Budget initial vu 2024 net wäerte matstëmmen. D'politesch Decisiounen, en faveur vun XY an net YZ, si politesch Decisiounen. Do hätte mir eeben dat eent oder anert anescht virgesinn. Natierlech sinn an eiser Analys vum Budget och Punkten, zu deene mir an der Vergaangenheet Är Erklärunge kritt hunn, wéisou eppes esou an esou gelaf ass. Mir sinn eis däers bewosst, ma de Kader vun enger Budgetsried bréngt och mat sech, dass eppes, wat mir am Laf vum Joer anescht gesinn hunn, och no Erklärungen Ärersäits nach ëmmer kënnen anescht gesinn.

Nichtsdestotrotz freeë mer eis awer, esou wéi schonn 2023 och 2024, mat bei deene Projeten aus dem Budget um Dësch ze sëtzen an se mat Iech ze diskutéieren an Iddien aus eisem Walprogramm an eisen Diskussioune mat afléissen ze gesinn. Merci fir d'Nolauschteren!

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Schéine gudde Moien, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Am Numm vun der ADR wëlle mir awer och fir d'éischt dem Här Poull an alle Mataarbechter vun der Gemeng Diddeleng e grousse Merci soen, déi dëse komplexen an detailléierte Budget fir 2024 opgestallt hunn. Well et fir mech déi éischt Budgetssëtzung ass an e komplett neien Terrain, an deen ech mech aschaffe muss, fir en Iwwerbléck iwwert déi finanziell Responsabilitéite vun der Gemeng Diddeleng ze kréien, faassen ech mech da méi kuerz. Vill nei Projete si geplangt an eis Gemeng soll och méi attraktiv ginn, dofir begréisse mir, datt déi néideg Investitiounen, souwéi déi schoulesch Infrastrukturen ze verbesseren oder ze erneieren, solle gemaach ginn. Mir si fir eng nohalteg Finanzpolitik, woubäi een ëmmer muss oppassen, datt d'Pro-Kapp-Verscholdung net Iwwerhand hëlt.

Zum Budget hu mir e puer Froe par rapport zum Kredit fir 2024 am Kader vun de Covidmesuren, déi d'Gemeng virgesäit. Sinn deen nach néideg? Gëtt de Budget partizipativ an deenen nächste Joren erhéicht a wat ass do virgesinn? De Bierger Geld zur Verfügung ze stellen, fir d'Projeten, ass eng gutt Initiativ, mee de Montant, deen 2024 virgesinn ass als Budget participatif, ass an eisen Aen net héich genuch. Aus deene Grënn an och aus Viraussiicht op kommend Onkäschten, déi 2024 kéinten optauchen, enthale mir eis bei dësem Vott. Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet a wënschen Iech an Ärer Famill alleguerte schéi Feierdeeg an e ganz schéint neit Joer. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi dote Stellungnam.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengen- a Schäfferot. Fir d'éischt wëll ech awer och dem Schäfferot an de respektive Gemengeservicer Merci soen, fir d'Opstelle vun dësem Budget. Si hunn et fäerdegbruecht, trotz de rezente Krisen, ewéi och der ugespaanter Wirtschaftssituatioun, de Budget rectifié fir 2023 mat engem Boni ofzeschléissen. Jo, et ass weider a Projeten investéiert ginn. Dëst ware keng Projeten „nice to have", mee wichteg Projeten, déi d'Stad Diddeleng ënner anerem duerch hir Roll als véiertgréisst Gemeng an hir Entwécklung brauchen. Allerdéngs muss een de Budget awer am A behalen, datt mir dat an deenen nächste Joer weider vigilant bleiwen a virsiichteg mat eise Finanzen ëmginn.

Ech fänke bei der Sécherheet un, en Theema, bei deem ee meeschtens méi Depensen ewéi Recettë virfënnt an dat sech queesch duerch de Budget zitt. Hei kann ech zum Beispill d'Participatioun vum CGDIS erwänen, wou de Bäitrag, deen d'Gemeng un de CGDIS muss leeschten, beim Budget rectifié 2023 ëm 11,3 Prozent a beim Budget initial 2024 ëm 24 Prozent par rapport zum Budget 2022 an d'Luucht gaangen ass, an dat an der Optik vun der Ëmsetzung vum PNOS, dem Plan national d'organisation des secours. De Montant, deen eis Gemeng muss bezuele, sinn 1.278.105 Euro, wat 0,9 Prozent vum gesamte Budget vun der Gemeng ausmécht. Dat muss eis d'Sécherheet, déi essentiel Déngschtleeschtung um Bierger, awer wäert sinn. Wéi an der Schäfferotserklärung ugekënnegt, lancéiere mer 2024 de Projet Plan local de sécurité. Hei ass och de Comité de prévention locale schonn zesummekomm, wou festgehale gouf, datt de Projet am Fréijoer 2024 soll lancéiert ginn. An dësem Budget kann een och draus erausliesen, datt op villen Artikele Montanten ageplangt oder net. A kënnt fir den Entretien vun de Sécherheetsinstallatioune vun de Gemengegebaier, wat ze begréissen ass. Domadder mengen ech zum Beispill de Brandschutz, dat heescht Compartimentage, Brandschutzdieren oder Brandmelderanlagen an eise Gebaier.
D'Investitioun an den Entretien vun de Sécherheetsinstallatiounen ass wichteg, well hei ka vill Geld gespuert ginn, wann am Fall vun engem Incident, dee fréizäiteg erkannt ka gi, schnell reagéiert gëtt. E weidere Punkt beim Entretien vun deenen Installatiounen ass, datt mer d'Feelalarmen op e Minimum reduzéiere kënnen. Do soen d'Pompjeeën, virun allem déi fräiwëlleg Pompjeeën lech Merci, wa se nuets net mussen opstoe fir e Feelalarm a moies mussen erëm schaffe goen.

D'Erriichte vun enger Blockhütt um Site vun der Waldschoul ass och ee flotte Projet an och do freet et mech ze héieren, datt d'brandschutztechnesch Moossnamen nach musse virgesi ginn. Och ze begréissen ass et, datt dëst och fir Vakanzenaktivitéite ka benotzt ginn.
Wéi all Joer ass den 10. Oktober eng Journée nationale de prévention incendie. Dat gëtt eis zum Beispill d'Méiglechkeet, eis Matbierger op d'Geforen am Fall vun engem Brand oder vu Kuelemonoxydvergëftungen ze sensibiliséieren. Do wäerte mir eis um nationale Projet bedeelegen, respektiv mir starten deen Dag eng eegen Aktioun hei zu Diddeleng. E weidere Volet betreffend d'Sécherheet ass de Projet „Resilient Gemengen", dat heescht aus de rezente Krise léieren a fir d'Zukunft méi belaaschtbar ze sinn. An deem Zesummenhang ass et wichteg, datt mer eis als Gemeng besser virbereeden an esou organiséieren, datt mer am Fall vu gréisser Incidenten, wéi Stuerm oder Héichwaasser, prett sinn, fir eise Matbierger kënnen adequat Hëllef ze bidden. De Klimawandel a säin Impakt op eis Gemeng muss virbereet sinn.

Beim Theema Santé wëll ech op eis Born-à-vieën agoen. Dee Budget ass par rapport zu 2022 an d'Luucht gehaangen, dëst bedéngt awer duerch den Alter vu verschiddenen Apparater, déi 2011-2012 installéiert goufen an hu missen ersat ginn, esou wéi d'Uschafe vun neie Bornen, wéi zum Beispill bei der Schoul Lenkeschléi oder och am Hall polyvalent. Esou bréngen mir et awer fäerdeg, eng flächendeckend Couverture, mat deenen dach liewenswichtegen Apparate kënnen ze erreechen. Dës Weideren hunn awer och missen nei Contrats d'entretien mat der Firma ofgeschloss ginn. Beim Lancéiere vun deem Projet sinn d'Kontrolle vum Service incendie, wat jo zu deem Zäitpunkt e Gemengeservice war, gemaach ginn. Dës Kontrolle gehéieren awer leider net zu de Missioune vum CGDIS. De CIS Diddeleng huet dës Aufgaben am Ufank nach matgemaach, wat awer zousätzlech regional Aufgaben net méi konnt weidergefouert ginn. De Grupp Gesond Diddeleng feiert och 2024 säin zwanzegjäeregt Bestoen an dofir sinn ech frou, datt de Budget fir 2024 ugepasst gouf, also datt mir dëst och kënne feieren. An deem Zesummenhang wäerten iwwert d'Joer 2024 och Referater zu verschiddene Gesondheetstheemen organiséiert ginn. Och eis traditionell Matinée Santé, déi mer dëst Joer an engem neie Kader, ofgehalen hunn, war och en Erfolleg a selbstverständlech hale mir déi och 2024 am spéide Summer bäi, wat och ganz gutt bei de Leit dobaussen ukënnt. Et ass awer nëmmen eng Dréps op e waarme Steen, mee d'Akafe vun enger Plaz am Foyer fir Alzheimer-Patienten zu Ierpeldeng ass enorm wichteg. Et ginn ëmmer méi Leit, déi un Alzheimer erkranken a leider gëtt et aktuell nëmmen esou eng Struktur am Land. Do ass et wichteg, datt an Zukunft Efforte musse gemaach ginn, fir regional esou Strukturen ze kreéieren.

Wat elo de Beräich Famill betrëfft, hu mer am lafende Joer wichteg Projete fir d'Familljen ëmgesat. Dëst sinn de Lauschterwanderwee um Gehaansbierg, souwéi och de Buerfousswee am Park Le'h. Fir datt dann d'Leit sech do och wuel fillen, ass reegelméisseg den Entretien vun deene Plaze wichteg, wat natierlech och erëm Käschte mat sech bréngt.

Weider Projeten, de pädagogesche Bongert zu Butschebuerg wäert 2024 definitiv fäerdeg ginn. Do hunn divers Ëmstänn dofir gesuergt, datt dës zwee Projete sech an d'Längt gezunn hunn, mee do geet et elo awer virun. D'Mise a conformité vu Spillplazen 2024 souwéi de Schoulhaff vun der Schoul Wolkeschdall, déi reamenagéiert gëtt. Déi Spillplaze kënnen net nëmme vun de Schoulkanner benotzt ginn, mee och Famille mat Kanner kënnen heivunner profitéieren. Ee gréissere Projet ass awer och d'Erneiere vum Schoulhaff Strutzbierg, wat eng flott Saach fir d'Schoulkanner gëtt, awer och ee flotte Point de rencontre fir Familien ausserhalb vun der Schoulzäit am Zentrum.

E weidere Service, dee mir zesumme mat der Initiativ Liewensufank ubidden, ass de Service BabyPlus. Hei kënnen nei Elteren eng Ënnerstëtzung vu Fachpersonal kréien an dëse Service gouf am éischte Semester 2023 aachtanachtzeg mol sollicitéiert, sief dat duerch Visitten oder Informatiounen iwwer Telefon zu deem Theema. Wéi schonn am vergaangene Joer fënnt 2024 dann och erëm den traditionelle Familljendag statt, wou d'Eltere mat hire Kanner e flotten Dag bei Spill a Spaass hei zu Diddeleng kënne verbréngen. Fir all déi Projeten ëmzesetzen, freeën ech mech op eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat lech all, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a verroden lech och, ouni grouss Iwwerraschung, datt ech dëse Budgetsprojet 2024 an de Budget rectifié fir 2023 wäert matstëmmen. Ech soen lech och Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Stellungnam.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci, léif Kolleegen. Dat heiten ass elo déi siwent Budgetsdebatt, déi ech maachen. Wou ech 2017 an de Gemengerot gewielt gouf, ware mer eis net bewosst, mat wéi enge Sujete mer eis géifen an der Zukunft auserneesetzen. D'Gemeng huet de Rôle, fir hir Stad liewenswäert ze halen an dofir ze suergen, dass hir Awunner sech gutt spieren an dass se och gären Zäit hei verbréngen. Dat ass am grousse Ganzen och de Fall. Mir mussen awer och dofir suergen, dass och nach eis Kanner eppes dovunner hunn, dass eis Kanner eppes vun Diddeleng hunn. An dat war de Punkt bei dësem Budget, mer eis ganz vill Gedanke gemeet hunn, wou mer d'Evolutioun vun der Schold gesinn hunn a mir eis doriwwer Gedanke gemeet hunn, wéi kéinte mer dat do besser maachen, wéi kéinte mer dat do besser an de Grëff kréien a wat kënne mer maachen, dass effektiv eis Kanner net eis Schold mussen ze staark matdroen, wéi se haut ass? Et kann natierlech vun deem Punkt ausgoen, dass 2014 déi 7 Milliounen Euro, déi mer geléint hunn, net méi deem Wäert entsprécht vun deene siwe Milliounen Euro, déi mer haut géinge léinen. Dat heescht, 2014 konnts de mat 7 Milliounen Euro aner Saache maachen, wéi déi dat, wat s de haut mat 7 Milliounen Euro méchs. Et kann een elo drop spekuléieren, dass déi 43 Milliounen Euro, déi mer dann 2024 wäerte léinen, dass déi vläicht an zéng Joer guer net méi déi Valeur hunn ewéi haut, mee dat ass reng Spekulatioun, dat wësse mer net.



A wann ech bedenken, dass mäi Meedchen, wat jo nach relativ kleng ass, am Fong bei deenen nächste Gemengewalen och scho kéint heibanne sëtzen. Dat kéint scho kandidéieren an dat kéint och gewielt ginn, fir hei eranzekommen, just esou fir ze soen, wéi schnell et awer geet, wéi schnell ons Kanner ons iwwerhuele kënnen. Wann ech bedenken, dass d'Madamm Kayser dann och scho bal iwwer achtzeg Joer huet, wéi se gesot huet, gëtt dat mer dann awer trotzdeem e bësselchen ze denken. Hei zu Diddeleng ginn et eng ganz Rei flott Evenementer, déi mer d'lescht Woch opgezillt hunn, déi vun de Gemengenservicer exzellent geréiert ginn, et gi ganz gutt Sports- a Schoulinfrastrukturen a wann ee sech dann och mol eng Kéier am Ausland an an anere Stied eng Kéier bëssen ëmkucke geet, gi mat Sécherheet Saachen, déi e verbessere kann, mee am grousse Ganze leeft et hei awer ganz gutt an et ass wierklech ganz flott, fir hei zu Diddeleng ze wunnen.

De Krich a Syrien, d'Covid-Pandemie, d'Präisexplosioun bei de primäre Baustoffer, de Krich an der Ukrain, dat sinn alles Evenementer, déi indirekt Auswierkungen op eis all hunn. Déi hunn Auswierkungen op de Budget an op eis Aart a Weis, ze liewen an eis fräi ze beweegen. Mir als Conseillere mussen eis mat vill méi beschäftegen, wéi just kuerz den Ordre du jour vum nächste Gemengerot kucken an da soen, dat klappt schonn alles. Mir sinn an de leschte Jore vill méi gefuerdert ginn an et kommen an deem Sënn net vill méi einfach Zäiten op ons duer. Mee et sinn déi schwiereg Zäiten, déi ons Kreativitéit fërderen, d'Gesellschaft entwéckelen a wann een e bësselchen d'Noriichten an d'Walplakate vun der Vergaangenheet e bëssen duerchbliedert, da gesäit een, dass et am Fong geholl nach ni einfach war. Mir mussen eis mat der Weltpolitik auserneesetzen, fir kënnen effikass a responsabel Entscheedungen ze treffen.

Mir als Lokalpolitiker sinn awer och e Virbild. Mir liewen ons Iddie vir. Wa mir fir de Vëlo schwätzen, zum Beispill, da fuere mer och mam Vëlo, esou vill wéi et geet. An dat selwecht gëllt awer och fir d'Schold, déi mer maachen, a fir Devisen, déi iwwerdimensional méi deier ginn, wéi dat wat mer initial geplangt haten. An dat ass schwiereg, eise Membere bäizebréngen, dass all Projet praktesch, wou mer en Devis haten an dee mer matgestëmmt hunn, dass deen dann awer méi deier gëtt. Esou hat ech dann och d'Chance, fir dann am TICE eng Kéier eng Fro nach nozestellen, wou ech eng Kéier gefrot hunn, wa mer elo haut e Bus bestellen a mir kréien deen an zwee Joer, wat kascht deen dann? Majo, do bleift de Präis awer d'selwecht, hate mer jo gesot. Also denken ech, dass et awer méiglech ass a machbar ass fir verschidde Projeten, déi mer plangen, dass mer de

Präis awer och op eng länger Zäit festhalen. Well soss ass et jo awer e bësselchen, jo, du sees de einfach, de Projet kascht 10 Milliounen Euro, an da kriss de deen an herno frees de 15 Milliounen Euro. An da sees de, jo, verschidde Saache si méi deier ginn, well s de u keng wierklech Reegele gebonne bass. Ech denken, do musse mer iergendwéi Astucë fannen an Astucen ausschaffen, fir dass mer dat e bësselche méi am Kader awer halen. Esou hate mer och ganz interessant Diskussioune mat eise Comitésmemberen doriwwer an doriwwer eraus, wéi si d'Schold an d'Entwéckelung vun der Schold hei zu Diddeleng gesinn. Esou musse mir, wa mer e Projet plangen, vill méi wäit kucken, wéi just den aktuelle Standpunkt. Wat ech domadder soe wëll, dat ass zum Beispill, wa mir eng Sportsstruktur wéi um Däich, um Nosbaum, wou mer jo eng nei Buvette plangen, déi absolut noutwendeg ass, well een do näischt Konkreetes huet, wou d'Leit sech kënnen ënnersetzen, wou se eppes kënnen drénken an och emol nom Match e bësselche méi zesumme bleiwen, ouni dass d'Sportshal muss, geholl ginn, déi wou vun der Schoul ass, denken ech awer, dass wa mer gläichzäiteg an deem selwechten Dag gesot kréien, dass um Däich d'Infrastrukturen ze kleng gi fir d'Schoulkantin, dass et awer géing Sënn maachen, fir eng Synergie ze schafen. Obwuel Synergien net ëmmer ganz einfach sinn duerch verschidden, Sécherheetsmoossnamen, wou du hues, mee wann s de eppes baus, an du kanns et nach längerfristeg gebrauchen, denken ech, huet dat ganz wuel en Impakt op de Budget an op de Budget vun eise Kanner spéiderhin. Mir plange jo gläichzäiteg en neie Site um StadeAloyse Meyer, wou mer e Fussball-Site wëllen developpéieren, et läit jo dann op der Hand, datt déi Buvette, déi jo da gebaut gëtt, trotzdeem awer och e Batz Sue kascht, dass déi dann net ganz durabel ass, well wann de Projet dann erëm fortgeet, da kënne mer d'Buvette warscheinlech net mathuelen, ausser mir huelen eng aus Holz.

Bon, doriwwer kann ëmmer diskutéieren, wéi een dat wëll maachen, mee am Prinzip ass et jo awer selwer, eppes bauen, denken ech mer, dass mer vill méi musse mat Synergië schaffen, änlech wéi um Stade Aloyse Meyer, wa mer do de Site bauen an och do eng Schoulkantin feelt, denken ech, kéint dat alles zesummesetzen, dass een dann do mat deene Synergië schafft, esou spuere mer Suen an esou géife mer och Ressourcen an Energie spueren. Wat mir dann am Budget zum Beispill feelt, dat ass, wéi kéint een déi Planung fir deen zwee Sitten zesummeleeën, awer och, ech vermëssen e bëssen d'Informatioune vun der Volontaritéit, fir dat ze maachen, vun der Faisabilitéit, fir esou Projeten zesummenzeleeën. Firwat maache mer net, zum Beispill, dat ass och mol wichteg ze soen, wa mer esou e Projet entwéckelen, an Dir soten, nee, mir maachen dat net, firwat dass mer et net maachen a wou dann och de Schwéierpunkt läit drop, wéisou dass mer et esou maachen. Sportsinvestissementer si wichteg an de Sport beräichert eis fir d'Liewen. Dofir sinn Invester an dës Infrastrukture wichteg a ginn nach ëmmer vun eis matgedroen. Leider muss ee feststellen, dass awer eng Rei vu Kanner keen Accès zum Sport hunn, well se laang an der Maison Relais musse bleiwen. Hei misste mer eis an d'Zukunft Froe stellen an no Léisunge sichen, wéi den Accès zum Sport net e Luxus gëtt fir munch Kanner. Da ware mer och erstaunt, dass mer en Terrain loune fir de Baseball. Wéisou ass dat esou? Wou hunn si bis elo trainéiert? Ginn si och an engem Projet Meyer mat agebonnen oder ass vläicht duerno e Projet do, dass se vläicht op den Nosbaum kéinte kommen? Ginn et do Visiounen, ginn et do Iddien, dovunner hunn ech vu guer keng Informatiounen.
Mat der Geschäftswelt an Invester am Shared Space, hu mir en attraktiven Zentrum geschafen. Uloune vu geziilte Lokaler ass wichteg a gëtt vun eis ënnerstëtzt. Awer solle mer net vläicht mol eng Kommissioun op d'Bee stellen, fir där lokaler Geschäftswelt och méi ënner d'Äerm ze gräifen? Firwat soen ech dat? Ma virun e puer Joer hat ech den Här Biancalana invitéiert gehat, fir mat op Walfer ze kommen, fir eng Chocolaterie kucken ze goen an déi haten dann duerno fir eng kuerz Zäit e Pop-up-Store hei opgemaach. An ech denken, dass eng ganz Rei vu Leit flott Iddien hunn, wéi een iergendwéi nach e Geschäftslokal kéint heihinner kréien, wou vläicht de City Manager net huet, a wa mer géifen eng Kommissioun schafen, wou vill méi Iddien do sinn, ech denken, do kéinte mer konstruktiv a ganz gutt an am Sënn vun de Geschäftsleit an Zukunft schaffen. Dass mer verkéierstechnesch nach nobessere mussen am Stadzentrum, dat ass kloer. Dass eng Foussgängerzon mat ville Geschäfter flott ass, dat wëlle mer net bestreiden. Et ass awer esou, dass mer mat de Geschäftsleit geschwat hunn, dass mer dunn, wéi den Yves Steffen gesot hat, e Mikro-Trottoir do gemeet hunn, et geet awer méi wäit, well mir sinn net um Trottoir bliwwen, mir sinn an d'Geschäfter eragaangen a mir hunn eis wierklech d'Äntwerte vun de Leit do gutt unhéieren an do war esou gutt wéi guer kee Geschäftsmann oder Geschäftsfra, déi do waren, an déi gesot hätten, dass eng zoue Geschäftsstrooss gutt ass, och net just mëttes, well se doduerch einfach näischt méi verkafen. A wann een näischt méi verkeeft, da geet de Buttek faillite, dann ass de Buttek zou. An eng zoue Geschäftsstrooss, dat ass net flott.

De Buergermeeschter selwer huet e puermol betount, dass mir keng Foussgängerzon kréien an déi et wollte fuerderen, do huet hien op déi Stied higewisen, déi eng Foussgängerzon hunn. Mir wëlle keen doudegen Zentrum. Et bléist awer e raue Wand dobaussen an d'Verkafsverhalen huet sech geännert an et ass eng Zukunft ouni Geschäfter sech nëmme schwéier virzestellen. Mir mussen op déi Leit lauschteren an d'Strooss oploossen, well soss gesäit d'Zukunft net gutt aus. Mir leeë Wäert op d'Participatioun vun de Bierger an dat soll och vun de Geschäftsleit esou sinn. Hei stinn trotzdeem iwwer sechzeg Aarbechtsplazen hei um Spill. Bei anere Firmae gëtt sech do staark gemaach, wéi bei ons Geschäftsleit, do gesäit dat e bësselche manner gutt aus an do gëtt net esou vill Wäert drop geluecht, wann déi sech doriwwer beschwéieren, an dat fanne mir net gesond. Eng Aarbecht ass eng Aarbecht. Ech ginn lech eng Anekdot aus der Stad nach. An der Stad um Houwald ass ee Geschäft, déi hunn e grousse Chantier virun der Dier. Ech war d'lescht Woch dohinner gaangen, fir e spezifeschen Artikel ze kafen, an dunn huet dee mir gesot "Am Februar si mer net méi hei, dann hu mer eng nei Adress". An dunn hunn ech gefrot, wéisou dann, de Buttek geet jo awer gutt, et si jo awer vill Leit hei. Du sot hie mir "Jo, mee wéinst dem Chantier". An

et ass net de Chantier de Problem. De Problem ass deen, dass d'Strooss ännert. Eng Kéier ass op, eng Kéier ass zou, eng Kéier kënnt se vu riets, eng Kéier vu lénks. An hie seet "Et ass dat, wat eis Clienten net méi erdroen hei". Also net "net méi erdroen", si maache kee Nervenzesummebroch, di ginn einfach anzwousch anescht akafen, wann ech dat esou soen. Déi ginn einfach anzwousch anescht an dat huet eng direkt Auswierkung op hire Site. An dat ass e grousse Buttek, déi verkafe spezifesch Saachen an déi loossen sech dann elo einfach an enger Zone industrielle nidder an dat huet mech am Fong ganz staark un Diddeleng erënnert. Well d'Strooss mol op ass, mol ass se zou, et ass keng Reegelméissegkeet dran, an dat hunn eis d'Geschäftsleit dann och gesot, dass et ganz ongesond ass fir si, a ganz vill Leit hunn eis gesot, dass Clienten hei zu Diddeleng an de Geschäfter uruffen an déi froen se, wéini ass Är Strooss dann endlech op, dass ech ka bis laanscht kommen? Dat ass d'Äntwert, wou gesot gëtt. Ech perséinlech gi ganz gären an de Parking souterrain parken, ech ginn zu Fouss an d'Duerf, ech hunn déi Astellung, déi huet awer net jiddwereen, a mir kënnen d'Leit net erpressen, dass se dat solle maachen, well wann d'Geschäftsleit eis jo awer soen, dass da manner Leit do sinn, musse mir hinnen dat gleewen an da musse mer dann och dorobber agoen. Ons Propos ass, dass mer de Shared Space oploossen, wéi virgesinn, an dass mer dann och gutt Virsätz fir ons Geschäftswelt geschafen hunn. Dat geet awer net duer. Mir géifen och proposéieren, bei der Entwécklung vun Neischmelz attraktiv ze ginn an Aarbechtsplazen an esou och, wéisou net, en House op Start-ups no am Zentrum ze schafen. D'Schafe vun Aarbechtsplazen am Zentrum ass eng direkt Ënnerstëtzung fir eis Geschäftsleit an ons Gastronomie.

Am Verkéier deet sech och eppes. Elo muss de SUMP och ëmgesat ginn. Esou wéi mir 2017 am Walprogramm gefuerdert hunn, kënnt bei bal all Schoul zum Beispill eng Zon drësseg, fir d'Sécherheet vun de Schoulkanner ze garantéieren. Da wiere mir och beim Séchere Schoulwee, wou de Pedibus säi Succès sécherlech iergendwa fanne wäert an enger Rentrée mam Vëlo och net méi vill am Wee stoe wäert. D'Kanner mobiliséieren, fir mam Vëlo, zu Fouss, d'Trottinette an d'Schoul ze kommen, muss eng Prioritéit ginn, ouni den Auto ze verdäiwelen, wëll ech trotzdeem soen, well dee bleift fir vill Leit indispensabel. Weider Invester a sécher Vëlosweeër si virgesinn, wéi um Kräizbierg a Kommunikatioun mat Vëlo Diddeleng ass ganz konstruktiv, esou dass mir och, wa lues, awer sécher ëmmer e bësselche méi wäit kommen, wat dëse Sujet betrëfft. Dat ass och luewenswäert. Et bleift awer nach vill ze dinn. Hei muss ech mech froen awer, ob de Vël'OK, dee mer hunn, nach ëmmer OK ass. Et ass op alle Fall wichteg, e bäizebehalen, well et dem Vëlo eng Visibilitéit gëtt. Mee mir denken, dass de Projet misst iwwerduecht ginn. Mécht huet d'Sënn, fir d'nächst Joer 90.000 Euro an da weiderhi ronn 60.000 Euro an den Entretien ze investéieren, well den eigentleche Sënn, deen ass definitiv net erreecht dovunner, fir vun A op B ze fueren, respektiv fir tëschent de Gemengen hin an hier ze fueren.

Mir hu vun e puer Clienten héieren, dass dës Vëloe relativ schlecht fueren, déi wou dat probéiert hunn, fir wierklech vun enger Stad an déi aner ze fueren. Dat si Leit, déi Vëloe fueren. Ech war nämlech gëschter bei Pro Vëlo an dunn ech mat Leit geschwat, wou wierklech vill Vëloe fueren an d'Informatioune kommen och vun deenen, dass se schlecht fueren, respektiv et sinn och Leit, respektiv een, dee wou probéiert hat fir vun Esch op Diddeleng ze fueren, deen huet säi Vëlo misse fënnefmol wiesselen ënnerwee, fënnefmol fir vun Esch op Diddeleng, net well e midd war, mee well en einfach net gaangen ass. An da froen ech mech, lount dat dote sech, fir dat esou ze maachen oder solle mer déi 60.000 Euro pro Joer, wat jo dann awer trotzdeem iwwer zéng Joren eng gewalteg Zomm gëtt, iergendwéi aneschters investéieren, an d'Mobilité douce selbstverständlech, an d'Infrastruktur vum Vëlo, dass mer sollen elo do soen, dass mer net méi esou an deem Stil wëlle weiderfueren, vläicht sollte mer einfach fir dee selwechte Montant da vläicht manner Vëloe kafen, mee méi héichwäerteger oder vläicht einfach de Konzept eng Kéier e bësselchen, jo, iwwerdenken. An ech denken, datt do si Sujeten, déi kann een an enger Verkéierskommissioun zum Beispill mol beschwätzen an dofir wär et net schlecht, wa mer déi eng oder aner Verkéierskommissioun am Joer mol méi hätten. Dat wollt ech dann elo mol esou soen. Wann een da vu Butschebuerg mam Vëlo eroffiert, kann een awer duerchaus och de Bus huelen, fir nees zeréck op Butschebuerg op de Kräizbierg eropzefueren. An hei geet beim TICE de Budget enorm erop. Dëst ass duerch d'Präisexplosioun bei den Energiepräisser, d'Charge patronale an dem Index, also, dat ass dofir responsabel.
Ons ass et awer och wichteg, als CSV, dass d'TICE-Personal korrekt bezuelt gëtt an net massiv auszesourcen an dësem Beräich. Et ass konstruktiv, fir den TICE an och fir d'Membere vun der Oppositioun, e Sëtz am Comité ze hunn, well esou vill Froen am Fong a viraus kënne beäntwert ginn.

Mir kënnen awer duerchaus, fir der Madamm Kayser hir Propositioun vu virdrun opzegräifen, wou se gesot huet, dass een net wéisst, wou déi 2 Millioune Euro sinn, dass mer dat net wéissten, effektiv, wa mer dräi Memberen am Comité hunn, esou änlech wéi mer deemools mam STEP gemeet haten, kéinte mer dem TICE vläicht awer proposéieren, dass wann déi nei Konventioun do ass, dass se déi nei Konventioun vläicht selwer propper presentéiere kommen a fir esou e gesonden Austausch ze hunn, och iwwer déi Buslinnen, déi duerch Diddeleng fueren, fir dass och de ganze Gemengerot déi Informatioune kritt. Effektiv, d'Memberen an de Syndikater kéinten déi Informatiounen och ginn, mee wann een dann awer d'Experte vun der Plaz selwer huet, wéi dat deemools beim TICE war, den Här Manderscheid kann op vill Froen äntweren, an awer wier et ganz interessant, fir e Kontakt mat deene Leit ze schléissen an ze gesinn, wéi si schaffen. An ech mengen, wann een de ganze System da gesäit a versteet an en Austausch mat deene Leit huet, ech mengen, dann huet och e gewëssent Verständnis fir munch Saachen. Et gesäit een se einfach aneschters, wéi wann e Parteikolleeg engem dat emol esou bei enger Reunioun einfach emol weiderseet.

D'Busnavette an der Rue de la Vallée, déi huet e grousse Succès an do si mer natierlech och frou, well elo ass nämlech niewent der Zon drësseg virun de Schoulen, eng Propos, déi mer gemeet haten, och nach déi Navet-



te, déi mir oft proposéiert hunn, déi ass dann iergendwa komm an do hu mer awer och gesinn, dass déi ganz, ganz vill benotzt gëtt an dass déi e grousse Succès huet. Dat erfreet eis, well dat sinn alles Leit, déi den Auto da stoe loossen a mam Bus an d'Duerf kommen an et ass dee Wee, wou mer musse goen. Mir mussen den ëffentlechen Transport attraktiv maachen, fir dass e genotzt gëtt. Beim Parking am Duerf, fir déi, déi dann de Bus net kënnen huelen oder well se vläicht eppes mussen transportéieren an dat net esou geet, do ginn d'Fraisen enorm erop fir d'nächst Joer, dat ass jo mol dat wat virgesinn ass, an do wollt ech froen, wat do d'Erklärunge sinn dofir, déi hunn ech net verstanen.

Wärend der Pandemie waren d'Seniore vill isoléiert an deemools hat ech gesot, si wieren am Budget vergiess ginn, well am Fong näischt Extraes méi dofir gemeet ginn ass, fir d'Isolatioun ze ënnerbannen. Ech hat deemools d'Iddi vun engem Senioren-Outreach proposéiert a mir bleiwen der Meenung, dass esou e Service duerchaus kéint Sënn maachen. Mir wëssen och a mir ware jo och schonn op verschidden Evenementer do, dass ganz vill am Senioreberäich gemeet gëtt, dass do och ganz gutt geschafft gëtt, mee ech denken, dass een do nach e bësselche méi wäit ka goen an dee Service e bësselchen ausbaue kann, grad fir d'Isolatioun bei de Senioren ze ënnerbannen. Ech mengen, ech hat et schonn eng Kéier gesot, mir hunn oft Leit, déi am Spidol sinn, déi hu keng Loscht heemzegoen, well se dann aleng sinn. Déi sinn einfach aleng doheem an déi soen, oh, kann ech net nach eng Woch hei bleiwen, obwuel et hinne vläicht och besser geet. D'Spidol ass zwar ni schéin, fir ze sinn, an awer, moies kënnt d'Infirmière eran, déi seet Moien, déi schwätzt mat de Leit, da mëttes gëtt eppes fir z'iesse laanscht bruecht an, jo, et sinn och Leit, déi vläicht net op déi Servicer alleguerten zeréckgräifen, well se et net onbedéngt brauchen, an awer aleng sinn an déi Solitude, déi ass awer traueg an engem gewëssene Moment, a wann een esou en Outreach huet - änlech wéi mer et am Jugendhaus hunn - eng Persoun, déi wou bei d'Leit erausgeet, déi wou deen e bëssen opsicht, ech denken, dass de do och e klenge Prozentsaz awer vu Leit hues, déi frou sinn, wa mer eng Kéier een de temps en temps bis laanscht kënnt. Soss hate mer d'Quête vum Roude Kräiz, déi huet den Outreach zwar net ersat, mee do hues de wierklech gutt gesinn, wann s de bei d'Leit schelle gaange bass, déi ware frou, dass mol ee laanscht komm ass a fir e bësselche ze poteren e puer Minutten. Déi Iddi kënnt och e bësselchen dovunner, fir dass mer dat esou soen. Beim Senior Plus froe mer, wéi de Service leeft, ginn et do Rapporten, wéi entwéckelt dee Service sech? An da sinn ech och schonn um Schluss vu menger Ried hei ukomm.

Vu dass Dir da gesot hutt, dann dierfte mer net méi all Projete matstëmmen d'nächst Joer, dat ass net ganz richteg, mir wäerten eng ganz Rei vu Projete matstëmmen, déi wou Sënn maachen, mir wäerten awer bei de Rectifiée vill méi akribesch mussen drop kucken. An ech denken awer och, wa mer esou d'Entwéckelung kucken, grad well mir dat awer e puer Mol ugeschwat hate vum Déierenasyl zum Beispill, do hat een de Service BabyPlus fir frësch Elteren uginn, ma ech denken zum Beispill beim Déierenasyl hate mer jo d'Propos gemeet gehat, fir deen aneschters ze gestalten, well mer jo schonn esou vill Sue mussen dran investéieren - ech mengen, mir ware bei 8 Milliounen Euro, wann ech mech net ieren – do misst awer wéinstens eng Hondspensioun drakommen, fir dass den Diddelenger Bierger wierklech och eppes dovunner huet, wann en an d'Vakanz fiert, dass en net muss wäit fueren, fir eng Hondspensioun ze fannen, well et ginn der net ganz vill an als Gemeng hätt een dee service duerchaus kënne fuerderen. A firwat hunn ech vum Service BabyPlus geschwat? Ma do huet een d'Elteren opgekläert, wa se Kanner kréien, an ech denken, et kéint eppes Änleches maache fir Leit, déi Hënn kréien. Well wann d'Leit anstänneg iwwert d'Hënn opgekläert sinn, da ginn se vläicht och net onbedéngt alleguerten en Hond kafen a setzen dee kuerz drop an den Déierenasyl, well se net mat hirem Déier eens ginn domat. Ech weess jo, vu wat ech schwätzen, well ech hat nach all Hond, deen ech hat, bis elo aus dem Déierenasyl, an ech weess, wéi dat do leeft an ech weess och, wéi eng Leit Hënn an den Asyl ginn a vu wou déi Hënn alleguerten hierkommen. Voilà.

Also, wéi gesot, mir ënnerstëtze ganz gäre ganz vill Projeten, mir freeën eis op eng konstruktiv Zesummenaarbecht, och d'nächst Joer weiderhin, an de Skrupel ass jo dann effektiv och eng Mënz aus der Antiquitéit an déi huet dozou gedéngt, fir d'Gläichgewicht ze schafen an, jo, wann ee kee Skrupel méi huet, dann ass d'Gläichgewiicht fort an da geet d'Schold an d'Luucht an et ass dat, wat mer wëllen ënnerbannen. Voilà. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER) : Merci, Här Martini.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot. Ee grousse Merci och vu menger Säit dem Här Poull a senger ganzer Equipe fir d'Opstelle vum Budget, dat ware vill Zuelen. Déi lescht Woche krute mer hei am Gemengerot all Informatioune ronderëm déi finanziell Situatioun vun eiser Gemeng. Mir sinn nach ëmmer an enger Kris a kee ka viraussoe wéi laang. Et ass eng Kris vu Seefebloseplazen an de Krich an Europa ass erëm an aller Mond, ugefaange mat der Ukrain 2022 an elo 2023 den opgeflaamte Konflikt am Gaza. Ganz no an et wäert net dobäi bleiwen. Souwuel de Logement wéi Energie, Agrar, Klima a Waasser wäerten déi nächst Jore ganz wichteg Theemae sinn, déi ee muss upaken, well se eis all betreffen. Et ass e couragéierte Budget, et ass e Budget, deen net Stopp seet, ee Budget, wou weist, wéi wichteg et ass, an eis Stad ze investéieren. Ech géing soen haut nach méi wéi soss. Mir gesinn an anere Stied a Länner an do muss een net wäit fueren,

wéi séier sech villes kann änneren, wa Stied verfalen, Quartiere vernoléissegt ginn, Infrastrukture verkommen an doduerch villes net méi méiglech ass, wat zu engem Zesummenhalt vun der Bevëlkerung gehéiert. Riets-Extremismus lässt grüssen. Investéieren an eng Stad ass Investéieren an eng sozial gerecht Stad an e gemeinsaamt Zesummeliewen. Déi ugefaange Strukturaarbechte si weidergefouert ginn, de Shared Space geet a seng nächst Ronn an elo schonns gesi mer an erliewe mir am Duerf déi positiv Entwécklung. Diddeleng ass eng lieweg Stad, wou sech ëmmer weiderentwéckelt. All Invest an eis Stad ass een Invest an d'Zukunft fir eis Bierger vu Jonk bis Al.

E groussen Deel vum Invest geet an de Sport a seng Strukturen. Diddeleng ass a bleift eng Héichbuerg am Lëtzebuerger Sport. Den Ausbau vu besteeënden Erneierungen, alen an Neibauten droen derzou bäi, dass et kee Stopp gëtt an der Entwécklung vum Sport. De Strutzbierg ass a senger finaler Phas an dréit dozou bäi, dass d'Kanner weiderhi kënne schwamme léieren, eppes Elementares, wann ee weess, dass duerch manner klassesch Schwämmen an ëmmer méi Spaassbäder kënnen ëmmer manner Kanner schwammen. A ville Gemenge gëtt et net méi garantéiert a fir déi, wou et net wëssen, Erdrénken ass déi zweetheefegst Doudesursaach bei Kanner, wat Accidenter ugeet am Alter vun null bis fofzéng Joer. Och an eise besteeënde Strukturen, wéi de Stade Amadeo Barozzi, de Stade Aloyse Meyer, de Centre sportif René Hartmann, de Stade Nosbaum an eis oppe Schwämm gëtt investéiert, ob dat elo de Belag, de Buedem oder de Baseng ass. Investéieren an de Sport ass een Investéieren an d'Gesondheet, souwuel physesch wéi psychesch, esou gesinn an eng gesond Bevëlkerung. Kierperlech Aktivitéiten droen dozou bäi, datt de Mënsch méi laang gesond an aktiv bleift, an dat hält eis Ekonomie um Lafen an ass manner belaaschtend fir eise Gesondheetssystem. Net ze vergiessen déi sozial Komponent, wou de Sport bréngt, iwwergräifend op all Alter, Nationalitéit, et mécht een d'Zesummeliewen a wien dat net versteet, brauch just eemol op engem Weekend an d'Sportshal, op engem sonnegen Dag an de Skatepark oder op eisen Outdoor-Basketsterrain ze goen. Diddeleng ass eng Stad, wou net zéckt doranner ze investéieren an esou gesinn an d'Zukunft fir eis all.

Een anere Volet, wou en Invest an d'Zukunft ass, ass eis Jugend. Mam Jugendhaus, dem Outreach-Grupp, dem Service Jeunesse a Famill, hu mer nëmmen e puer Beispiller, wou eis Gemeng investéiert. D'Jugend ass eis Zukunft a et ass ganz wichteg, dass mer se no hirer Kandheet net vergiessen, se an en Eck stellen a se erëm eraushuelen, wann se manner nerven, hir Schoule gepackt hunn an um Aarbechtsmarché sinn. Den Invest an d'Jugend ass wichteg a wa mir Statistiken ukucke vum Jugendhaus, wat iwwregens aus allen Néit platzt, aachtdausendsiwenasechzeg Jugendlecher waren 2023 am Total do, dovunner fënnefdausendfënnefhonnertfënnefandrësseg Jongen an zweedausendaachthonnertzweeandrësseg Meedercher. Am Duerchschnëtt sinn dat eng fënnefanzwanzeg Jugendlecher den Dag, wat awer op Spëtztendeeg bis zu siechzeg Leit kënne sinn. Honnertfënnef Jugendlecher hu perséinlech Berodungen, dat heescht perséinlech, individuell Berodunge



geholl zum Theema Aarbecht, Gewalt, Drogen, Belästegungen, Bezéiung a Familljeproblemer. Dat sinn honnertfënnef individuell Jugendlecher. Wat wëll ech heimadder soen? Ma all Euro an d'Jugend investéiert, ass en Euro an eis Zukunft. A vill vun den Invester an de Sport, Kultur, Logement, Natur, Veräiner, Associatiounen, Schoulen, betrëfft d'Jugend nach méi a kënnt hinnen an eis all zegutt. Wat wier Diddeleng ouni déi iwwer honnert Nationalitéiten, a wou wier Diddeleng ouni déi iwwer honnert Nationalitéiten? Solidaritéit a solidaresch Aktioune goufen et nach ëmmer an Diddeleng. En nationale Kulturpass gëtt et schonns, begrenzt sech awer just op kulturell Offeren. Eng Iddi wier, dëst och an anere Beräicher méiglech ze maachen, op d'mannst emol fir eis Diddelenger Bierger. Well wann ee fir 1,50 Euro e Concert ka lauschtere goen, da kann et net sinn, dass een 12 Euro muss ausginn, fir e Basketballsmatch kucken ze goen. D'Kommissioun Action sociale wäert sech fir esou ee lokale Pass ersetzen. Wat schléisse mer dorauser? Ma dass Diddeleng keng Schlofgemeng ass, dass Diddeleng bougéiert, dass Diddeleng Problemer an de Ugrëff hält, dass Diddeleng Suen hält an an Diddeleng investéiert, fir d'Allgemengheet an alle Beräicher, vu jonk bis al, vum klenge raschteger Rouer vun der aler Leitung, deen ersat muss ginn, bis an en neie Strutzbierg mat senger Schwämm.

D'Wuelbefanne vun eise Bierger ass op all Niveau wichteg. Integratioun vun alle Mënschen aus alle soziale Schichten a verschiddene Kulturen ass de Schlëssel fir e gemeinsaamt Diddeleng. An domat schléissen ech of a stëmme fir de Budget 2024 fir d'Weiderféiere vun Diddeleng an ech soen Iech all Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, der Madamm Dimmer.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Schéine gudde Moien och vu menger Säit, och wann et schonn éischter Mëtteg ass. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, och vu menger Säit e grousse Merci dem Här Pascal Poull an de Servicer fir d'Erstelle vun dësem Budget. D'Budgetsdebatte sinn esouwuel en Ofschloss vun engem Joer, wou gekuckt gëtt, wat finanziell an engem Joer passéiert ass oder wat fir Projeten hu misste reportéiert ginn, wéi genau och en Ufank vun eppes Neiem, well se weisen, wat an Zukunft usteet. Wéi e Spigelbild vu Prioritéiten a Visioune spigelt de Budget erëm, wou d'Mëttele gelenkt ginn a wéi e Wee d'Stad an deene kommende Jore wëll aschloen. Als éischt wëll ech op de Punkt Logement agoen. Logement ass déi gréisste Suerg zu Lëtzebuerg. Den Immobiliëmarché kennt eng

Tendenz vu signifikanten Haussen op de Logementspräisser an op de Loyeren an deene leschten zéng Joer. Wéinst dem Ënnerscheed zwëschent Offer an Demande, déi oft als ee vun de Grënn fir den Ustig vun dësen Immobiliëpräisser am Verglach zu de Jore genannt gëtt, wollt ech froen, ob de Réckgang vun den Demandë fir Baugeneemegungen och zu Diddeleng ze gesinn ass? Wéi vill Baugeneemegungen hate mir am leschte Joer a wéi vill sinn der dëst Joer bis zum haitegen Datum erstallt ginn. Mir begréissen, datt am Budget 2024 méi wéi eelef Milliounen Euro fir abordabelste respektiv soziale Wunnraum investéiert ginn, vun engem Budget extraordinaire vu méi wéi 64 Milliounen Euro. Vun deenen 11 Milliounen Euro ginn 1 Millioun investéiert an d'Etüden. Et sinn 2 Milliounen Euro virgesinn, fir d'Vente en état futur d'achèvement an der Rue des Champs. Doropshi froe mer eis, wéi vill Wunnenge sinn do virgesinn? Mir hoffen, datt dee geschafe Wunnraum och fir abordabele Wunnraum genotzt gëtt, net esou wéi et mam Portiershaus um Ribeschpont gaangen ass. Am Januar 2024 soll d'JuMa-House Loyer bezuelen, awer mir kënnen am Artikel 132 keng Differenz gesinn zum Artikel am Joer 2023.

Nieft dem Schafe vun abordabele Wunnraum kéinte mir als Diddelenger Virreider ginn am Beräich Méi-Generatiounen-Haiser. Eis Bevëlkerung gëtt ëmmer méi al an ass oft se op sech aleng gestallt, an zum anere klëmmt de Prozentsaz vun alengstoende Jonke stänneg. D'Anonymitéit géint d'Gebuergenheet an enger Gemeinschaft anzetauschen. Méi-Generatiounen-Haiser bidden dës Méiglechkeet a beugen der Einsamkeet vir a stäerken den Zesummenhalt an der Noperschaft. Och sollen aner alternativ Wunnformen ënnerstëtzt ginn, wéi Wunngemeinschaften. Ass villäicht ugeduecht, esou e Pilotprojet ze starten, sief et Méi-Generatiounen-Haiser oder Wunngemeinschaften? Zu de Studentewunnengen, déi mat der Uni.lu konventionéiert sinn, wollt ech froen, ob mir als Gemeng do en Abléck hunn, ob déi ëmmer voll ausgelaascht sinn?

Diddeleng ass eng Kulturstad, an dat soll se och bleiwen. D'CSV ënnerstëtzt all Projeten an der Kultur. Kulturell Vilfalt a kënschtleresch Ierfschaft droen zur Liewensqualitéit an der Attraktivitéit vun der Stad bäi. D'lieweg Kulturzeen zu Diddeleng spillt eng zentral Roll bei der Gestaltung vun um stättesche Liewen. An deem Kontext stellt ee sech just eng kleng Fro: Wat ass 2022 an 2023 mat deenen 10.000 Euro bezuelt gi vum Artikel Dudelange on Wheels, vu datt jo 2022 an 2023 keen Dudelange on Wheels war? D'Digitaliséierung ass eng strateegesch Noutwendegkeet, fir d'Stied fir d'Erausfuerderung aus dem eenanzwanzegste Joerhonnert ze begéinen an eng nohalteg, effizient a liewenswäert Ëmgéigend ze schafen. Am Budget si 40.000 Euro virgesinn, fir d'Adaptatioun an d'Gestioun vun der City-App. Do stellt sech d'Fro Wéi vill Leit notzen dës App? En plus huet d'Madamm Di Bartolomeo gesot, datt mir als Gemeng wéilten d'App Hoplr zu Diddeleng aféieren. Ass an deem Kader dru geduecht ginn, dat villäicht an d'City App ze integréieren?

Komme mir eriwwer zum Theema Jugend. D'Iddi hannert engem Jugendgemengerot ass et, deene Jonken eng Plattform ze ginn, wou si hir Perspektiven, Uleies an Iddien abrénge kënnen. Mir fannen et wichteg, dass déi Jonk mat an d'Politik agebonne ginn an se matbestëmme kënnen. Ech wollt froen, wéisou d'Indemnité au personnel encadrant eropgaangen ass, obwuel de Budget vum Conseil communal pour jeunes erofgaangen ass? Wéi vill Mol huet sech de Conseil communal pour jeunes gesinn? Eng Iddi wier och vun eiser Säit, fir de Jugendgemengerot ze begeeschteren, fir déi Jonk aus dem Kannergemengerot, déi nom sechste Schouljoer an de Lycée wiesselen unzeschreiwen, fir se iwwert de Jugendgemengerot ze informéieren an se ze motivéieren, sech weider am Jugendgemengerot ze engagéieren. D'Jugendhaus ass ze kleng, fir déi vill Jonker ze betreien, an ass mat aachtdausend Jonker, déi dës Plaz opgesicht hunn, eng ganz wichteg Plaz fir déi Jonk. Dofir wollte mir froen, wat d'Visioun fir d'Zukunft vum Jugendhaus ass. Eng potentiell Méiglechkeet, déi mir gesinn, déi mir och an eisem Walprogramm haten, wier et, e selwergeréierte Jugendtreff am Zentrum, als Pop-up-Open-Haus, Kreativzenter fir Jonker ze kreéieren.
D'Jugendaarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg geet an d'Luucht. D'ADEM vermëttelt jonk aarbechtssichend Leit iwwert de Contrat d'appui d'emploi an de Contrat d'initiation à l'emploi. An deenen zwee Fäll iwwerhëlt de Staat am Ufank en Deel vun de Lounkäschten a wëllt esou Ureegunge schafen, déi Jonk anzestellen. Ech denken, datt mir an deem Beräich als Gemeng méi kéinte maachen a méi Jonker kéinten astellen.

Zum Volet Ëmwelt. Eis Gemeng ass zanter de Nonzeger Joren an deem Beräich gutt ënnerwee mat Klimabündnis, Klimapakt, Nohaltegkeets- a Masterplang, Covenant of Mayors an dem Naturpakt. Mat all deenen Efforten zum Ëmwelt- an Naturschutz si mir gutt opgestallt. Am Budget fannen ech eng ausseruerdentlech Recette als Subventioun zur Erneierung vun der Reewaasserkanalisatioun Rue du Commerce, Route de Zoufftgen, Rue de la Libération. Wéisou steet déi Promess vum Environnement vun 2021 nach ëmmer op?
Dann hunn ech nach eng aner Fro an deem Beräich: De Projet Tiny Forest, deen näischt ginn ass, dee steet fir 2024 am Budget mat engem Montant vu 5.000 Euro. Wou sti mir mat deem Projet? Gëtt et schonn eng Plaz? An nodeems mir mat Gold zertifiéiert sinn, wollt ech och froen, wat sinn déi nächst Schrëtt an deem Beräich?

Zum Theema Gläichstellung vun de Geschlechter. Mir begréissen déi honnerteelef Mesuren aus der Charte vun der Chancëgläichheet. D'Bedeitung vun der Chancëgläichheet vun de Geschlechter kann net genuch betount ginn an d'Initiativen, déi an dësem Dokument presentéiert ginn, ënnersträichen e kloert Engagement vun Diddeleng. Bei där Geleeënheet wollt ech awer och bemierken, dass Leit aus dem Ribeschpont un eis erugetruede sinn, wéinst senger Muppentoilette, déi do verschwonnen ass. An de Budgetsdebatten 2020 gouf gesot, datt d'Muppentoilette, déi duerch de Bau vun där neier Maison Relais verschwonnen ass, ersat géif ginn, wann dat do keng méi ass. Wou si mir wannechgelift mat deem Projet? Domat wéilt ech zum Schluss vu menger Stellungnam zum Budget kommen. Merci fir d'Nolauschteren. Ech wënschen Iech schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an d'neit Joer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kemp.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll och ufänken natierlech, meng Mercie lasszeginn un de Pascal Poull an all d'Leit a sengem Service, mee awer och un alleguer déi aner Fonctionnairen an Employéeë vun eiser Gemeng, déi natierlech bedeelegt waren hei un deem Budget, fir dat opzestellen, well do stécht ganz vill Aarbecht derhannert an ech mengen, dat ass och heibanne gewürdegt gi vun alle Säiten.

Zum Theema Finanze wëll ech nach just eng Kéier e klengen Iwwerschlag maachen. D'Zuele vum Budget rectifié fir 2023 an de Budget initial fir 2024 baséieren op de Virgabe vun der Circulaire ministérielle vum 26. Oktober 2023. D'Circulaire rechent mat vun der Kris an eenzele Beräicher negativen Auswierkungen op déi ëffentlech Finanzen, déi sech dann och bei de Gemengerecetten repercutéieren. Dës negativ wirtschaftlech Entwécklung schléit sech mat aller Kraaft bei der Aschätzung vun de Gemengerecettë fir 2024 erëm. Esou géifen d'Recettë vum Fonds de dotation globale vun de Gemengen 2024 just nach ëm zwee Prozent géintiwwer dem Virjoer 2023 eropgoen, dat géintiwwer, wéi gesot, e Plus vu gutt zwielef Prozent vun 2022 op 2023. D'Gelder aus dësem Fong stellen awer iwwer sechzeg Prozent vun den uerdentleche Gesamteinname vun der Stad Diddeleng duer. Dat erkläert, firwat den Iwwerschoss vum Budget ordinaire vun engem Joer zum aneren ofhëlt.
Am Joer 2022 waren et nach 14,7 Milliounen Euro, am Budget rectifié fir 2023 nach 9,7 Milliounen Euro an am Budget initial 2024 nach 1 Milliou Euro. Et ass ze hoffen, datt d'Regierung hei iwwervirsiichteg bei hirer Aschätzung fir d'nächst Joer war an dass d'Realitéit Enn 2024 sech méi positiv presentéiert.

Erfreelech ass et awer, datt trotz dëse beonrouegenden Zuelen 2024 d'Investissementer, dat heescht déi ausseruerdentlech Ausgaben, weider ganz héich bleiwen. Et gëtt virun allem drëms, ugefaange Projeten a Chantiere weiderzeféieren, respektiv ofzeschléissen. Am Budget extraordinaire 2024 sti 64,5 Milliounen Euro an dat bleift dann op ddem selwechten héijen Niveau wéi 2023 mat 64,8 Milliounen Euro. Dës Majoritéit investéiert haaptsächlech a Schoulinfrastrukturen, an d'Infrastrukturen allgemeng, wéi eise Kanalsystem, an an déi ökologesch Transitioun. Mir verfollegen eng sozial an nohalteg Investitiounspolitik. Et ass och schonn hei vun alle Säiten ugeklong, wéi wichteg dat ass. Dës grouss Projeten, déi jo och nach der nächster Generatioun zeguttkommen, gi gréisstendeels iwwer Emprunte finanzéiert. Am Budget rectifié 2023 ass do en Emprunt vu 40 Milliounen Euro ageschriwwen, am Budget initial 2024 sinn Empruntent an Héicht vun 43 Milliounen Euro dofir virgesinn. Et fält op, datt d'staatlech Subside proportional tendenziell erofginn. Déi budgetär Haaptlaascht vun allen Investissementer bleift op de Schëllere vun der Gemeng, net nëmmen eiser, mee generell op de Gemengen. Wéinst dem traditionell déiwen Niveau vun der Diddelenger Gemengeschold, wa mer d'Zuele kucken, 2012 waren dat 10,6 Milliounen Euro, 2018 15,8 Milliounen Euro, 2021 12,2 Milliounen Euro, war dat, wéi gesot, eng Pro-Kapp-Verscholdung vu 567



Euro. An 2023 si mer dann elo bei 97,9 Milliounen Euro, wat dann eeben, dat gouf schonn ernimmt, pro Kapp 4.409 Euro ausmécht. Dowéinst kann de Gemengebudget sécher eng méi héich Verscholdung fir de Moment verkraaften. Wéi den Här Buergermeeschter déi lescht Woch scho gesot huet, mécht dat e Ratio aus fir déi Diddelenger Gemeng vu 4,85 Prozent an et gouf och scho gesot, mat deem Ratio leie mer nach wäit ënnert deem, wou den Inneministère Alarm schléit. Op Dauer muss een awer natierlech déi Tendenz erëm ofschwächen, soss geet d'Rechnung laangfristeg net méi op. An do si mer eis heibanne, mengen ech, eens. Dat brauch ech awer och net weider ze bekräftegen, well domadder ginn hei oppen Dieren agerannt. Ech mengen, dës Majoritéit mécht hir virsiichteg Politik scho säit geraumer Zäit.

Mir hoffen, datt an Zukunft de Staat awer d'Gemengen net am Ree stoe léisst. Op där enger Säit ass eis Gemeng als regionalen Entwécklungszentrum ausgewisen, mat regionalen Aufgaben, dat heescht mat héijen Investitiounen, déi domat verbonne sinn, déi op d'Gemeng duerkommen, an op där anerer Säit komme mer awer doduerch beim Verdeelungsschlëssel vum Fonds de dotation net allze gutt ewech. An de Joren 2025 an 2026 muss wuel den Akzent ganz kloer op d'Fäerdegstellung vu lafende Projete geluecht ginn a Sputt fir, wéi gesot, "Nice to have" hu mer eis souwisou net ginn. Et sief dann, et kéim eeben zu enger däitlecher Verbesserung vun de Recetten. Wat d'ausseruerdentlech Recetten ugeet, esou muss ee leider feststellen, datt, wéi gesot, d'Subventioune vum Staat oft plafonéiert sinn a besonnesch och der Käschtenexplosioun um Bau vun de leschten zwee bis dräi Joer guer net Rechnung droen. Dat féiert dozou, datt de Gemengebudget méi belaascht gëtt an doduerch och d'Gemengeschold méi staark wiisst. Datt dat eeben ëmmer schonn esou ass, wéi hei eng Oppositiounspartei gesot huet, dat huele mir net esou mat a mir ginn eis och domadder net zefridden. Mir hoffen, datt deen neie Finanzminister, dee jo, wéi en nach an der Oppositioun war, dat och ëmmer selwer staark kritiséiert huet, dann elo seng Politik an deem Sënn ännere wäert. En Appell un déi nei Regierung, d'Subsidiepolitik vum Staat ze iwwerdenken an d'Gemenge méi staark bei hiren Zukunftsprojeten ze ënnerstëtzen, mir waarden also dodrop. D'LSAP-Fraktioun. steet zu enger käschtendeckender Taxepolitik an de Beräicher Waasser, Ofwaasser an Offall. Eng periodesch Upassung vun deene Gemengentaxen, wéi et beim Offall ass, ass ëmweltpolitesch a budgetär gebueden.

Et ass bekannt, datt d'Gemeng Diddeleng sech fir d'Famillje mat nidderegem Akommes, an déi Richtung ent-

scheet huet, fir bei dat wat de Staat jo da bäigëtt, och nach d'Allocation de vie chère, auszebezuelen. Op Initiativ vum Schäfferot ass déi Allocation de vie chère virun e puer Joer vu fënnefavéierzeg Prozent op fofzeg Prozent gehéicht ginn an och dëst Joer sinn dofir am Budget initial 2024 ronn 1 Millioun Euro virgesinn an dat ass gutt esou. En décke Batz am ordinäre Budget stellen d'Paien duer. Grad och d'Dynamik an der Entwécklung vun de Léin huet dee Käschtepunkt och opgedriwwen. D'Gemeng Diddeleng ass Patron vu ronn siwenhonnertsechzeg Leit, an deene verschiddene Karriären. Wéi all Patron spiere mir och, wann den Index ugepasst gëtt, wann d'Karriären sech entwéckelen, d'Kollektivverträg ofgeschloss ginn, etcetera. An natierlech och d'Part patronale vun der Sécurité sociale, déi muss bezuelt ginn an déi deementspriechend parallel an d'Luucht geet. Dat ware plus aachtanzwanzeg Prozent an dat aleng huet eis 1 Millioun Euro méi kascht. Mir kritiséieren dat awer net. Dat ass geschold. E Montant vu 6,2 Milliounen Euro sinn am Initial 2024 virgesinn, an eng vergläichbar kleng Zomm vun 0,5 Milliounen Euro ass fir nei Poste virgesinn. Dës Majoritéit huet ëmmer eng virsiichteg Personalpolitik gemaach. Hei bei der Oppositioun geet dat esou e bëssen a verschidde Richtungen. Deenen enge geet et net wäit genuch, déi stellen ëmmer nach gär Leit an, déi aner, déi soen, mir hätten der ze vill. An trotzdeem, dës Majoritéit huet ëmmer séchergestallt, datt d'Bierger an d'Biergerinne kënne vun exzellente Servicer profitéieren.

Och komme mir eiser Verflichtung no, jonke Leit, déi e Stage oder eng Ausbildungsplaz sichen, am Handwierk oder am administrative Beräich, esou gutt wéi méiglech nozekommen. Déi nei Gemengenatelieren, déi amgaang si gebaut ze ginn, schloen am Budget 2024 mat 8,3 Milliounen Euro zu Buch. Dësen Neibau ass e weidert Beispill fir déi nohalteg a responsabel Politik, déi dës Majoritéit vertrëtt. Mat dësem Gebai entsteet eng besser Koordinatioun tëschent de Servicer, déi an der Gemeng Diddeleng sech ëm den Hoch- an Tiefbau an och ëm de Patrimoine këmmeren. Ausserdeem ass dat Gebai energeetesch an technesch um leschte Stand, wat eis och wäert mëttelfristeg a laangfristeg zeguttkommen, net nëmme finanziell, mee och wat eis Ziler an der Nohaltegkeet an an der Transitioun ubelaangt. An där selwechter Konsequenz stinn och déi 0,6 Milliounen Euro fir d'Ofrappe vum ale Primavera-Gebai direkt doniewent an et sinn och 510.000 Euro fir nei elektresch Gefierer geplangt.

Voilà. elo ginn ech nach gären op e puer Remarken an, déi ech elo héieren hunn, mee wou ech elo net direkt wäert drop reagéieren. Hei ass dann nach am Beräich Ekonomie ugeschwat gi vun der CSV, datt mir eis sollen hei am Gemengerot fir méi Aarbechtsplazen asetzen, mee eeben déi wundersame Vermehrung vun Aarbechtsplazen, do wäert warscheinlech dann den Här Buergermeeschter herno drop agoen, ech mengen, wat d'Thema Ekonomie ubelaangt an och eis Industriezonen ronderëm. Ech hunn och mat Erstaune festgestallt, wat vun der DP elo komm ass, déi Kritik, datt eist Personal sech elo op eemol soll selwer Etüde maachen, mir solle Chef-chantiere ginn, mir sollen dat alles an eise Servicer stemmen. Also, déi Leit, déi mir hei op der Gemeng schaffen hunn, och eis Chef-de-servicen, déi sinn ausgelaascht. Also, ech weess net, vläit mengt Dir, déi kréichen nach méi Aarbecht gemaach, mee ech mengen, Etüde maachen, dat ass e Fulltime-Job, a mir sollen dat deenen Experten iwwerloossen, déi soss näischt maachen. An ech mengen, mir brauchen och e Bléck vu baussen, fir en toute connaissance de cause Entscheedungen ze huelen. Bon, dofir mengen ech, soll een och dat ad acta leeën, déi Remark. Also, villes ass och schonn hei vu menge Kolleegen hei, vu menger Fraktioun gesot ginn. An dofir ginn ech elo nach op e puer Beräicher an, déi vläicht nach net ernimmt goufen. De Beräich Environnement, do ass hei kritiséiert ginn, datt keng nei Initiativen am Ëmweltberäich geholl ginn. Mee et muss een awer och mol valoriséieren, wat alles an deem Beräich geschafft gëtt a wat weidergefouert gëtt. Et ass jo net, datt mir elo soen, mir sinn elo fäerdeg, mir maachen elo näischt méi. Ech mengen, mir halen do den Engagement an eis Aarbechten an eis Ziler op ganz héijem Niveau oprecht, an ech mengen, dat soll och awer mol hei eng Kéier gesot ginn.

Déi lescht Woch huet den Här Manderscheid eis hei en ausféierleche Rapport gemaach, wat scho geschafft gouf am Ëmweltberäich a wat sech dann och am Budget rectifié erëmspigelt, an ech wëll dofir hei nach just op e puer Detailer vun deem Budget agoen. Fir d'éischt emol Felicitatiounen un déi Servicer an och Beamten, déi sech mat vill Häerzblutt agesat hunn, fir datt d'Stad Diddeleng déi Goldzertifizéierung kritt huet am Kader vum Klimapakt, dat war eis e grousst Uleies an et ass eis awer hei net ëm de Pokal gaang oder ëm den Diplom, mee et ass dëser Majoritéit tatsächlech drëms gaangen, ganz bewosst a konsequent a mat ganz ville klenge Mesuren déi ökologesch Transitioun vun eiser Gesellschaft a vun eiser Gemeng virunzedreiwen an dat op alle Gebitter. Dat muss och esou gemaach ginn. D'Mënschen, d'Veräiner, déi privat Haushalter, d'Entreprisen, de Staat an natierlech och d'Gemenge mussen hei Efforte maachen, soss packe mer déi Ziler net, déi mer eis gesat hunn, an d'Zäit leeft eis einfach an där Richtung fort. Heifir si ganz vill kleng Mesurë geholl ginn, ech hunn elo d'Zuel net méi am Kapp, mee dat waren der ganz, ganz vill, souwuel intern, hei spillt d'Gemeng dann och de Rôle vun der Entreprise, wéi awer och am Dialog mat de Veräiner oder awer och nach duerch d'Sensibiliséierung vun de Privathaushalter. All dat zesumme féiert zu enger méi grousser Resilienz, dat heescht Widderstandskraaft op de Klimawandel, op dat vu baussen, mat deem mer konfrontéiert sinn, ob dat elo iwwerméissege Reen ass, Dréchent, Hëtzt, alleguer déi Saachen, mat deene mer onweigerlech konfrontéiert sinn, an awer och op eisem Energieverbrauch bezéiungsweis eist Offallverhalen.

Ech ginn net op all dës Mesuren an. Den Här Manderscheid hat déi lescht Woch scho gesot, et sinn dat Dosende vun Initiativen a Mesurë gewiescht, déi op alle Gebidder geholl gi sinn. Mëtt des Joers 2023 si mer dann an dee Gold-Audit gaang a fir eis Méie si mer domat 80,9 Prozent zertifiéiert ginn. Dat heescht, datt mer elo fir 2023 fir déi éischt sechs Méint e Prorata vun 350.000 Euro a fir déi sechs lescht Méint ee méi héije Prorata vu schonn 425.000 Euro u staatlecher Ënnerstëtzung ausbezuelt kréien. Am Zesummenhang mam Klimapakt sinn 2023 wichteg Decisioune geholl ginn, fir dass mer déi bal 21 Prozent erreechen. D'De-

cisioun, Green Events ze organiséieren, zum Beispill och de Floumaart an eist Faires Frühstück, Reparature vun Haushaltsgeräter an eise Subventiounsprogramm mat anzebannen. D'Lancéiere vun engem Klimawandelupassungskonzept, ech mengen, du gesäit een, datt mer eis do Konzepter ginn, datt mer Synergië schafen, datt mer ganz breet eis opstellen, fir datt mer do déi Schlupflächer oder all dat nach kënne verbessere wat nach verbesserungsfäeg ass. D'Decisioun ass geholl ginn an d'Envisagéiere vum Ubrénge vu Fotovoltaikanlagen op den Diecher vun de Gemengegebaier, dat heescht och dat, zum Beispill, elo eebe vum Centre sportif René Hartmann, dat ass haut schonn e puermol gesot ginn, mee nach mussen och do ëmmer erëm Etüde gemaach ginn. Mir kënnen net einfach higoen an op alleguerten déi al Gebaier einfach esou vun eis aus do mol Fotovoltaik dropsetzen. Ech mengen, dat muss gutt iwwerluecht sinn. Dann och eng Staarkreen-Analys gëtt gemaach, zesumme mam Waasserwirtschaftsamt. Klammer op, och den Investissement an den Ausbau vum Rückhaltebecken, zum Beispill, an der Rue du Nord, deen eis hei och scho méi wéi emol beschäftegt huet an deen et natierlech och net gratis gëtt, beweist déi responsabel a virausschauend Politik vun dëser Majoritéit, well wann d'Stad Diddeleng wiisst, da muss och d'Offallpolitik an d'Ofwaasserpolitik deementspriechend ugepasst ginn.

Am Kader vum Naturpakt ginn déi gemeinsame Efforte mat Sicona weidergefouert. No engem Audit huet Diddeleng mol schonn direkt 40 Prozent vun der Zilsetzung erreecht, well mer jo bis elo och net geschlof an deem Beräich. Déi koordinéiert Naturpakt-Aarbechten a konkreet Moossnamen zesumme mat Sicona ginn och 2024 weidergefouert. Am Budget extraordinaire fanne mer Projete wéi Nachhaltigkeit macht Schule zesumme mat der Energieagence an de Feedback vun de Schoule Gaffelt. Däich, Strutzbierg, Brill a Ribeschpont war immens gutt. Hei sief och nach mol erwäänt, datt ronn 130 Kanner aus dem Cycle 1.1 ganz Diddeleng eng Schmierekëscht aus nowuessenden a biologesch ofbaubare Rohstoffer a qualitativ héichwäerteg Bidonen ausgedeelt kruten. A wat d'Klimabündnis ubelaangt, esou ënnerstëtzt d'Gemeng Diddeleng säit 2019 de Projet Masipak op de Philippinnen, dat am Kader vun der Nord-Süd-Kooperatioun. Ech hat schonn dovunner geschwat, datt mir am Ëmwelt- am Energieberäich hei zu Diddeleng op allen Niveauen Efforte maachen, esou ass och d'Sensibilisatioun vun de Bierger e feste Bestanddeel dovun. Fir hiert Engagement gi Subventiounen ausbezuelt. Enn November 2023 si siwenhonnertdräi Demandë vu Bierger erakomm, fir vun de Subventiounen am Energieberäich ze profitéieren. Dat ware ronn dräihonnert Demandë méi wéi dat Joer virdrun. Dofir ass de Budgetsartikel vun 125.000 Euro largement iwwerschratt ginn an dofir sinn och 2024 elo 160.000 Euro am Budget virgesinn.

Aner Engagementer, an ech zielen se elo nëmme mat Stéchwierder op, aner Engagementer fir 2024 am Beräich Ëmweltschutz sinn den Dag vum Bam, Bampatenschaften, d'Zesummenaarbecht weiderhi mam Sicona, méi eng grouss Diversitéit, wa Beem geplanzt ginn. Duerch eisen Naturpakt-Beroder, dee vum Sicona ugestallt ass, wäerte mir elo an Zukunft eng quasi moossgeschneidert Berodung am Beräich Natur kréien an an deem Sënn ginn och da méi naturno Projete lancéiert an enker Zesummenaarbecht mam Service Jardinage.
Also, et gëtt en Heckekadaster ugeluecht, et gëtt d'Weiderféierung vum Jardin communautaire, Charte environnement, Klima an Energie fir all Clibb a Veräiner, déi e Sall bei der Gemeng lounen, reegelméisseg intern Meetinge fir eng kohärent Ëmweltpolitik queesch duerch all eis Servicer. E Montant vu 60.000 Euro ass bereetgestallt fir Naturpakt-Aarbechte beim Sicona, fënnef Miessstatioune fir d'Loftqualitéit am A ze behalen, ginn duerch ganz Diddeleng installéiert, den Energieverbrauch vun de kommunale Gebaier an och dem Fuerpark gëtt weiderhin optimiséiert. Op all eisen Neibau-Projete ginn d'office Fotovoltaikanlage mat ageplangt. Nachhaltigkeet macht Schule gëtt weidergefouert, esou wéi och de Projet Masipak am Kader vum Klimabündnis. Da gëtt et och nach de Pakt Anti-Gaspi mat eise Maison Relaisen, déi och wichteg sinn, a Green Events sollen ausgebaut ginn a weider optimiséiert. Ech verléieren elo nach e puer Wierder am Beräich Informatik. Dat ass schonn e puermol ugeschwat ginn, mee wat de Budget fir d'Informatik ubelaangt, deen ass fir 2024 ëm iwwert eng hallef Millioun Euro an d'Luucht gaang an dat aus guddem Grond. Och hei gëtt virausgekuckt an investéiert, fir datt mer mathale kënnen. Wann ee weess, datt d'Hardware muss all fënnef Joer ersat ginn, dann ass et gewosst, datt mir andauernd mussen hei investéieren. An de leschte dräi Joer sinn iwwer dräihonnert Apparater ersat ginn.

Och d'Gesetz fir d'Cybersécherheet verflicht, eis Ausgaben ze tätegen, souwuel fir de séchere Stockage vun eisen Donnéeën a Serveren oder Data-Centere wéi och a reegelméisseg Formatioune vun eisen Informatiker. D'City App muss iwwerschafft ginn an nei Wi-Fi-Antenne ginn opgestallt, zum Beispill op der Plaz Thierry van Werveke. An zu gudder Lescht, a quasi alleguerten de Syndikater klëmmt och eis Contributioun an déi musse mer och leeschten am SIGI.

Beräich Kultur: Dat ass och scho gesot ginn hei vun e puer Plazen an ech si ganz frou doriwwer, datt mer do heibannen eis eens sinn, datt d'Kultur eppes ass, wat d'Liewe liewenswäert mécht an d'Kultur ass och e groussen Deel, wou d'Leit sech kënnen ausdrécken, wou se sech, wéi soll ech soen, nieren, an dofir musse mer och ganz breet opgestallt sinn, fir eise Bierger a Biergerinnen och eng ganz diversifizéiert Kulturoffer unzebidden. Wéi mer déi lescht Woch vum Kulturschäffe Loris Spina héieren hunn, ass eise Centre Culturel regional Opderschmelz eist Flagschëff am Beräich Kultur. D'Zuele si beandrockend. Am Joer 2023 war de Centre Culturel wärend 282 Deeg besat, 255 Manifestatioune sinn ofgehale ginn, 28 600 Visiteuren an nach emol 34 000 Visiteuren op eisem Festival. Wichteg ass awer hei ze gesinn, datt 2024 de Budget fir Kultur quasi stabel bleift. Dat ass ëmsou méi beandrockend, wann ee versteet, wat déi lescht Joren am Konschtberäich geschitt ass. Künstler an all déi Leit am Hannergrond hunn nämlech wärend der Pandemie onheemlech gelidden. Vill vun hinnen hunn déi Joren net gepackt. Ech schwätzen hei och vun den Zouliwwerer oder den Techniker, Beliichtung, Toun, Kamera, Bünentechniker, déi ginn oft vergiess an deem Beräich. Vill vun hinnen hunn hir Selbststännegkeet missen opginn oder hunn

hiren Knowhow an aner Projete gestach, déi fir si net méi esou riskéiert waren oder wat hinne méi eng stabel Situatioun bruecht huet. Firmae si verkaf ginn oder si verschwonn. Op alle Fall ass d'Offer, fir d'Leit an deem Beräich ze fannen, méi kleng ginn. Déi, déi nach do sinn, si gefrot an d'Präisser sinn och an d'Luucht gaang. Dofir kënne mir nëmmen de Schäfferot an eis Leit aus dem Service culturel felicitéieren, fir datt de Budget, trotz allem, trotz där schwiereger Situatioun, quasi stabel bliwwen ass, wat also näischt anescht bedeit, wéi datt spuersam mat de Gelder ëmgaange gëtt. Déi kulturell Offer gëtt vervollstännegt duerch eis Galerien an do freeë mer eis schonn op d'Retrospektiv Marc-Henri Reckinger an natierlech op déi kreativ Aktivitéiten och vun eiser Bibliothéik. Eng ganz gutt Saach an eisen Aen ass och de Kulturpass, deen et erlaabt, fir dach wierklech niddreg Präisser un all eise kulturellen Aktivitéiten deelzehuelen. Dat war dëser Majoritéit e grousst Uleies, well Kultur kann net nëmmen do sinn, fir déi, déi en décke Portmonni hunn, mee Kultur muss zougänglech si fir jiddereen. Well net wéi heiansdo an anere Gemenge sinn hei zu Diddeleng, ass hei zu Diddeleng alles doranner abegraff, an deem Kulturpass, esouguer eis Festivaller.

Zum Theema Drëtten Alter, vill vun den Initiativen an deem Beräich gi 2024 weidergefuer. De Flexbus, Repas sur roue, Telealarm, Cycle an de Recycler, de Foyer du jour vun der Croix rouge, Senior Plus, fir d'Autonomie ze stäerken an och d'Zesummenaarbecht mat der ALA gëtt weidergefuer. Eise Club Senior heescht elo Club "Aktiv+ Diddeleng", do musse mer eis awer e bëssen dru winnen, an och d'Seniore kréien hire Seniorebeirat, wat, mengen ech, eppes ganz Flottes ass, also hir op hir Bedürfnisser zougeschnidde Biergerbedeelegung. Et läit eis am Häerz, datt een hei zu Diddeleng vu Jonkem un a bis an den héijen Alter gutt liewe kann. Dofir all dës altersgerecht Hëllefstellungen an Initiativen, déi sech och am Budget natierlech erëmspigelen.

Tourismus a Jumelage, e puer Wierder heizou: Diddeleng huet vill ze bidden. Net nëmme fir seng Bierger, ma och fir d'Touristen, ob si elo aus dem In- oder Ausland bei eis kommen. Dofir ass d'Weiderféierung an d'Vergréisserung vun der Offer am Beräich Visite-guidéeëm eng gutt Saach. Och ëmmer rëm nei Deplianten ze maachen ass noutwendeg, Kommunikatioun ass wichteg an deem Beräich. Eisen Tourist Office an der Rue de Commerce ass e wichtegt Aushängeschëld a soll eng Visittekaart duerstellen an eis Wëllkommenskultur weisen. Dofir sinn och hei déi nei Miwwelen u gudden Invest.

De Beräich Integratioun ass eppes, wat duerch alleguerten eis Servicer geet, ob dat elo Sport ass, drëtten Alter, jonk, al, ech mengen, do gëtt vill méi geleescht wéi elo nëmmen am Integratiounsberäich selwer, mee am Beräich Integratioun, wa mer dann elo do d'Kommissioun huelen oder och nach de Service Projet Ensemble, do gëtt ganz, ganz vill geleescht hei. Dat ass schonn iwwert déi lescht Joren esou gaang an et geet och 2024 nach weider. Eis Sproochecourse sinn e vollen Erfolleg. De Café des langues ass bal ëmmer ausgebucht. Duerch de Service, wéi gesot, de Projet Ensemble, ginn onheemlech vill kleng a grouss Aktivitéiten um Terrain direkt a mat de Leit gemaach, déi mir heibannen net esou gesinn an déi och net opgeschiffert sinn, mee wat immens wichteg ass. Et ass schonn ugekënnegt ginn, datt déi zwee Fester, elo de Marché du monde an d'Fête des cultures zesumme geluecht ginn. An och dat gesi mir och als Integratiounskommissioun - déi elo net méi esou heescht, mee elo eng Commisson du vivre ensemble interculturel heescht - ganz positiv, well do entsti Synergien, an ech mengen, datt dat Fest elo méi fréi am Joer stattfënnt, Enn Juni, mengen ech, gëtt et eng méi grouss Sécherheet, fir datt dat och ënner deene beschte Wiederkonditiounen ofleeft an dat zitt, mengen ech, dann och nach méi Leit un. An d'Bestriewunge sinn natierlech, fir do de Budget, ongeféier stabel ze halen, mee och do si mer erëm konfrontéiert mat där Entwécklung am kulturelle Beräich, well dat ass eng Mëschung tëschent Integratioun a Kultur. Dofir kucke mer, fir do déi beschtméiglechst Léisung ze fannen. Ma och fir de Grand public wëll ech nach hei och de Mois du respect ernimmen an och d'Charte du vivre ensemble fir d'Bierger a fir d'Veräiner, fir sech fir méi Respekt an Toleranz anzesetzen. Ech mengen, et kann een net midd ginn, fir och transversal ëmmer rëm dee Punkt unzeschwätzen, fir do Efforten ze maachen op alle Gebitter.

Biergerbedeelegung, ech mengen, mir sinn do Virreider, mir sinn e fläissege Beräich hei am Land, de partizipative Prozess ass e wichtegen Deel vum politesche Liewen an eiser Gemeng. De Kannergemengerot, de Jugendgemengerot, de Biergerrot, de Biergerpanel, d'Klimateam, d'Aarbechtsgruppen am grousse Ganzen an elo och nach de Seniorebeirat, dat sinn Instrumenter, déi mir eescht huelen a fir e gudde Fonctionnement ginn och 2024 dann och déi néideg Mëttelen zur Verfügung gestallt. Déi nei Online-Plattform vun der Uni, erliichtert et dann och deemnächst, sech nach besser an och méi einfach anzebréngen. Voilà, ech kommen zum Schluss.

De Budget 2024 ass e Budget vun der Kontinuitéit, well all déi gutt Saachen, déi mer bis elo gemaach hunn an déi Friichte gedroen hunn, déi féiere mer weider. Kontinuitéit ass och Dialog, Kontinuitéit ass investéieren. Kontinuitéit ass och een Echange op alle Gebitter an un Ziler festhalen, déi mer eis gesat hunn. Ugefaange Projete gi fäerdeggestallt, eng antizyklesch Politik gemaach. Déi Depensen, déi gemaach ginn, déi kann ee gesinn als Schold, als Laascht, et kann ee se awer och gesinn als Investissementer an eis Kanner an eis Jugend, generatiounsiwwergräifend, datt heescht, och si wäerten dovunner profitéieren. Schoulen, ekologesch Transitioun, Kultur a Sport an natierlech och déi Infrastrukturen, déi enger moderner Gemeng Rechnung droen. Dës Majoritéit wëll gestalten an net verwalten, sot eise Buergermeeschter, an dat wäerte mer och maachen. Mir investéiere fir eis Kanner, mat Wäitsiicht a Responsabilitéit, wéi mer dat bis elo gemaach hunn. A mir stëmmen natierlech déi zwee Budgeten hei mat. Ech soe Merci. Merci.

# 2. Äntwerte vum Schäfferot



DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och Iech, Madamm Kohn, fir déi doten Aschätzung. Mir hätten domat den Tour och hei ofgeschloss, vun de Stellungname vun de Conseilleren aus der Majoritéit an der Oppositioun a mir hunn eis virdrun och hei mat de Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Schäfferot concertéiert. Och mir wieren dann prett, fir op déi verschidde Punkten anzegoen. Virun allem wéilt ech engersäits generell mol hei Merci soe fir déi ganz sachlech a konstruktiv Diskussioun, trotz engem diskursiven Ecart. D'Madamm Kayser an hir Parteikolleegen hunn sech jo Méi ginn, fir progressiv zeréckzeruddren, fir dat an e méi moderat Liicht ze setzen. Der Oppositioun hire Rôle ass, natierlech, de Schäfferot ze kontrolléieren, an et ass et och kloer, dass eng Majoritéit, respektiv, Oppositioun mol déi selwecht Vuen huet an och deelt an och verschidde Vuen abréngt. Dass dat jo och d'Stäerkt vun der Demokratie ass. Déi Projeten, déi een an dësem Budget erëmfënnt, respektiv d'Ausriichtung vun dësem Budget, do si Projeten dran - an dofir maachen ech elo e bësse méi generell Considerationen éier ech op déi verschidde Stellungnamen aginn, wat meng Ressorten ugeet – do si jo am Fong keng Iwwerraschungen, och wann hei och säitens vun der Oppositioun e bëssen Iwwerraschung opkomm ass.

D'Ausriichtung vum Budget, dee mer hei presentéiert hunn, fir 2024, déi ass, wéi se ass. Et ass net fir näischt, dass ech bei menger Presentatioun gesot hunn, dass aachtasiwwenzeg Prozent vun de Projeten, déi een am Budget 2024 erëmfënnt, Kontinuitéitsprojete sinn, Projeten also, déi mer hei am Gemengerot gestëmmt hunn, a ganz vill vun deene Projeten huet jo dann nieft der Majoritéit och d'Oppositioun mat gestëmmt. D'Oppositioun, verschidden Oppositiounsparteien hu gesot, dass se Projete matstëmmen, déi Sënn maachen, wéi déi Lénk, et ginn awer och Projeten, déi Sënn maache fir déi Lénk, déi d'Oppositioun net matstëmmt, och dat gehéiert dann dozou. Do muss da jidderee seng politesch Verantwortung dann huelen, fir dat dann och dobaussen ze vertrieden. Ech mierken awer och, ech mengen, hei gi mer eng Virgab iwwert engersäits Kontinuitéit an nei Akzenter, déi mer am Budget wëlle setzen, dass natierlech och, wann ech verschidde Conseilleren a Conseillèren hei héieren, dass d'Erwaardungshaltung ganz héich ass, wat d'Exekutioun vun der Schäfferotserklärung ugeet, well dann hei gefrot schonn direkt gëtt, wou verschidde Projeten dru sinn.

Ech wëll eng Kéier hei ganz kloer soen, dass hei den éischte Budget ass, no de Gemengewalen a mir wäerte sécherlech déi verschidde Punkte aus der Schäfferotserklärung progressiv ëmsetzen a sécherlech dat net alles an engem Joer maachen. Dofir huet ee jo eng Mandatsperiod vu sechs Joer, fir dat dann eebe step by step och kënnen ëmzesetzen. Wann ech dann awer och déi generell Aschätzung gesinn, wat d'Finanzsituatioun ugeet, bon, do héieren ech dann engersäits eraus, säitens vun deene Gréngen a vun deene Lénken, dass deelweis et d'Ausseriichtung, d'Approche, dass se déi deelen, mee dass et net aktiv genuch ass, respektiv net schnell genuch ass an dat ass een Deel vun der Oppositioun. Deen aneren Deel vun der Oppositioun dass dann d'CSV, do héieren ech dann éischter eraus, dass Iwwerraschung do ass par rapport zu der Envergure vum Budget, dass éischter op d'Brems gedréckt soll ginn, wëssend, dass dës Projeten awer fir Diddeleng noutwendeg sinn. E bësse méi de generellen Appell awer och hei vun, gesinn ech hei, vun de Gréngen, vun de Lénken, vun der CSV, den Appell opzepassen, natierlech wéi d'Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng ass. Si nennen hei kee Projet, wëllen sech awer och net festleeën, dat ass e bëssen einfach.

Op där anerer Säit stellen ech fest bei der DP, déi seet ganz kloer, kënne mer net de Projet zeréckstellen. Si nennt awer kee Projet, och dat ass e bëssen einfach an der politescher Ausriichtung, déi een sech gäre wëll ginn, wann een dëse Budget appreciéiert. En tout état de cause, et muss een net nëmme politesch, mee par rapport zur Ausriichtung vun engem Budget, et muss ee Faarf bekennen an dat maache mer als Majoritéit, wou mer dëse Budget hei presentéieren, andeems dës Majoritéit engersäits op de Budget vun der Kontinuitéit setzt an och nei Akzenter setzt. An "ouni Skrupel" heescht dat jo och, dass mer net an eegenem Interessi handelen, mee am Interessi vun Diddeleng a sengen Awunnerinnen an Awunner. An an déi Tendenz schreift dëse Budget sech an. An och d'Aschätzung, déi hei gemeet gouf säitens och vun der Spriecherin, vun der LSAP, dass mer weiderschaffe fir Diddeleng, dass mer och natierlech déi finanziell Tendenz am Abehalen, a weider virsiichteg och bleiwen, ech mengen, dass mer deem och an dësem Budget hei Rechnung droen.

Mee ech deelen d'Aschätzung, déi generell hei gemeet gouf, dass mer eis an engem Ëmfeld beweegen, dat net méi dat selwecht ass, wéi dat virun 2020, an dass natierlech och d'Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng net schlecht ass, net dramatesch gutt ass, mee dass se ënner Drock ass an dass mer se am A musse behalen, dass mer weider mussen investéieren, fir effektiv d'Stad Diddeleng weiderzebréngen, fir dass kee Stëllstand ass. Also, ech mengen, dass och dat den Optrag ass vis-à-vis vun eise Biergerinnen a Bierger, Wielerinnen a Wieler, a mer och hei ganz kloer en Invest maachen an d'Zukunft vun der Stad Diddeleng an duerch déi Infrastrukturprojeten, déi mer hei hunn, och dat ofséchere fir déi nächst Generatiounen, déi ganz sécher och dës Infrastrukturprojete kënnen an hire Besëtz huelen a si kënnen och deementspriechend notzen, ob dat am schoulesche Beräich ass, ob dat am Sportsberäich ass oder ob dat am ëffentleche Raum ass. An duerfir mengen ech, och ganz kloer, fir da bei der Madamm Kayser

unzefänken, dass dëst wuel e responsabele Budget ass, well mer grad déi dote Parameteren, betruechten an der Ausriichtung, déi mer natierlech maachen. An, mir hu ganz spezifesch och bei dësem Budget ugefaangen an dofir hat een dat jo och an d'Schäfferotserklärung gesat, an déi Instruktiounen hu mer och an eis Servicer ginn.

Ech hu gesot, mir sinn am Ufank vun enger Mandatsperiod, dass mer elo vill méi systematesch och d'Frais-de-fonctionnemente vun neien Infrastrukturprojeten ab inizio mat eranhuelen, dat och kucken, sief dat d'Frais d'entretien, sief dat awer och d'Personal, well heizou ass et hei bësse verwonnerlech eriwwer komm, mee et muss ee wëssen, wann een en neit Gebai baut, wann een en neit Gebai a Funktioun hëlt, da kann een natierlech Synergië sichen, mee do kommen, c'est inhérent, do kommen nei Fraisen och dobäi an dat ass natierlech richteg an ech deelen absolut déi Aschätzung, dass een och do d'Frais de fonctionnement muss am A och behalen. Par rapport zu deenen aneren Ausféierungen, effektiv, d'Frais de fonctionnement ass dat eent, respektiv d'Personalfraisen ass dat anert, et ass hei vum Strutzbierg geschwat ginn, et ass hei vum Hall polyvalent geschwat ginn, ech mengen, insgesamt mierkt een och an dësem Budget natierlech eng Rei Erklärungen, déi mer och ginn hunn, wat am Fong d'Steigerung vun de Personalkäschten ugeet. Ma Dir hutt awer och gemierkt, an et ass e Fait, iwwer déi lescht Joren, dass progressiv déi nei Astellungen, déi sinn erofgaangen oder wann nei Astellunge stattfonnt hunn, an ech mengen och dat dréit nieft de Bienallen, nieft der Indexatioun, nieft der Revalorisatioun vun de Karriären, mengen ech, mee et ass hei an der Stad Diddeleng net déi eenzeg Situatioun, mee et ass awer déi Situatioun, wann een an Eegeregie Servicer ubitt, dass natierlech d'Maison Relaisen, a wa mer nei Strukture schafe vu Maison Relaisen, wäert natierlech och dat Personal, an ech mengen, dass och dat Personal, wat prozentual gesinn, par rapport zum Rescht vum Personal op anere Plazen och gewuess ass a wat och deen Hoff ausmécht, mee hei befanne mer eis awer an enger quasi-legaler Obligatioun als Gemeng, fir déi dote Missioun ze erfëllen.

Ech géif mer d'Diskussioun hei am Gemengerot virstellen, wa mer dat dote géifen no hanne stellen, wat mer da fir eng Diskussioun hätten, mee op alle Fall sinn dat ganz kloer logesch Erklärunge par rapport zum Personal a wéi gesot komplett nei Astellunge vu Personal par rapport zu Obligatiounen, déi manner obligatoresch Missioune sinn, där fënnt et net esou vill. Par rapport zu Ärer Demande zum Hall polyvalent: Et ass richteg, dass dee Concierge, dee mer agestallt hunn, dass deen an d'Equipe mobile natierlech erakomm ass, mee wa mer iwwert d'Fraise-de-fonctionnement schwätzen, esou wéi et hei gefuerdert jo och gouf, dass mer dat méi visibel maachen, wa mer en neien Hall, wéi deen doten zum Beispill, eng nei Infrastruktur plangen, wat sinn déi inherent Fraisen, ma dat ass jo och grad wichteg, e Conciergeposte separat ze ventiléieren, dass eebe grad dat transparent, fir visibel ze gesinn, wat dee Poste kascht. Mir maachen also hei an dësem Budget näischt anescht, well dat elo haut de Mueren hei vun der Oppositioun jo och gefrot, gouf. Also si mer hei, ech ginn dovunner aus, am Einklang.

Dann, par rapport zu Ären Ausféierungen, an et muss een awer oppassen, wat een hei seet, Madamm Kayser, wann een d'Ausféierung hëlt, dass beim PAP A Bëlleg et net géif weidergoen an dass de Promoteur faillite wär. Dir schéngt dann do aner Informatiounen ze hunn, wéi ech, well ech souz net méi wéi virun engem Mount mam Promoteur zesummen, wou de Stroossebau op PAP A Bëlleg fäerdeg ass, respektiv am Laf vum Januar fäerdeg gëtt, also kloer, dass keng Wunnengen de Moment elo gebaut ginn, well d'Stroosseninfrastruktur laut der Konventioun, an ech mengen, dat wësst Dir, laut der Konventioun vum PAP datt dat éischt ass, wat muss, gemeet ze ginn, an et ass eréischt dono, wou de Wunnengsbau geplangt gëtt. An net méi spéit, wéi d'lescht Woch waren eis Gemengeservicer mam Promoteur um Logementsministère, fir och ze kucken, wéi de Projet ka weidergoen, respektiv dann och deen Deel vun abordabele Wunnraum, deen, wou d'Gemeng sech jo engagéiert huet. Dofir hei awer annoncéieren, dass de Promoteur faillite ass, ass zimmlech hasardéis, fannen ech. Mir wëssen natierlech, dass am Moment e gewëssenen Drock gëtt um Niveau vum Bausecteur, mee et soll een awer esou Ausféierungen, fannen ech, iwwerpréiwen, éier een se hei, wéi gesot, seet, well mir hunn am Fong ganz aner, Informatiounen, déi zu eiser, Dispositioun stinn.

Dann zu Ärer Ausféierung, dass, wat d'Spidol betrëfft, näischt am Budget steet. Ma jo, dat schéngt mer och ganz normal ze sinn, well den Exploitant, vun der Diddelenger Poliklinik, dat ass de CHEM an deen exploitéiert déi ganz Entitéit, respektiv, wann da Fraisen ufalen, an Dir kommt jo aus dem Gesondheetssecteur, da wësst Dir, dass alleguerten déi dote Voleten, wat d'Depensen ugeet, jo och mat enger CNS ofgekläert sinn an dofir fënnt dat och an dësem Budget keng Nidderschrëft. An dësem Budget huet een natierlech ëmmer Depensë vun där Zäit, wéi mer nach Member ware vum Hospice civil, mee Dir wësst jo grad esou gutt wéi ech an Dir hutt et jo och gesot bei Ären Ausféierungen, dass mer déi jo opgeléist hunn, also - mengen ech - hu mer an deem Sënn keng Fraisen. Ech wëll awer deen dote Punkt opgräifen. Natierlech, dat muss ech och hei soen ouni ze vill wäit auszehuelen, mir begréissen et, dass och déi nei Regierung sech zu der Poliklinick Diddeleng bekennt, sou wéi se sech och zu anere Poliklinicke bekennt. Ech wär awer frou gewiescht, wann, wat aner staatlech Engagementer vis-à-vis vun Diddeleng ugeet, grad déi selwecht Nidderschrëft fonnt hätten am Koalitiounsaccord, wou ech awer de Constat maachen, dass dat net de Fall ass, an ech hoffen, dass dann dës Regierung déi Engagementer vun der viregter Regierung vis-à-vis vun der Stad Diddeleng hält.

Et ass virdrun och geschwat ginn iwwer de grousse Mobilitéitsprojet hei an Diddeleng ronderëm effektiv, déi Direktzich, dat ass ee vu ganz villen an do wäerte mer dann och sécherlech - dat hat ech ugangs gesot déi lescht Woch - bei der neier Regierung le moment venu dann och intervenéieren, fir effektiv dann ze wëssen, wéi hir Positioun par rapport zu hire staatleche Projeten an Diddeleng och ass. Par rapport zu de Masterpläng Koibestraachen, Helper, mengen ech, hutt Dir Iech selwer d'Äntwert ginn. Diskussioune mat Proprietairen, déi selwecht Proprietairen, wou d'Madamm Thoma jo

seet, déi zu Dynastië gehéieren, si geholl ginn. Do muss dann och de Staat, respektiv deelweis d'Gemeng mat hinnen Diskussioune féieren. Ech sinn awer och ganz bei Iech an do wäerten herno d'Kolleegen nach eng Kéier drop agoen, wat d'Fraisë vun de Syndikater uginn, TICE a STEP, dass mer dat weider am A musse behalen, mee do sinn onweigerlech Invester, déi musse gemeet ginn am Interêt vum Raum, an deem mer eis hei befannen, respektiv och am Interêt vun der Südregioun.

Wat den CFL-Multimodal ugeet, déi Modification ponctuelle vum PAG, déi wäerte mer am Laf vun dësem Joer lancéieren, mee do gëtt et am Fong drëm, datt den CFL-Multimodal éischter bei sech selwer um Site eng Aart Logistik, eng Aart Magaséng wëll bauen, wat jo och gutt ass, an deementspriechend muss dat dann och iwwer eng Modifikatioun vum PAG gemeet ginn. Dat ass jo dann och positiv, well dat weist jo och, dass den CFL-Multimodal sech weiderentwéckelt a senger Approche. Déi Firma Sam Hwa Steel S.A., ech mengen, déi si schonn do, déi bauen elo e bëssen aus, si si schonn um Site tëschent Diddeleng a Beetebuerg. A JCA Pharmaceuticals S.A., Dir kënnt Iech jo erënneren, dass ech Iech eng Kéier gesot hunn, dass op Wolser e japanesche Pharmabetrib sech nidderléisst an der Logistik, wou ëm déi drësseg nei Aarbechtsplaze kreéiert ginn. Dofir houng och hei de Commodo-Incommodo aus, well déi am Fong dann och prett sinn, fir sech kënnen do ze etabléieren. Wat de Volet vum Primavera ugeet mat der Demolitioun, do ass am Fong d'Iddi, dat hat ech och schonn am viregte Budget gesot, mir hu missen aus dem Stolwierk erausplënneren op Neischmelz, wann elo de Fonds de logement ufänkt, a do hate mer jo am Stolwierk selwer Box in the Box an d'Iwwerleeung ass, wa mer de Primavera ofrappen, dat war jo net méi an engem gudden Zoustand, et ass en aalt Gebai, dass een och da probéiert fir dat dann do opzeriichte fir och kënnen eist Material eriwwerzesetzen.

Déi Diskussioune ronderëm de CGDIS, ech mengen, déi lafe gutt virun. De CGDIS plangt weider un der Planung ronderëm d'Husky, Mir hu jo d'Modifikatioun vum PAG deementspriechend lancéiert a wann déi duerch ass, an ech mengen, dass dat am Laf vun dësem Joer ka sinn, entweeder virun der Summervakanz oder am fréien Hierscht, dass mer déi Modification ponctuelle vum PAG duerch hunn, da kann de CGDIS am Fong och direkt ufänke mat bauen. Mee esou laang wäert natierlech och den aktuellen Zenter Diddeleng op senger Plaz bleiwen, well se jo awer dann nach mussen an den Asaz goen.
Wat déi al Zentral op Neischmelz ugeet, déi 170.000 Euro, Dir konnt Iech erënneren, dass mer hei am Gemengerot jo d'Konventioun guttgeheescht hunn, fir kënnen Accès an dat Gebai ze kréien, fir mol kënnen Etüden ze maachen, respektiv, opzehuelen, wéi den Zoustand vun deem Gebai ass, fir dann och kënnen Architekten-Etüden ze lancéieren, fir der Museksschoul, respektiv dem Danzdepartement, eng definitiv Bleif kënnen ze ginn. Par rapport och zu de Gemengenatelieren, wann déi natierlech fäerdeg sinn, dann ass déi Konventioun, déi mer jo och hei haten, dee Kontrakt mam CFL-Multimodal, wat de Stockage ugeet, dee fält dann automatesch och ewech. Voilà. Dat par rapport zu Ären Ausféierungen, respektiv Äre Froen.

Da kommen ech op d'Madamm Ahmedova zeréck. Jo, Dir sot och, et geet an déi richteg Richtung, mee et geet just net séier genuch, notamment beim abordabele Wunnraum, dass mer do vill méi Haiser kafen oder opkafe sollen. Jo, dat kann ee maachen, mee dat soll een net à tout prix maachen, wann een e Bléck werft awer an de Budget 2024, da sot Dir zwar bei der Acquisition immeubles bâtis géif näischt drastoen. Wann sech eng Opportunitéit bitt, kann een ouni Problem an de Gemengerot kommen an en zousätzleche Kredit stëmmen, mee ech soen net à tout prix, well mer natierlech, wa mer als ëffentlechen Acteur Haiser opkafen, dann däerfe mer och net do d'Präisspiral an d'Lucht dréinen iwwer dee Präis, dee mer hei och ubidden an dofir hu mer engersäits natierlech eng hallef Millioun Euro fir d'Acquisitioun vun Terraine virgesinn, mee de gesitt awer grad an dësem Budget Projeten, wou mer jo d'Acquisitioun gemeet hu vun Haiser. Dofir mengen ech, Är Remark, déi bäisst sech awer e bëssen, well d'Acquisitioun op 71 Rue de la Paix, 36 Rue de la Fontaine, 51 Route de Luxembourg, also an der Lëtzebuerger Strooss, dat si jo am Fong Acquisitioune vun Haiser, déi d'Gemeng gemeet huet a wou se dann och kuckt, och do net präisdreiwend als ëffentlechen Acteur ze wierken. An natierlech hu mer eis och e Montant dra gesat, vun der VEFA, well mer och amgaange sinn, e bësse méi mat méi klenge Promoteuren ze kucken, wat, mengen ech, interessant Projete kéinte sinn, wou mer iwwert d'VEFA fueren, wou mer eng Acquisitioun maachen, dofir hu mer och dee Montant hei dragesat, well mer och wëssen, dass an der aktueller Situatioun éischter déi méi kleng Promoteuren et méi schwéier hunn ewéi déi Big-Playeren, déi op ville Plazen déck Projeten hunn an ech mengen dat, wat dann de Staat op méi engem gréisseren Niveau mécht, well en och natierlech vill méi finanziell Moyenen huet, probéiere mir dann op eiser lokaler Lëns hei zu Diddeleng ze maachen. Dofir hu mer och déi Kreditter hei virgesinn an awer, mengen ech, wa mer déi Kreditter hei virgesinn an och déi Demarche wëlle maachen, fir eng Kéier ganz kuerz drop agoen, musse mer eis natierlech och eng Rei Krittäre ginn, wa mer mat deene verschiddene Promoteuren diskutéieren, wa mer do wëllen e Projet opkafen en vue vun enger VEFA musse mer och eng gewëssen Transparenz hu vis-à-vis vun eise Krittären, déi mer deementspriechend och hunn.

Dann, par rapport zu der Appreciatioun zum Développement urbain an och zu der Geschäftswelt, ob mer weider Lokaler ulounen. De Moment hu mer sechs Stéck. Mir hunn do vill Efforte gemeet. Ech soen och ëmmer, et kann een natierlech ëmmer kucken, wann et e Lokal gëtt, wou interessant ass, dass een do eng Approche wielt, wou een d'Locatioun mécht an herno d'Souslocatioun, mee déi ëffentlech Hand kann net ëmmer alles maachen. Et muss een och en Deel der privater Hand iwwerloossen. Och do soll e gesonden Equiliber bleiwen. A mir hu jo eng Rei Geschäfter hei, déi ganz gutt lafen an awer och anerer, déi e bësse méi houschten a wann een iwwer d'Attraktivitéit schwätzt op der Plaz Am Duerf, do ass jo kierzlech e gréisseren Textilbuttek och zougaangen, och dat mat allen Efforten, déi een als Gemeng ka maachen, gesäit een awer och, wéi awer dass et och bei der Privathand net ëmmer ganz evident ass. Och dat si Realitéiten hei zu Diddeleng, mee net

nëmmen hei zu Diddeleng.

Dann, par rapport zum Usina, ech wëll do net an den Detail agoen, ech ka just eppes par rapport zu der Subventiounspolitik soen. Mir haten 2023 eng Demande un déi deemoleg Kulturministesch gemeet, fir e Subsid ze kréien. Mir hu kee kritt. Mir hunn do da fir 2024 eng nei Demande gemaach un deen neie Kulturminister an hoffen dann do, dass mer och e Subsid kréien, well et hei net nëmmen drëms geet, esou wéi mer déi lescht Deeg dat annoncéiert hunn, dass international Kënschtler op Lëtzebuerg komme, mee och den Usina eng Bün ass fir national Kënschtler an och dat e Krittär ka sinn, fir e Subsid vum Kulturministère ze kréien. Ech mengen, mir sinn eis och eens, dass mer eis déi direkt an indirekt Käschte virun A sollen halen. Dat ass jo och déi Ausféierungen, déi virdru säitens vun der CSV gemeet och goufen. An ech si ganz bei Iech, verschiddener, déi gesot hunn, wann effektiv gréisser Projete kommen, dass een an enger Finanzkommissioun dat soll beschwätzen, respektiv wann Depassementer och kommen.

Da kommen ech eriwwer par rapport zu der Madamm Thoma. Ech si ganz bei Iech, wann Dir sot, grad elo weider investéieren, kee Stëllstand. Ech mengen, dass een déi antizyklesch Politik soll weiderféieren, dat hat ech d'lescht Woch gesot an d'Madamm Kohn esou wéi Dir hutt et haut och nach eng Kéier betount. Wat d'Personalkäschten ugeet, si mer eis och eens. Wat d'Publikatioun ugeet, wat Dir ugeschwat hutt, ech mengen, dat war en Oubli, dat kann een awer ganz gären nohuelen, dass een eng adequat Form fënnt fir op deen doten Historique anzegoen, well ech mengen, datt et effektiv eng ganz flott Vue ginn huet, wéi et zur Nominatioun vun där doter Strooss komm ass. Wat de Logement ugeet, Dir sidd och där Meenung, wéi d'Madamm Ahmedova, dass net genuch géif ënnerholl ginn. Ech mengen, dass grad an dësem Budget mer wierklech en Hoff maachen. Bon, fir deen ee geet et ni wäit genuch. Da wëll ech och gären d'Diskussioun hei hunn, wéi mer dat dann nach weider finanziell stemme sollen. Do huet jiddereen sech jo e bësse méi zeréckhalend ausgedréckt. Eng generell Observatioun, déi ech maachen, ech wëll awer soen, dass déi deemoleg Decisioun vun deem Gemengerot hei, an déi gouf vun enger larger Majoritéit gedroen, de fréiere Parking Post an e Projet mat eranzeginn, wou mer och abordabele Wunnraum domadder kritt hunn a wou mer och Diddeleng nei Opportunitéite ginn hu mat neie Wunnengen an och nei Opportunitéiten um Niveau vun der Geschäftswelt, vun engem attraktive Parking, nach ëmmer dee richtegen, wou awer dat och mat den Optakt war ronderëm de Projet Shared Space, fir och de Stadkär ze moderniséieren, also vun dëser Säit aus sans regret.

Da kommen ech op en anere Punkt vum Logement, well ech mer deen opgeschriwwen hat. Jo, et gëtt ëmmer mantraméisseg gesot, dass mer iwwer de Pacte Logement 75 Prozent Subside géife kréien. An ech soen da mantraméisseg, dass dat net de Fall ass, well mer eis ëmmer an enger Schéier hei beweegen, an dat ass net nëmmen de Fall hei bei der Stad Diddeleng, dat ass 75 Prozent, respektiv ass d'Meterkareeszuel plafonéiert, esou dass an der Realitéit mer ëmmer, en fonction vum Projet, tëschent, allez, 62 a 65 Prozent natierlech eis beweegen. Mee, wéi virdru schonn ugeklongen ass, wann déi Membere vun der aktueller Regierung, virdrun, wéi se an der Oppositioun waren, jo gesot hunn, dass et wichteg ass, d'Gemengen a verschiddenen Domänen ze ënnerstëtzen, voilà, dat freet mech dann och, ze héieren, dass souwuel wat dann de Volet vun de Subsiden, déi mer vun engem Interieursministère kënne kréien, dann awer och dann de Fall wäert sinn um Niveau vun der formaler, nonformaler Bildung, respektiv och mam Logement, dat ass net nëmmen eng Fuerderung, wëll ech hei soen, vun der Stad Diddeleng, mee jo dann och vum Syvicol an, mol kucken, wéi dat dann sech wäert weiderentwéckelen.

Wou ech dann anerer Meenung sinn, wou ech op där anerer Säit dann zefridde sinn, dass, wéi gesot, ech wëll net ëmmer ze vill aushuelen an d'national Politik, mee ech mengen, mir hunn hei effektiv ganz kloer gesot kritt, dass d'Mobilisatiounssteier, Dir nennt et Spekulatiounssteier, dat ass eng aner Approche um Niveau vum Wording, datt eent dass Taxéieren, dat anert ass éischter dann Incentives ginn, fir dass Terraine mobiliséiert ginn, fir dass se kënne viabiliséiert ginn, well um Niveau vun der Mobilisatiounssteier ass jo dann och dee Projet vum Baulandvertrag fir dann d'Terrainen, wéi gesot, ze viabiliséieren. Do hu mer jo kloer gesot kritt, dass déi Projete wäerte weidergoen an ech mengen, dass dat och déi richteg Incentives sinn, ech wëll just hoffen, dass déi Projeten dann net verwässert och ginn. Plan de résilience, ech mengen, dass dat sécherlech e Projet och ass, dee mer esouwuel mam Inneministère wéi och mam Ëmweltministère kënnen ëmsetzen an notamment dann och do de CGDIS mat an d'Gespréicher huelen.

Par rapport zu den Devisen, Dir hat dat d'lescht Woch ernimmt an ech hat Iech och drop beäntwert, ech sinn haut nach eng Kéier drop agaangen, ech mengen, dass et einfach wichteg ass, an dat hu mer probéiert, ze maachen, wann et ze kleng Devise sinn, wou elo net d'Necessitéit do ass, dass en Expert vu bausse kënnt, fir dat ze erklären, dass mer do eng kleng Nott dobäi setzen, dass dat sécherlech duergeet, dofir hu mer dat och probéiert, ze maachen, dat ass och nach ausbaufäeg, a wann et natierlech Devisë sinn, déi méi wäit chiffréiert, dass mer do vläit elo keng detailléiert Nott dobäi setzen, mee dofir dann och den Techniker oder den Expert direkt hei am Gemengerot hunn, wou Dir dann och d'Méiglechkeet hutt, als Conseilleren a Conseillèren him direkt Froen ze stellen an och eng Äntwert ze kréien. Ech mengen, dass dat zwar d'Aart a Weis eeben ass, wou een sech kann hibeweegen, wou mer awer och elo schonn an de leschte Joren, déi eng oder déi aner gutt Erfarung gemaach hunn. Ob een dann hei domadder averstanen ass oder net, dat ass eng aner Saach, mee ech mengen, dass awer deen Effort vun Transparenz, déi mer hei awer walte loossen, ginn ass fir dann och Diskussioun ze maachen. A wéi gesot, dee Wëlle mat der Finanzkommissioun huelen ech mat op.

Dann, par rapport zum Här Meyer, Dir sot, Dir hätt op Internet gekuckt, wat déi Découpe vun där Plasmamaschinn ass. Eis Zerwisser soen eis, dass dat eng industriell Maschinn ass, déi hänkt vun der Gréisst, Leeschtung, Prezisioun, Qualitéit a Sécherheet vun de

Besoinen of vun der Stad Diddeleng, fir groussformatesch Blecher ze schneiden an dofir ass dee Präis hei gerechtfäerdegt, mee vläicht ginn et och méi kleng Modeller, déi een op Internet kafe kann, fir aner Besoinen. Op alle Fall ass dat heiten dat, wat d'Besoine vun der Stad Diddeleng betrëfft, well dat jo hei awer, och wa mer keen industrielle Betrib sinn, fir industriell Besoine genotzt gëtt an dofir ass dat heiten net e klenge Modell, deen ee vläicht doheem ka gebrauchen. Ech mengen, dass dat verschidde Realitéite sinn.
Ech menge grad, an et ass jo e puermol hei ugeschwat ginn, eise City Manager, dofir och nach eng Kéier och generell Merci fir d'Luewen, déi Dir gemeet hutt vis-à-vis vum Personal, dat ganz engagéiert a mir sinn och ganz frou, och de City-Manager ass ganz engagéiert, och am Mikro-Management, an ech mengen et ass och dat, wat hie ganz gutt mécht. Mee heiansdo muss een sech och e bëssen Zäit ginn, fir eng Vue vu baussen ze hunn, mat enger gewëssener Strategie, grad an deem Ëmfeld, an deem mer eis hei beweegen, an dofir mengen ech, ass et och gutt, dass een op Experte kann zeréckgräifen, déi kënnen och begleeden an do kann een och ganz gären herno och e Resumé vun där Strategie och eng Kéier hei am Gemengerot, an engem informelle Gemengerot, wa mer dann esou wäit sinn, presentéieren, well d'Enjeue si grouss.

Ech mengen, déi Saach mam Stockage vum CFL-Multimodal, wou Dir gesot hutt, am Budget 2023 ass méi dran ewéi am Budget 2024, dat ass ganz normal, well am Fong déi Stockagefraisen an der Mëtt vum Joer 2023 ugefaangen hunn a mir jo d'Joer 2024 ganz spillen, dofir ass et och dann evident, dass do d'Fraisë méi héich sinn am Joer 2024 wéi am Joer 2023.

An dann, generell eng Remark zum Fuerpark vun der Gemeng mat den Elektroautoen, Elektrocamionetten, ech mengen, dass mer hei probéieren ëmmer e gesonden Equiliber eranzebréngen, ëmmer systematesch Acquisitiounen ze maache vun Elektrogefierer. Et ass jo net, wéi wa mer keng Acquisitioun géife maachen, mee mir huelen dat ëmmer all Joer progressiv mat op de Leescht.

Dann den Här Steffen, dat war effektiv d'Strategie vum Commerce, ech mengen do hunn ech probéiert drop ze äntweren.

Den Här Gangler ass op d'Reserv agaange vu 4 Milliounen Euro, ech mengen dat ass ëmmer e Choix, deen e mécht, et ass ëmmer wichteg, dass een en Deel Reserven hält, dass een net alleguerte seng Reserve benotzt. Et kéint ee jo och de politesche Choix maachen, dass een alleguerten d' Reserven hëlt a manner op den Emprunt zeréckgeet, mee et ass ëmmer wichteg, en Deel vun den Reserven ze halen, dofir gräife mer och dëst Joer net drop zeréck. Déi generell Fro awer, déi Dir gestallt hutt, déi net oninteressant war, wou steiere mer hi mat de Folgekäschten? Als generell Remark, déi Projeten, déi mer hei ëmsetzen, mir sinn hei tributär vun Infrastrukturen, déi éischtens vereelzt sinn oder historesche Patrimoine sinn, wann ech elo kucken, wéi d'Schoul Brill, wou et och wichteg ass dran ze investéieren oder awer hei Infrastrukturen hunn, déi vläit an den Nonzeger Joren entstane sinn, wann ech kucken d'Mise en conformité vum Brill, mee awer duerch hiren Notzungsgrad mat sech bréngen, dass een och dra muss investéieren. Et sinn zwee Parameteren an zwou Realitéiten, déi mat sech bréngen, dass een och natierlech weider muss investéieren, well dat Gebaier sinn, déi am Alldag ganz vill genotzt ginn.

Dann nach Kéier vläicht, fir ofzeschléissen, kuerz op dem Här Martini sengen Ausféierungen zu der Geschäftswelt. Ech mengen, dass dat natierlech eng Erausfuerderung ass a wann een Iddien huet, da kann een och déi ganz gären un eise City-Manager erubréngen. Dee ka sécherlech och d'Saache préiwen. Dir kommt ëmmer mam Projet vu Walfer. Bon, dat war jo kee Projet, deen eng gewëssen Durabilitéit virausbruecht huet, dat war jo natierlech e One-Shot, dat war e e Pop-up-Store, mee ech mengen, dass ee jo en Equiliber muss fannen tëschent Pop-up-Store an natierlech och Commercen, déi sech mëttelfristeg, respektiv längerfristeg och etabléieren. Dofir ass eise City-Manager sécherlech oppe fir wann Der gutt Iddien hutt, déi un hien erunzedroen.

Ech wëll awer vläicht dann hei d'Geleeënheet notzen, well och dat eng Remark war, déi un d'Gemeng erugedroe gouf, a well dat jo och hei erugedroe gouf, dass et wichteg ass, dass mer en attraktive Stadkär hunn an attraktiv Commercen. Ech hunn de Constat gemeet a mir kënnen natierlech d'Geschäftsleit net forcéieren, dass mer engersäits higinn an e Chrëschtmaart an e Wantermaart hunn op dräi verschidde Plazen, wou ganz vill Leit kommen, dass mer wärend Sonndeger de Parking gratis maachen an Diddeleng, notamment domat den ënnerierdesche Parking, deen a priori payant ass, dass vill Leit hei zu Diddeleng dann och déi Deeg sinn, dass mer mat engem Geschäftsverband e verkafsoppene Sonndeg maachen, respektiv déi Promotioun dovunner maachen, an dass da fofzeg Prozent vun den Diddelenger Geschäfter zou sinn. D'Gemeng kann natierlech den Independant net forcéieren, säi Geschäft opzehunn, mee wann een iwwert d'Attraktivitéit vum Diddelenger Stadkär schwätzt, da misst een och vläicht dann doriwwer schwätzen, an da muss dann och nieft der Gemeng, déi hir Responsabilitéit huet, vläicht och jiddereen individuell säint dozou bäidroen. Ech hunn dat a verschiddenen Ausféierungen net esou héieren.

Ofschléissend nach par rapport zu den Ausféierunge vun der Madamm Kemp, Baugeneemegungen, do hat ech eng Kéier an der Bautekommissioun, respektiv och eng Kéier hei am Gemengerot Zuele genannt, wat d'Baugeneemegungen ugeet a wou ech och drop agaange sinn, dass d'Zuel vun de Baugeneemegungen erofgaangen ass, respektiv op där anerer Säit d'Zuel vun den Demandë fir Fotovoltaikanlagen, well natierlech och do eng interessant Subsidepolitik och bedriwwe gëtt säitens vum Staat, wou mir jo elo d'Annonce kritt hunn, dass déi em sechste Méint verlängert ginn, wat jo och positiv ass, sou dass ech och dovunner ausginn, dass dat effektiv och weider esou wäert goen, natierlech awer hoffen ech dann och, dass awer deen Trend vun de Baugeneemegungen, deen erofgaangen ass, dass deen sech erkritt, dat heescht dann eng Kéier erëm kann eropgoen, well dat si jo net nëmme Baugeneemegunge fir déi Kollektivbauten, dat sinn och Baugeneemegunge fir privat Haushalter.



Dann, par rapport nach eng Kéier zu de Studentewunnengen. Ech mengen, déi sinn de Moment, besat, fir dee wou mer hunn, also dass dat jo och ganz positiv ass, well et jo och insgesamt och eng Demande jo ass vun der Uni Lëtzebuerg. Déi sinn also an deem Sënn voll ausgelaf. Ech hätt probéiert, op alleguerten déi Froen, déi gestallt goufen, anzegoen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter, léif Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, och fir menger Säit also fir d'éischt emol e grousse Merci fir dee spannenden a konstruktive Feedback, dee mer vun Äre Reie kritt hunn. Am grousse Ganze war et jo positiv natierlech, et ass jiddwereen a sengem Rôle, jee nodeem, fir wien en hei sëtzt. Ech ka mech nache bëssen erënneren, wou ech dann och, ugefaangen hei am Gemengerot, eppes, wat mer och an d'A gesprongen ass, dat ass effektiv fir Etüden, dofir kann ech dat ganz gutt novollzéie vun haaptsächlech deenen Neien, déi do dobäi sinn, dass dat ëmmer erëmkënnt a villen Dossieren, a ville Budgetsartikelen an dass dat och Sue kascht. Nichtsdestotrotz si mer eis eens, mir hunn dat och de Moie schonn héieren, dass een sech do als Gemeng, als Gemengeservicer, eist Personal vun der Gemeng, déi verschidden nei Projeten nieft dem Alldag nach musse geréieren, sech do musse berode loossen, fir effektiv dann och eng aner Vue drop ze kréien, a fir dass mer do zesummen éischtens de flotte Projet entwéckelen an och probéieren, dann zesumme mat den externe Professionellen de Finanzkader esou ze ficeléieren, dass et eeben hei passt.

Verscholdung, jo, u sech mécht keen dat ganz gären, weeder mir hei op Gemengenniveau nach am Privaten, an awer kënnt een net ëmmer derlaanscht, ech mengen, do si mer eis eens. Da muss een och vläicht déi ganz Wourecht erzielen, wa Verscholdung sech op déi nächst Generatiounen ausbreet an dass déi deelweis mussen herno zeréckbezuelen, dann ass awer och kloer, dass wat déi Projeten ugeet, déi mer domadder finanzéieren, eis Kanner an eis Kandskanner awer och dovunner wäerte profitéieren. Ech mengen, an deem heiten Dokument schwätze mer virun allem vu Schoulen, Maison Relaisen, Sportsinfrastrukturen, bezéiungsweis och vum Déierenasyl, also lauter Projeten, déi wierklech eis Leit an eist Diddeleng weiderbréngen. Et ass kee Prunkbau do dobäi, also dofir mengen ech, dass et hei total sënnvoll ass.

Als Kulturstad Diddeleng, sinn ech frou, dass mer och do grosso modo vill positive Feedback kritt hu vun alle Säiten. Et ass ugeklongen, dass Kultur wichteg ass fir d'Leit zesummenzebréngen, inklusiv d'Kohäsioun vun der Gesellschaft, do iwwerhuele mer eise Rôle an dat scho säit ville Joren. Dat huet schonn eng ganz grouss Traditioun hei zu Diddeleng. De Buergermeeschter huet gesot, Usina, jo, do hu mir am Fong geholl ëmmer eisen Dossier propper preparéiert an de Ministère huet nach net zougesprach, dass mer do géife Subside kréien. Mir hoffen, dass dat dann dëst Joer wäert de Fall sinn. Si kommen deelweis mat den Argumenter, dass se kee Budget dofir nach virgesinn haten an dass mer genuch Festivallen hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech mengen, dass se awer och do deelweis Äppel mat Biere vergläichen, well den Usina-Festival gëtt awer anescht finanzéiert wéi aner Festivallen hei am Land, wou dat komplett ausgesourct gëtt. Deementspriechend versti mer déi Argumentatioun net, an awer gi mer net op, nozefroen an hoffen, dass mer dann eng Kéier do déi néideg, Ënnerstëtzung kréien. Den Usina ass och den Deel vun der Madamm Kemp hirer Fro zum DoW, deen ass do mat integréiert ginn, dat heescht, déi Leit vun der ASBL hunn och do beim Usina eng Hand mat ugepak, an déi Suen, déi sinn dann och do an deen dote Projet mat erageflоss.

Den Usina war jo schonn en Thema op verschiddene Bänken haut de Moien. Den zweeten Deel, de Sonndeg vum Usina war effektiv net esou, wéi mer eis dat alleguerten erhofft haten. Dofir hu mer missen an deem heite Conseil och e Budget nostëmmen. Dat war sécherlech net esou geplangt. Eng Rei vun Analysen hu jo do stattfonnt an dofir proposéiere mer fir d'nächst Joer d'Konzept e bëssen unzepassen, also dass mer engersäits natierlech ganz frou sinn, dass mer den Headliner, de CRO, samschdes kënnen hei presentéieren. Den Ticket, de Virverkaf leeft och scho ganz gutt. Honnerte vu Bestellungen hate mer schonn haut de Moien, dat kann ech lech mat op de Wee ginn. De Site gët am Austausch mam Fonds de logement opgestallt, bezéiungsweis profitéiere mer och mam Eat, Beat and Culture vun dësem Austausch. Ech mengen, do sinn si ganz ganz oppen, souwäit de Chantier dat dann awer och erlaabt. Mir hunn erëm e puer Bünen, déi mer wäerten opriichten, natierlech d'Main Stage, dann nieft dem Pomhouse, d'Opderschmelz-Bün, d'Kantin, de VEWA, do wäerten erëm Bünen hikommen, de Food village wäert stattfannen an da sonndes gi mer e bëssen op en anere Wee, do wäerte mer dann de Sonnden d'office gratis maachen, wou mer dann och erëm méi op e Familljeprogramm histeieren, wou mer dann och mat Workshoppe fir Kanner a mat de Familljen eeben e bëssen nieft dem musikalesche Programm wëllen eppes presentéieren.

D'Jazzmachine, déi gëtt et säit 2012 hei zu Diddeleng. Et ass effektiv elo déi éischte Kéier, dass mer et explizitt als Projet am Dossier am Dokument vum Budget erëmfannen, einfach fir e bëssen ze weisen, wat dee Projet eis kascht an och do an enger gewëssener Transparenz fir ze weisen, dass mer dat eeben hei ëmmer erëm organiséieren. E klenge Rappel. Bon, dat war e bëssen eng Nisch, déi mer besat hunn, dofir si mer hei am Land an och iwwer d'Grenzen eraus fir den Jazz, bekannt. Do gi mer auslännesche Kënschtlerinnen a Kënschtler natierlech d'Méiglechkeet, opzetrieden, awer ënnerstëtze virun allem och déi lëtzebuergesch Jazzlandschaft a promouvéieren och alles, wat ronderëm d'Kultur bezéiungsweis d'Museker am Jazzkader

unzebidden huet. Mir ginn deene Leit do ronderëm eng Plattform, si kënnen sech austauschen, mat aneren a Kontakt kommen, an do si scho ganz flott Synergien opgestallt ginn.

Ech probéieren dann nach weiderzegoen an der Kultur. Jo, mir gi reegelméisseg, Här Meyer, Suen aus fir Konschtwierker ze kafen. Mir hu mëttlerweil knapp honnert Gebailechkeeten als Gemeng, dat heescht, do ass nach vill Plaz, fir dat een oder dat anert hinzestellen oder opzehänken, bezéiungsweis ass dat jo och en Invest an d'Kultur. An d'kulturschaffend Leit, fir déi ze ënnerstëtzen, haaptsächlech ënnerstëtze mer do natierlech lëtzebuergesche Kënschtler an och déi Leit, déi bei eis an de Galerien ausstellen, do kafe mer ëmmer erëm e Wierk, fir engersäits se ze z'ënnerstëtzen an anersäits awer och fir ze weisen, wat mer do ausstellen.

Änlech ass et an der Bibliothéik. Dee Budget, deen do virgesinn ass, ass fir nei Wierker ze kafen, fir dass mer dat kënnen de Leit zur Verfügung stellen an awer och beim Accueil hu mer dee ganze flotten Entréesberäich esou gestalt, dass een do kann all Dag Zeitungen, Zäitschrëften, Illustréierter liesen an do hänken natierlech eng ganz Rei vun Abonnementer drun, wou een da muss mat deene Budgeten do bezuelen an, jo, mir investéieren an d'Kultur. Kultur kascht einfach an ech mengen, mir hei zu Diddeleng hu kee Problem domadder, dass mer reegelméisseg méi wéi zéng Prozent vun eisem Gesamtbudget doran investéieren, well mer dee Volet eebe ganz, ganz eescht huelen a mir maachen hei keng Rentabilitéitsrechenaufgab.

Ech mengen, dann hätte mer den Tour vun der Kultur gemaach an da géing ech mam Sport, Diddeleng als Sportstad natierlech weiderfueren. Do ass et änlech, och do probéiere mer natierlech den Zesummenhalt vun der Gesellschaft ze férderen an nieft deem, wéi d'Madamm Dimmer och scho gesot huet, d'Gesondheet vun eise Biergerinnen a Bierger ze ënnerstëtzen. Do ass et natierlech net einfach, eis sëllegen Infrastrukturen op engem héije Level ze halen, fir dass eis ganz engagéiert Leit am Kader vum Schoulsport bezéiungsweis an der Veräinswelt kënnen dovunner profitéieren. Dat ass wierklech e schwieregen Challenge an et gëtt sécherlech net méi einfach mat der Zäit. Engersäits an den Ënnerhalt vun deem Besteeënden, den Entretien, geziilt ze investéieren an och nei Projeten op d'Been ze setzen, jee nodeem, wéi d'Demande vun eise Veräiner ass. Dir wësst, dass mer do ëmmer ganz vill am Austausch mat de Veräiner sinn. D'Mise en conformité vun der Salle Grimler, déi ass erwäänt ginn, déi ass 1998 gebaut ginn, esou dass et normal ass, dass een hei mol muss d'Waasser- an d'Heizungsleitunge erneieren, haaptsächlech am Vestiäreberäich ass dat néideg. Do si mer am Kader vu galvaniséierte Réier an déi mussen eeben duerch verschidden Oflagerungen iwwert all deene Joren ersat ginn, bezéiungsweis och déi verschidden Duschkäpp si scho verstoppt, deemno ass dat ganz sënnvoll, fir dat eebe mussen ze maachen.

Den Här Steffen hat gesot fir d'ordinär Subsiden, hie wär e bëssen iwwerrascht, dass déi net géifen an d'Lucht gesat ginn, bezéiungsweis hätt hien sech drop gefreet. Jo, och dat wären natierlech erëm méi Sue gewiescht. Dat hätt erëm e bësse kascht. Wou gi mer déi Suen da sichen? Hien hätt eng Iddi, hien huet dat jo effektiv och ugedeit. Ech mengen, mir maachen dat reegelméisseg, mee mir hate gemengt, dass et elo nach net un der Zäit wier. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass mer an dëser Mandatsperiod nach eng Kéier un deenen dote Schrauwen dréinen. An Dir wësst et, d'Subside sinn ee klengen Deel, wéi mer d'Veräiner ënnerstëtzen. An den Infrastrukturen an am logisteschen Deel maache mer ganz, ganz vill fir eis Veräiner. Den Här Martini huet jo d'Buvette um Stade Nosbaum ugeschwat. Do hunn ech net ganz verstanen. Engersäits huet hie gesot, et ass néideg, absolut, dass mer do investéieren, anersäits sot hien, jo, mee wa mer da plënneren, kënne mer se net mathuelen. Jo, well mer awer net muar an net iwwermuar plënneren, hu mer da gemengt, dass deen Invest awer néideg ass an dofir hu mer déi Etüden do dragesat. Well et awer nach e bësse wäert daueren an, wéi gesot, dat sinn eeben déi Investitiounen, déi elo néideg sinn an natierlech kucke mer, ob Synergië méiglech sinn. Ech mengen, datt d'Josiane Di Bartolomeo-Ries nach wäert dorop agoen.

De Baseball, jo, effektiv lounen déi en Terrain a Frankräich, zu Argancy, fir genau ze sinn, well si am franséische Championnat matspillen. Dat war eng Demande vum Veräin, a well mir eeben am reegelméissegen Austausch mam Veräi sinn, hu mer deem zougestëmmt. Nichtsdestotrotz muss een awer och soen, dass mir keen Terrain hunn am Moment, déi Dimensioun honnert Mol honnert, dat ass schonn enorm, zur Verfügung stellen. Mir hunn hinnen eng Betting-Cage um Stade Aloyse Meyer zur Verfügung gestallt, wou se da scho kënne ganz vill un der Technik feilen, awer kee richtege Match do spillen. Mir sinn awer am Austausch fir de Projet Meyer, fir déi Iddien nach eng Kéier opzegräifen, mam Planungsbüro, mam Service des Sports a mam Veräin, ob do eng Méiglechkeet besteet, deen doten Terrain do ze integréieren, mee wéi gesot, mat Dimensioune vun honnert mol honnert ass dat net einfach. Jo, d'Madamm Dimmer huet et gesot, mir sinn eng Héichbuerg am Sport a mir probéieren, dat och ze bleiwen, esou wéi elo ugedeit hunn, geet dat net vum selwen. Do sinn engersäits d'Veräiner verlaangt an hiert Engagement brauche mer, dass mer zesumme mat dem Engagement vum Service des Sports a mat deenen anere Servicer hei op de Gemeng do de Leeschtungsniveau kënnen héichhalen, ouni awer de Fräizäitberäich ze vergiessen. Deemno och hei ass Zesummen d'Stéchwuert.

Jo, grouss Eventer si wichteg fir d'Liewen an der Stad, dat hu mer confirméiert kritt op Äre Bänken. De Sweet Event, wéi gesot, do kann ee gären driwwer diskutéieren, mee mir sinn der Meenung, dass dee Sënn mécht, esou wéi mer en dëst an d'nächst Joer wëlle presentéieren. Déi gesondheetlech a pädagogesch Akzenter, déi setze mer net an, ronderëm e Sweet Event, mee éischter an Aarbechtsgruppen a Gesond Diddeleng oder awer och, wa mer d'Menüen opstelle fir eis Schoulkantinnen. Ech mengen, do mécht dat méi Sënn an dat anert, do muss ee soen, dass déi, déi d'Chance haten, dobäi gewiescht sinn um Sweet Event, konnte feststellen, dass et e grousse Succès hat a vill Leit dovunner begeeschtert waren. Fir esou eppes lokal opzesetzen, war net méiglech. Ech mengen, mir hu mam City Ma-



nager do den Tour gemaach, dat hunn déi verschidde Geschäftsleit net hikritt, well se dann eeben och erëm musse méi investéieren, méi Personal mussen hunn an och esou Buden net onbedéngt hunn, fir dat kënnen esou aus dem Nichts op d'Been ze setzen. Fusioun, Marché du monde a Fête des cultures ass ugeschwat ginn. Grondsätzlech hu mer eis elo mol deen dote Budget ginn, wëssend, dass den Index natierlech dëst Joer gespillt huet bei all deene Saachen, soudass mer do d'nächst Joer probéieren, dat direkt ze respektéieren. An Dir wësst, datt d'Käschten allgemeng, an deem dote Beräich schwätze mer vun enger Hausse vun drësseg bis véierzeg Prozent.

D'Biergerbedeelegung ass och déi eng oder déi aner Kéier ernimmt ginn a ganz oft gelueft ginn. Dofir mol op jiddwer Fall Merci. Et ass net ganz kloer, mengen ech, bei Verschiddener, de Budget participatif. Mir maache jo ëmmer ee Joer, wou mer en Appell maachen, wou mer de Leit soen, dass se eeben d'Méiglechkeet hunn, do Projeten eranzereechen an dann d'Joer drop ass d'Realisatioun. A bei der Realisatioun brauche mer déi 100.000 Euro fir d'Ëmsetzung an dofir feelen déi eeben 2024 am Budget, well d'nächst Joer maache mer en Appell an déi Zommen, déi mer elo dran hunn, dat ass virun allem fir den Appell mat der Kommunikatioun ze maachen. D'Joer drop wäert de Budget erëm méi konsequent sinn, well mer dann d'Ëmsetzung vun deene gewielte Projete maachen. De Jugendgemengerot hat d'Madamm Kemp ugeschwat, et ass esou, dass d'Jugendhaus deen dote Volet mat iwwerhëlt. Do sinn deelweis formell an informell Sitzungen, déi an deem Kader stattfannen. Nach probéiere mer, d'Konzept unzepassen an ze verbesseren. Mir sinn do dëst Joer am Austausch gewiescht mam Zentrum fir politesch Bildung, mir sinn natierlech mam Lycée Nic Biever am Austausch an och eise Service ronderëm d'Vania huet zesumme mat den Encadrante vum Jugendhaus do e puer Ronne gedréint an d'Uni huet eis och gehollef, fir do nei Konzepter unzegoen, fir dass mer do nach méi konstruktiv mat deene Jonke kënne schaffen. Déi Montanten, dat ass am Fong geholl unhand vum Dekont, wou d'Jugendhaus eis eragereecht huet.

Voilà. Ech hoffen, dass ech den Tour kann ofschléissen an op all Är Froe geäntwert hunn an dass Der iwwerzeegt sidd, matzestëmmen herno. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER) : Merci fir déi doten Iwwerzeegungsaarbecht.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci, ech muss eigentlech soen, datt ech mech relativ kuerz ka faassen. Ech mengen, wann ee gesäit, esou d'Reaktioune vun Iech alleguerten, da si mer eis all eens, datt mer sollen an eis Kanner investéieren, an eis Schoulen, an eis Maison Relaisen. Heiansdo kéint ee jo soen, Dir plangt ze vill oder Dir mat ze vill, wéi d'Madamm Kayser gesot huet, mat ze vill Etüden oder Dir hutt kee Plang. Also wa mer an enger Regierung, an engem Koalitiounsaccord drastoen hunn, datt an Zukunft all Kand soll e Recht hunn op eng Betreiungsplaz, do muss ech soen, da kann een net soen, Dir mat eng Navigation à vue, dat kënnt éischter, mir gi scho vun uewe relativ vill gedréckt, fir an déi Richtung ze goen, ëmmer weider auszebauen.

Ech wëll awer dann op déi Froen agoen, déi Dir gestallt hutt. Ech mengen, bon, wéi ech et scho gesot hunn, d'Madamm Thoma, och Dir ënnerstëtzt jo, datt mer weider Crèchë bauen, och an neie Quartieren, a Wunnquartieren, wat jo awer trotzdeem de Leit och hëlleft, wann se net nach mussen d'Kanner hin- an hierféieren a verschidde Quartieren. Da war eng Fro zu deem Poste de conférence, déi Kamera, dat ass am Fong just nach en Deel, dee Rescht bliwwen ass hei vun der Salle Nicolas Birtz, wéi mer déi renovéiert hunn, du sollt d'Kamera, erneiert ginn. Dat hu mer nach net gemaach, well mer do kucken, wéi mer domadder ëmginn, mee dat ass am Fong nach just de Reschtbudget vun engem Budget vum Sall Nicolas Birtz.

Ech wëll eng Kéier kuerz op de SIGI agoen. Mir sprengen iwwerall e bëssen d'Budgeten an de Syndikater, sot Dir, also ech hoffen op alle Fall, datt wéinstens am SIGI déi nächst Joren de Budget wäert erofgoen. Firwat soen ech dat? Ma well mer an eng ganz aner Richtung elo plangen, et ass net méi, mir musse selwer entwéckelen a mir brauchen doduerch véierzeg Externer. Et geet éischter drëm, datt mer méi berodend och de Gemengen zur Verfügung stinn. Ech mengen, et gëtt och déi Commission microinformatique, wou och d'Informatiker aus deene grousse Gemengen drasëtzen, déi kucken, wat um Marché scho besteet, a mir mussen d'Rad net nei erfannen. Derbäi kënnt, wéi ass d'Situatioun? Den éischte Januar wäert den neien Direkter ufänken, den éischten Dezember huet déi nei Responsabel vun de Ressource-humainen ugefaangen. Et ass nach immens schwiereg, well et feelt nach bëssen esou, jo, traue mer deenen elo oder traue mer deenen elo net, déi do sëtzen, an dat ass ganz schwiereg ze handhaben. Och déi Saach mam Gebai, ech mengen, och do si mer amgaang, mir sëtzen de Moment an enger Energieschleider, et kann een dat einfach esou soen. Hei huet een e Gebai gelount, ech wëll elo net den Numm nennen, wou ech awer muss soen, dat Gebai, also allkéiers wann ech dënschdes do sinn, da soen ech, wou sinn hei Leit, schaffen hei Leit, well deelweis wierklech déi Büroen eidel sinn. Do war d'Visioun virdru méi grouss, dat Gebai ass iwwerdimensionéiert a mir hoffen natierlech, esou séier wéi méiglech aus deem Kontrakt erauszekommen an erëm kënnen an eist eegent Gebai, wat awer da Sue spuert. Dat si jo alles Prozeduren, déi ginn net vun haut op muer. Also, wéi gesot, ech kann Iech och nach eng Kéier méi am Detail erklären.

Dann, zum Här Meyer, hien hat am Fong gefrot, d'Informatik an de Schoulen, jo, d'Informatik bleift net stoen. Ech mengen, ech hu gesot d'lescht Woch, mir hu véieranachtzeg Säite Rapport, vum Service Informatique an och an de Schoule wäert dat weidergoen. Do komme jo Saache bei, E-Bichelchen an esou virun an esou weider, alles dat kann net stoe bleiwen. Elo hat Dir gefrot, wier et eng Iddi fir mat anere Gemengen zesumme Material anzekafen? Also, dat ass et bis elo eigentlech nach net ginn, an ech ka jo och net soen, déi dote kafe bei deem an déi dote kafe bei deem. Ganz vill informatescht Material kafe mir hei um Diddelenger Terrain. Ech huelen un, datt déi aner Gemengen och kucken, fir hir Geschäfter do ze ënnerstëtzen. Mir probéieren dat natierlech och. Ech muss awer soen, mir hunn déi éischt Kéier virun dräi Méint e Comité régional de sécurité gegrënnt, dat heescht Käl, Rëmeleng a mir selwer, wou mer eis awer austauschen iwwer alles, wat esou an de Schoule passéiert, wat mer mussen en place setzen, also déi Zesummenaarbecht besteet awer, mee akafen zesumme maache mer awer leider nach net.

Dann, den Här Gangler hat gefrot de Projet pédagogique fir Mënsch an Natur, wat dat ass? Ech wollt dat eng Kéier e bëssen erklären. Dir wësst, datt mer d'lescht Joer ugefaangen hunn, d'pedagogesch Aktivitéiten an der Cité jardinière ze maachen, dëst fir de Strutzbierg, sief dat d'Maison relais oder d'Schoul, dat gehéiert do drënner. Dann hu mer jo och e Schoulbongert, wou mer wëlle pedagogesch Aktivitéiten ubidden an och dee muss ënnerhale ginn. Also, ech muss och esou soen, datt eis Mataarbechter aus dem Service Jardinage do och mëttlerweil un hir Grenze kommen, esou datt dat och dorënner fält. Dann ass et och esou, datt mer d'Blummewiss an der Rue des Champs, och déi wëlle mer weiderféieren, och dat fält drënner. An da si mer amgaang, ze préiwen an ech hoffen, datt dat och klappt, eng Hondsspillwiss, ze installéieren, och dat wier e Projet, deen dann dorënner géif falen. Et sinn am Fong Workshoppen déi drënner faalen. Ech hoffen, datt dat elo Är Fro beäntwert.

Dann, den Här Steffen, dräi Stonne Schoulsport. Mir haten déi Diskussioun schonn an der Schoulkommissioun. Dat ass net aleng mir, déi dat decidéieren. Ech mengen, do spillen aner Acteure mat. Ech huelen dat nach eng Kéier bei der nächster Schoulorganisatioun mat an da kucke mer dann, wat d'Presidenten dozou soen. Ech mengen, den Här Steffen, dee sëtzt jo och do. Mee probéiere kann een ëmmer. Dat ass awer gutt. Da war am Fong d'Transporter och vum Schoulsport, wéi geet et domadder, et ass de Schoulsport gewiescht, wou den Här Steffen gesot hat. Majo doduerch, datt de Strutzbierg am Fong elo opgeet am September, kréie mer éischter manner Transporter, well déi Kanner kënne jo dann op hirem Site erëm eng Kéier Sport maachen a mussen net, wéi bis elo, an d'Lenkeschléi gefouert ginn. Ech mengen och d'Gaffelt, wann déi eng Kéier dorobber géif goen, ech mengen, dat läit alles awer relativ zentral, dofir brauche mer eigentlech keen neie Bus an extern Busser, do gräife mer wierklech bei den Transporter vun der Maison Relais, do musse mer op externer zréckgräifen, well dat awer Transporter si fir méi Kanner ënner Dag ze kréien an dat packen dann eis Leit net. Ech muss awer soen, déi Transporter, déi sinn net allzedeier, si fuere relativ gënschteg, esou datt et kee Wäert huet. Sou en Bus kascht awer eng hallef Millioun Euro, wann net bis eng Millioun Euro. Ech mengen, datt mer esou iwwert d'Ronne nach kommen.

Dann, d'Jugendhaus, also iwwerhaapt net nëmme Jugendhaus, mee Sport och insgesamt, also ech mengen, wann Der gëschter Mëtten hei gewiescht wäert, da wéisst Dir, wéi vill Sport niewent dem Schoulsport gemaach gëtt. D'Madamm Dimmer war do, ech hunn si gesinn, also, mir maache ganz vill Sport och an eise Maison Relaisen, ganz vill. Ech mengen, mir hunn och de Wibbel, mir hunn d'Médecine scolaire, mir hunn d'Madamm Keller, déi mat de Kanner Ateliere mécht. Mir maachen awer trotzdeem, och wa mer nach keng dräi Stonnen hunn, awer och ganz vill Sport.

Da war et d'Madamm Ahmedova, d'Tiny Forest, jo, do hu mer e Projet, dee war och scho bal fäerdeg geplangt. A mir waren e kucken an dee läit an der Lenkeschléi, dee Bësch, deen do ass zwëschent der Rue de Lenkeschléi an dem Quartier Lenkeschléi, do ass jo esou e Bësch, deen hannert der Schoul, an eigentlech sollt de Projet do gemaach ginn. Iergendwann eng Kéier ass dunn d'Decisioun komm, dat géif do näischt ginn, do wär ze vill schonn, Beem, déi do stéingen, an dat géif sech dann net gutt entwéckelen, esou datt mer alt erëm eng Kéier op der Sich si vun engem neien Terrain, awer och hei wäerte mer sécher net opginn.

D'Madamm Kemp hat gefrot, wéi et mam Hoplr wier, ob deen an d'City App integréiert ginn? Neen, dat ass am Fong net an der City-App. Dat wier wéi wann ech géif de WhatsApp an de Facebook integréieren, also ëmgedréint. Also, dat ass schonn e Programme à part, deen och vum Projet Ensemble, si schaffen am Fong ganz vill domadder. Si wäerten éischt ufänke mat hinnen an deene Quartiere, wou se schaffen, mee gëtt net an d'City App integréiert, dat ass eppes ganz anescht.

Dann d'Madamm Kayser. Ech huelen Iech elo net fir d'lescht, bewosst, mee einfach, well ech e bësse wëllt zesummen op verschidde Froen äntweren. d'Fro war, de S'coolbus, wat ass mam S'coolbus? Also dat hänkt net un eis. Dir wësst, datt mer schonn dee Projet fënnef Joer am Budget stoen hunn, dovu sinn ech iwwerzeegt. Mir hunn och dee Bus bestallt. Dat läit awer net un eis. Mir hunn dee Bus bei Sales Lentz bestallt. Do ass awer de Ministère, deen dat Gefier net wëllt zouloossen, well se keng adequat Teststreck zu Käerjeng fannen, déi war proposéiert ginn, mir hate proposéiert Brill-Balzeng. Dat wëllen se net. Bon. Wéi gesot, dat hänkt wierklech net un eis, mir waarden do och scho säit 2022 op eng Äntwert. Also, wa mer et kënne realiséieren, wäerte mer en nach natierlech realiséieren. Dann, wat d'Mise en conformité vun den Aires de jeux, wou Dir gefrot hat, ass och do de Brill mat dran? Also, ech hu gëschter gesinn, datt se amgaange sinn, an deem klenge Schoulhaff, déi Spiller, déi sinn installéiert, dat fält net hei drënner, an d'Mise en conformité vum Schoulhaff Brill, also, ech muss soen, wann Dir d'Gréisst vun deem Schoulhaff gesinn, da wäert Dir wëssen, datt mir hei net mat 200.000 Euro duerkommen. En plus hate mer gesot, mir géifen dat eigentlech eréischt, wann d'Aarbechte sinn, da kéint ee kucken, ob een dee Schoulhaff

dann och adequat frësch mécht. Bon, si hate gefrot, Dir sot d'Elterevertrieder haten effektiv esou e klenge Ministade gefrot, mee vu datt scho keng Plaz ass a mir setzen e Ministade dran, also iergendwou eng Kéier gëtt dat näischt. Si hunn awer d'Präisser gefrot. Ech muss soen, déi sinn awer extrem héich. Mir gesinn eis awer elo nach eng Kéier mat hinnen, sur place, fir ze kucken, wéi mer virufueren, fir datt mer kënnen e globale Projet ausschaffen. Da sinn ech am Fong bei deem, wat gesot ginn ass vum Här Martini par rapport zu der Buvette Däich: Wier et dann net eng gutt Iddi, déi Sportshal ass al an den Ausbau vun der Schoul wär néideg an Dir hutt dat am Budget stoen. Dat ass och richteg. Ech mengen, mir plange jo och, mir maachen net einfach Navigation à vue, gellt? Also, et ass schonn, wa mer esou Saache maachen, eng Mise en conformité, mir wësse jo, datt mer an eise Schoulgebaier mussen eng Mise en conformité maachen, déi sinn dran, an esou Projete leien natierlech un enger Sportshal, wou mer wëssen, déi ass ganz schlecht, ass et esou, datt mer am Fong elo och mol gesot hunn, hei, komm mir kucke mol eng Kéier dat Ganzt? Also, ergëtt et Sënn, a wat kascht et? Natierlech muss där herno awer och de Budget stëmmen, wann et méi deier gëtt wéi dat, wat virgesinn ass. Mee dat ass awer scho mol eng Iwwerleeung, well mir hu jo dat Personal gesinn, mir hunn d'Personal vun der Maison Relais a vun der Schoul gesinn an do war effektiv esou, jo, eis Sportshal ass net gutt an da kënnt d'Iwwerleeung. Mee dat préiwe mer elo mol, also, et ass elo net esou, wéi wann dat net ugeduecht wär. Mir haten déi Iddi och schonn, duerfir préiwe mer dat.

Dann, zum Outreach fir Seniore muss ech soen, also d'Konzept Outreach ass zwar elo net grad geduecht fir Senioren, well den Outreach am Fong Jugendlecher op der Strooss soll siche goen, déi kee Liewensplang méi hunn. Also dat kann een elo net esou an déi Richtung do maachen. Mir fänken awer elo net un, al Leit op der Strooss do unzeschwätzen an ze froen, wëllt Dir, datt mir Iech hëllefen? Also de Projet u sech ass jo net schlecht, datt een esou eppes mécht, mee dat kann den Här Manderscheid hei awer erklären, mee Outreach ass hei wierklech net den Term, deen ech géif gebrauchen.
An dann e lescht Wuert, dat ass Balzeng. Ech mengen, mir schwätze vill iwwer Balzeng. Den Här Steffen huet begréisst, wéi mer hei virgaange sinn, och emol op d'd'Bierger gelauschtert hunn an och zesummen e Groupe de travail hunn, also alles dat ass natierlech flott. Mir léieren och all Projet, dee mer esou hunn, do léiere mer bäi, dat ass wierklech ganz flott gewiescht mat de Bierger.

Den Här Meyer, dee sot, mir missten eis Leit hei schaffe loossen. Also, mir hätte jo en Architekt a mir hätte jo och hei a mir hätte jo och do. Ech mengen, do si mer jo schonn drop agaangen. Jo, mir hunn een Architekt, mir hunn awer e bësse méi Projete wéi elo een. Ech wëll awer hei derbäi soen, wann een esou e Projet ausschafft, och wann d'Etüden elo relativ héich sinn, do ass en Expert fir d'Mobilitéitkonzept, en Expert fir d'Energieberodung, e Liichtplaner mëttlerweil, en Expert fir d'Akustik an engem Schoulgebai, also, do kann een net soen, entschëllegt, eise Service Architecture, maacht Dir dat lo. Ech mengen, do komme ganz vill aner Facteuren derbäi, déi mir selwer net kënnen assuréieren. Also dofir, an all Projet, dee mer hei maachen, ass natierlech eng ganz aner Problematik am Gebai, wa mer eng Schwämm bauen oder eng Schoul oder eng Blockhütt, also hei komme ganz vill Problematiken, dofir, also, eis Leit kënnen et net maachen, da misste mer scho Leit astellen an ech mengen awer, datt ech hei héieren hunn, datt jiddweree gesot huet, mir solle wannechgelift net ze vill Personal astellen a mol e bësse spueren.
An dann, den Här Gangler, Dir hat nach gefrot, wéi ass et mat Balzeng? Wann do no deene Gespréicher mat de Bierger d'Zuelen erofginn, gëtt de Bau da méi bëlleg?
Also, ech kennen nach net den definitive Präis vum Bau, ech kann dat elo nach net soen, mee effektiv, mir gi jo do op d'Doleance vun de Leit an, fir do manner Kanner hinzeschécken. Dat war och d'lescht Joer schon an där Versammlung gesot ginn, mir géifen do bei zweehonnertvéierzeg Kanner. Et ass kloer, datt d'Gebai da méi kleng gëtt, de Bau, oder de Präis vum Bau gëtt jo eigentlech op de Meterkibb gerechent. Wa mer manner Meterkibb hu, manner Kanner, manner Meterkibb, da komme mer och op e méi déiwe Präis. De Präis kann ech awer nach net elo hei definéieren. Dat eenzegt, wat ech wëll soen, pro Sëtzung, déi mer hunn, ass de Bauindex elo schonn zweemol an d'Luucht gaangen. Do leit een ëmmer bei all Gebai zwëschent 1 an 2 Milliounen Euro.
Ech mengen, dann hätt ech alles gesot, wat ech ze soen hat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da soen ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech ka mech och relativ kuerz faassen. Ech géif dann ufänke mat der Ëmweltpolitik, do ass hei gesot ginn, vu dass mer jo elo goldzertifizéiert gi sinn a mer domat zefridde waren, ob elo géif e Stëllstand antrieden a mer hu gesot kritt, et géif jo näischt Neies am Budget stoen.
Bon, Ëmweltpolitik ass a mengen Aen net wéi op enger Fashion Week, wou s de all Saison, Wanter oder Fréijoer, eng nei Moud muss presentéieren, mee d'Klimapolitik, d'Ëmweltpolitik, d'Energiepolitik, den Naturschutz, dat muss ee kucken hei zu Diddeleng, deen ass opgebaut op dräi Pilieren. Dat an eisen nohaltege Masterplang, dat ass de Klimapakt 2.0., dat ass de Covenant of Mayors, an all déi dräi Mesuren hunn, rëm ee Kéier sinn ënnerdeelt a konkreet Moossnamen an dee verschiddenste Beräicher, wéi d'Mobilitéit, Offall an esou weider an esou weider an doropshi schaffe mer, ouni da wéi gesot verréckte Saachen ze maachen, fir eppes Neies ze fannen, mee dat sinn alles konkreet Mesuren, déi mer afschaffe wäerten an och weider wäerten nach afschaffen a vu dass mer dat och seriö gemeet hunn, ass dat och eng Ursaach, dass mer effektiv goldzertifizéiert gi sinn. A mer wäerten natierlech net elo d'Hänn an de Schouss leeën a soen, elo hu mer dat erreecht an dann ass Schluss. Par contre, et sinn nach ganz vill Mesuren an deenen dräi Pilieren, wou mer mussen ëmsetzen. Mir wäerten dat och an deene Joer konsequent maachen. An Dir hutt och gelies an eiser Schäfferotserklärung, déi nächst sechs Joer wäert an deem Domaine ganz sécher kee Stëllstand sinn.

Nach e puer konkreet Froen zu deem Theema Ëmweltpolitik. Et ass vum Personal am Gréngen Haus geschwat

ginn, dass do de Montant relativ erofgaangen ass par rapport zum Joer 2023. Dat huet eng ganz einfach Ursaach. Am Joer 2023 hate mer am Budget 42.000 an eppes Euro do stoen, dat war, well mer véier Leit Personal zu engem gewëssen Zäitpunkt do schaffen haten. Dat heescht, mer haten ab September den Daniel Hurt op eiser Pailëscht stoen, vu véier Méint, en vue vun der Pensioun vum Patrick Hoss, hu mer dee schonns éischter agestallt, fir dass en ugeléiert ka ginn, an effektiv, dem Patrick Hoss seng Pai ass och am Joer 2023 ganz dobäi als Chef de service. Déi feelt awer 2024, vu dass de Patrick jo am Januar an d'Pensioun gaang ass, a wéi gesot, d'Lis Cloos feelt och do mat néng Méint dëst Joer, vu dass d'Lis Cloos jo am Congé parental ass, esou dass de Montant d'office erofgaangen, A. well mer een an der Pensioun haten, a B. well mer néng Méint keng Salaire musse bezuelen, well déi Mataarbechterin am Congé parental ass.

Dann ass och geschwat ginn, dass d'Etude conceptuelle sur le changement climatique op null gesat ginn ass. Dat ass richteg, well all déi Saachen, déi sinn afgeschloss, déi Etüden, dat heescht déi Etüde ware geduet ënner anerem fir nohaltege Masterplang, Klimapakt, Covenant of Mayors méi ass an och eis Klimawandel-Upassungskonzept, wou mer do am Januar jo dann d'Resultater gewuer ginn. Dofir ass deen op null gesat. Dann, déi 70.000 Euro, wou mer an dësem Joer virgesinn hunn, dat ass duergaang, fir alles ze bezuelen.
Ech si mat d'accord, dass mer kënnen all déi Etüden, déi mer jo do gemeet hunn, wéi zum Beispill, d'Klimawandel-Upassungskonzept, respektiv och eisen Energie-Aspuerungsplang an esou weider, dass mer dat géifen engem breede Public och transparent dobaussen erklären an da géif ech soen, dass de Klimapaktdag am September deen optimalen Dag wier, fir dat kënnen dann och ze maachen.

Green Events ass ugeschwat ginn, effektiv, dat musse mer nach vill méi ënner d'Leit bréngen. De Montant ass jo och op 10.000 Euro dëst Joer am Budget eropgesat ginn, par rapport zu deenen 1.000 oder 2.000 Euro, mer am leschte Budget haten, effektiv, well mer wëlles hunn, dat méi dobaussen ze promovéieren. Et ass och gefrot ginn hei, déi Veräiner, déi d'Charte net ënnerschriwwen hunn, kréien déi awer dann de Subsid? Ech géif soen, jo, se kréien de Subsid, well dat een eent huet- tëschent Gänseféissercher - näischt mat deem aneren ze dinn, vu dass dat jo e Taxereglement ass, dee Subsid, a wann de Veräin ouni Mataarbecht vun der Gemeng beim MECO ufreet, fir deen ze kréien, ass et ganz kloer, dass mir als Gemeng da mat deene fënnefanzwanzeg Prozent Subsid, déi ee vum Staat kritt, mat eise fënnefanzwanzeg Prozent wäerten dru bedeelegen. Et ass och richteg, dass dann net all Veräin déi Charte ënnerschriwwen huet. Mir haten aachtasechzeg Veräiner konkret ugeschriwwen, vun deene sinn der dräiavéierzeg, déi hunn ënnerschriwwen an déi aner wäerte mer, wéi gesot, elo am Fréijoer uschreiwen, fir dass se dat och nach nodréiglech wäerte maachen.

Et ass och nach geschwat ginn hei vum Offaltri an op ëffentleche Plazen. Dat steet an eiser Schäfferotserklärung, dat wäerte mer och esou maachen. An ech hat och gesot grad de leschte Freiden, dass eise Service



GMP mol eng Analys mécht vun eisen ëffentleche Poubellen, fir effektiv dat kënnen ze optimiséieren.

Den Naturpakt, dee wäert am Joer 2024 trotzdeem prioritär behandelt ginn, vu dass mer en Deel jo d'lescht Joer ënnerschriwwen hunn. Mer sinn och zertifizéiert gi mat véierzeg an e puer Zerquetschtener no uewen. Dat ass natierlech dat Piliersstéck, wou mer eis dëst Joer wäerte geziilt virhuelen, vu dass mir am Klimapakt jo elo - tëschent Gänseféissercher - bäi sinn, wäerte mir eis dës Joer wierklech méi konzentréieren nach op den Naturpakt, ouni dat anert awer ze vernoléissegen. Dat wier alles, wat vun Ëmwelt esou relevant war fir mech.

Da géif ech op eppes agoen, et ass och nach gefrot ginn no de Chambre-meubléeën. Effektiv, eis Cellule de contrôle, déi geet nach reegelméisseg déi Chambre-meubléeën, respektiv Cafészëmmere kontrolléieren, awer och Maison-familialle gi kontrolléiert, wou mer wëssen, dass do e puer Stéit dra wunnen, an dass d'Madamm Petry als Responsabel mat hirer Ekipp, déi dat reegelméisseg mécht, mat deem Succès, dee mer heiansdo hunn, mee wéi gesot, et ass eng Sisyphusaarbecht.

Dann ass och geschwat gi vum „Senior Plus“, dat ass richteg, deen ass net ganz vill gefrot. Dee musse mer massiivst ënner d'Leit bréngen ab d'nächst Joer. Mir haten dëst Joer siwe Leit, déi sech gemellt hu bis den 30. September, dat mécht dann e Montant aus vu 728 Euro, déi mer dofir ausginn hunn. Wéi gesot, dee Service musse mer vill méi public maachen an dat ass och déi Plaz – ech wëll elo net dat Wuert Outreach benotzen – mee dat ass och dee Service, deen sech ëm esou Saache bekëmmert, wou d'Leit doheem gehollef kréien an se och aus der Isolatioun erausbréngt mat verschidde Mesuren. Dat ass och dee Service, dee kann – wéi Dir sot - dofir huelen. Dee wäerte mer, wéi gesot, massiv ausbauen. Bon, soss fannen ech näischt Relevantes vu Froen hei stoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid fir seng Stellungnam zu de Froen.



CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert. Bei der Madamm Kayser, beim Här Meyer, an ech mengen, och bei anere sinn d'Haussë vum TICE nach eng Kéier ugeklongen. Ech mengen, datt ech do d'lescht Kéier awer alles, gesot hunn, wat et ze soe gëtt. Ech mengen, et läit och ëmmer e Pabeier beim Budget vum TICE dobäi, wou wierklech extreem gutt erkläert ass, net nëmmen d'Chifferen, mee och am Text ausgedäitscht vum Sekretär vum TICE, just eng Kéier ganz kuerz dann déi siwwenzéng Prozent Personalkäschten, d'Erhéijung vum Punkwäert, d'Part patronale, wéi gesot, an och nach d'Energiepräisser, mee kuckt lech vläicht dat Blat eng Kéier un, do ass am Detail alles drop erkläert. D'Lëtzebuerger Wort huet d'lescht Joer oder d'virlescht Joer eng Kéier geschriwwe gehat iwwert de Pierre Mellina, deen eise President vum TICE war bis viru ganz kuerzem, datt den Här Mellina et géif ganz, ganz genau mat de Reegelen huelen, datt en eng extreem gutt Saachkenntnis hätt an e géif als e bëssen e pingelege Verwalter gëllen. An ech muss soen, den Här Mellina, dat stëmmt och esou, deen huet dat wierklech am Detail gekuckt an dee Budget do ass och vun him nach opgestallt gi vum ale Büro a Kommitee u sech, esou datt Dir kënnt effektiv sécher sinn, datt do näischt dran ass, wat net soll. Et ass esou, datt deen neie President et huet misse virstellen, mee den Här Mellina huet dee Budget awer nach opgestallt. Dat just fir lech als Informatioun.

De S'coolbus, do ass d'Josiane Di Bartolomeo-Ries drop agaangen. Vun der Madamm Thoma ass d'Fro no der Navette gestallt ginn. Jo, do hate mer effektiv eng national Ausschreiwung. Et hunn awer genau zwou Entreprisen sech gemellt, woubäi eng guer net konform war. Dann hat Dir gefrot, beim TICE, ob dat neit Material, ob dat eigentlech dobäi kënnt. Jein. Och do läit ëmmer e Blat beim Budget dobäi vun all de Joren, wéi mer eis do opstellen. Et ass awer haaptsächlech esou, datt dat neit Material – tëschent Gänseféisercher - aalt Material ersetzt an da muss een och wëssen, ech hat dat schonn eng Kéier hei gesot, mee ech mengen dat war virun Ärer Zäit am Gemengerot, mir lafen am Moment e bëssen de Liwwerungen no. Zënter der Covid-Pandemie lafe mer praktesch ëmmer e Joer hannendrun, dat heescht, wa mir 2020 Busse bestallt hunn, da kann et sinn, datt se Enn 2021 ukomm sinn. Ech muss awer och soen, déi Navette, mir hunn, wéi gesot, deemools den TICE gefrot, well mir der Meenung waren, datt dat eisen éischten Uspriechpartner wär. Et happert awer net nëmmen u Material beim TICE, et happert natierlech och dann u Leit, u Personal, a mir hu guer keng Plaz méi op deem Site, wou mer sinn, fir neit zousätzlecht Material ofzestellen. Dat heescht, wann deen TICE eng Kéier sollt ausgebaut ginn, da muss do och en anere Site fonnt ginn. An ech weess, datt den TICE schonn, och viru menger Zäit am Bureau, an Diskussioune war fir en neie Site, och mat der Regierung, an, bon, d'Resultat ass dat wat Dir kennt. Mir sinn nach ëmmer op deem Site drop, dofir dréine mer eis och do e bëssen am Krees.

Dann ass gefrot ginn, dat war den Här Meyer, zu de Luuchten op der Lëtzebuerger Strooss. Bon, ech hat et scho gesot am September, wou mer den Devis gestëmmt hunn zu deene Luuchten, datt déi e puermol ausgefall waren, also d'Steierung war defekt duerch Accidenter, dat heescht, wann erëm een an de Potto gerannt ass, an déi Luuchte sinn eeben zimmlech al an dofir fanne mer och keng Ersatzstécker méi an dofir géifen se komplett ersat ginn. An déi Luuchte sinn a Betrib geholl ginn den 23. Abrëll 2002, dat heescht virun zweeanzwanzeg Joer an haut fënnt een eigentlech kaum nach eppes, wat no zweeanzwanzeg Joer iwwerhaapt nach fonctionéiert. Ech muss lech soen, ech si frou, wann déi endlech geliwwert ginn a mer se kënnen installéieren, well ech fäerte wierklech virun allem elo, wann et glat gëtt, datt nach eng Kéier iergend ee Clown dra rennt an dann hänke mer, soudatt ech effektiv frou wier, wann se séier géife geliwwert ginn.

Dir hat och gesot, fir an der Gaffelt vläicht e Radar ze maachen. Bon, mir si jo elo mol amgaang, fir déi Zon 30 ze plangen, mir kënnen déi allerdéngs eréischt ufänken, wann och d'Ponts et Chaussées uewe fäerdeg ass mat der Butschebuerger Strooss, well mer eeben net déi Achse kënne gläichzäiteg spären. Dat geet net, da rullt de Verkéier net méi a mir kriten dat och net erlaabt, well och déi, wou mer eis Deliberatioun hei aschécke mat eiser Deviatioun, déi mer hei géife stëmmen, och déi géife gesinn, datt de Verkéier net géif lafen. Dat heescht, wa mer mat deem anere bäi sinn, da kucke mer, déi Zon 30 do ze maachen an da kënne mer nach eng Kéier iwwert dee Radar schwätzen. Ech muss awer soen, datt all déi Erfarunge, wou mer gemeet hunn, och vun anere Gemengen, mat deene mer geschwat hunn, soen ech lech elo schonn, datt d'Chancen extreem kleng sinn, datt mer dat géifen iwwerhaapt geneemegt kréien, mee wéi gesot, bis dohinner ass jo awer nach eng Zäit.

Dann, op den TICE, mengen ech, sinn ech agaangen. Bon, zu der Konventioun mam Staat hat ech och alles gesot. Do gëtt et och momentan näischt Neits. Mol kucke wéi déi Diskussioune weiderginn. Ob mer eng Luetstatioun fir e Bus hunn? Also, bis elo net, mee wa mer muar eng brauchen, da kréie mer natierlech eng Luetstatioun fir e Bus. Do soll et drun hänken. Ob den Elektro-Fuerpark ass de Buergermeeschter agaangen.

Wat de Vël'OK ugeet, d'Unzuel vun den aktiven Abonnéen zu Diddeleng si sechshonnertnonzéng Stéck, also dat sinn ëmmer déi Datumer, normalerweis sinn déi op de leschten November, déi wou ech kréien. Dat kënnen der dann haut e puer méi oder e puer manner sinn. Et ass och esou, datt d'Evolutioun vun den Emprunten am ganze Süde vun 2016 u si mer vu 77.000 eropgaangen op 2022 290.747 an 2023 op 355.322, also Dir gesitt, datt do awer eng grouss Nofro ass. Dir wësst och, datt dat eigentlech e soziale Projet ass. Et ass e

Projet vum CIGL, et ass e Projet, wou mer ausbilden an et ass net nëmmen e Projet fir datt d'Leit solle Vëlo fueren. Déi Zuelen, wou ech vun Ufank Dezember hunn, dat sinn déi aktuellst, wéi gesot, do hate mer eenavéierzeg Leit och do fir de Vël'OK schaffen. Dovunner zwee an der Administratioun, dräi Encadrant-techniquen, dräiandrësseg Beneficiairen an dobäi kommen der ee Léierbouf an zwee EMIen. Ech weess, datt den Här Gangler ëmmer gefrot huet, ob en Diddelenger drënner war. D'lescht Joer war een drënner, dëst Joer war keen drënner. Et ass esou, datt mir eis déi Leit net kënnen eraussichen, déi gi vun der ADEM geschéckt a mir hunn u sech dorop elo keen Afloss. Ech hunn dat schonn e puermol erkläert, mee dann elo nach eng Kéier fir déi Nei am Gemengerot.

Dann, den Här Steffen hat och eng Kéier kuerz den TICE ugeschnidden, wéi et elo mat de Linne géif goen, vu datt eise City-Bus och vun hinne gefuer gëtt? Bon, wéi gesot, dat hänkt alles, dat steet a fält mat där neier Konventioun, déi de Staat eis ubitt, well et ass esou, si hunn eng ganz aner Optik, wéi den TICE an Zukunft soll fueren an déi lescht Informatiounen, wou mer hunn, ass och, datt si elo net onbedéngt waarm sinn, fir City-Busse fueren ze loossen am Kader vum TICE, respektiv - kommt mer soen et emol sou - dat ze finanzéieren. An ech mengen, Dir wësst et ganz genau, et ass eppes anescht, ob s de eng privat Navette fuere léisst vum Präis oder ob s de den TICE fuere léiss an, wéi gesot, dann nach eng Kéier, souguer wa mir bereet wären an dat kënne bezuelen als Gemeng, méi en héije Präis, da steet a fält et nach ëmmer mam Material, mam Personal a mat der Plaz vum TICE, fir déi Bussen ënnerzestellen. Also momentan, wéi gesot, ass un den Ausbau vu Linnen net ze denken, dofir musse mer elo kucken, wat bei där Konventioun mam Staat erauskënnt a wa mer dat bis wëssen, wéi do soll gefuer ginn, da gesi mer, ob iwwerhaapt nach Sputt ass. Mee wéi gesot, do brauche mer elo nach e bëssen.

Da waart Dir och op de Flex agaangen. Jo, do si mer och scho mat CFL a Gespréicher, fir dee kënnen auszebauen. Dir hat och déi nei Mobilitéitsministesch ugeschwat. Bon, do si mir net déi eenzeg, déi momentan déi Madamm wëlle gesinn, déi ganz nei an hirem Amt ass. Ech soen, net nëmmen alleguerten d'Gemenge, mee och zum Beispill den TICE, jidderee wëllt natierlech elo mat der Madamm Récksprooch huelen. Ech hat a menger initialer Budgetsried gesot, et ass e komesche Moment, du hues en Iwwergang vun zwou Regierungen, du hues Beamten, wou s de net weess, bleiwen se, du hues eng nei Ministesch, jee, och fir e Budget opzestellen oder hei an d'Zukunft ze kucken, ass de Moment vläicht e bësse schlecht.

Dann, den Här Martini, Dir sidd nach eng Kéier op de Shared Space versus Foussgängerzon agaangen. Déi Geschicht huet mëttlerweil esou e laange Bart. Mir ginn eis, mengen ech, och do elo net eens. Mir hunn dat am virleschte Gemengerot thematiséiert, vun dohier gëtt et fir mech elo näischt anescht ze soen, ausser, vu Reegelméissegkeet schwätzt Dir an Dir sot, dat wier net reegelméisseg. Dach, mir hu jo hei gestëmmt, datt mer am Summer géifen eeben zouloossen an am Wanter opmaachen. Natierlech, wa mer de Chrëschtmaart hunn, da kënne mer d'Strooss net oploossen, mee ech mengen, dat war awer och hei kloer aus den Diskussiounen erausgaangen, datt wann exzeptionell Manifestatioune sinn, datt dann d'Strooss soll zoubleiwen.

Zum Parking souterrain, bon, d'Astellung vun de Leit muss een dann och vläicht mol änneren, well déi nämmlecht Leit, déi hei zu Diddeleng net an de Souterrain ginn, déi ginn zu Esch an an der Stad an zu Tréier an ech weess net wou se nach – zu Köln an op Maastricht – op de Chrëschtmaart ginn, do mussen se dragoen. Si mussen, si hunn iwwerhaapt keen anere Choix. Also firwat gi se net hei zu Diddeleng dran? Dat muss dann awer ee mer mol erklären. Ass eise Parking net schéi genuch? Bon, ech fueren dacks an d'Ausland, ech kann Iech soen, ech wëll elo keng Nimm vu Stied nennen, mee do schuddert Dir Iech a vun dohier verstinn ech net, firwat et just hei net soll goen.

De Vël'OK, do sinn ech drop agaangen. Dir hat dat och kuerz ugeschnidden, ech betounen et nach eng Kéier, et ass haaptsächlech e soziale Projet. Déi nei Vëloen, déi sinn och besser. Ech mengen, et ass e Projet, wou Jore leeft. Deemools hu mer éischt Erfarunge mat deene Vëloe gemaach an dofir sinn se natierlech dann och méi deier. Dir hat och gesot, déi neit Konventioun vum TICE virstellen. Ech mengen, datt do net nëmmen den TICE soll déi virstelle kommen, mee ech mengen, déi, wou déi Konventioun gekënnegt hunn, déi sollen och heihinner kommen, d'ATP virun allem oder de Ministère oder wien och ëmmer se wëlle schécken, fir ze erklären, firwat se iwwerhaapt déi Konventioun wollte kënnegen, mat den TICE-Gemengen a firwat se wëllen dee Reseau ëmplangen, well ech mengen, weeder d'Gemeng Diddeleng nach iergendeng aner TICE-Gemeng nach den TICE selwer waren Demandeur dofir, dofir mengen ech, missten se net nëmmen dësem Gemengerot, mee iwwerhaapt mol all Mënsch erklären, firwat se dat iwwerhaapt wéilten. Voilà, ech mengen, da wär ech op alles agaangen, a vu datt ech déi lescht Riednerin sinn, wënschen och ech Iech schéi Feierdeeg.

# 3. Votte

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci. Dann hätte mer elo hei den Tour vun den Äntwerten op Är Froen hannert eis. Fir awer dës Ronn gebührend ofzeschléissen, hu mer nach e Vott virzehuelen. Do hu jo Verschiddener schonn hir Intentioun ugekënnegt, mee dat musse mer dann elo awer nach formaliséieren. An ech géif da mam Budget rectifié vum Joer 2023 ufänken.

***Wien ass mam Budget rectifié vum Joer 2023 averstanen? Dat si Stëmme vun der LSAP. Wien enthält sech? Dat ass d'DP, den ADR, déi Lénk, d'CSV an déi Gréng.***

***Da komme mer eriwwer op de Budget initial 2024. Wien ass mat deem Budget averstanen? Dat ass dann d'Majoritéit vun der LSAP. Wien enthält sech? Dat ass den ADR. Wien ass dergéint? Dat sinn dann déi Gréng, d'DP, déi Lénk an d'CSV.***

Domat wiere mer elo zum Schluss vum Gemengerot ukomm an ech wëll dann elo ofschléissen, an Iech an natierlech Äre Famillje schéi Feierdeeg an och besënnlech Feierdeeg wënschen, wéi dat soll sinn. Merci. •

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# Et si vous pouviez simuler votre projet de rénovation facilement en ligne ?




Découvrez le nouveau simulateur de rénovation Klima-Agence et faites de votre projet un succès. Cet outil intuitif vous permet de visualiser l'efficacité énergétique actuelle de votre logement et de découvrir son potentiel de rénovation énergétique.

**Comprendre le simulateur en quelques clics**

Vous commencerez par une simulation de la situation énergétique actuelle de votre logement. Saisissez les différents paramètres tels que son année de construction, la surface habitable et les informations sur l'isolation actuelle. Puis identifiez le système de chauffage ainsi que les éventuelles installations techniques comme les panneaux solaires. Vous obtiendrez alors une simulation de la situation énergétique actuelle de votre logement.

Testez diverses améliorations : remplacement des fenêtres, optimisation de l'isolation ou encore remplacement du système de chauffage. Observez en temps réel comment chaque modification impacte la performance énergétique, thermique et environnementale de votre logement. Testez diverses solutions grâce aux paramètres ou trouvez directement la rénovation optimale pour votre situation.

Gardez une trace de vos simulations et optimisations en téléchargeant votre projet. De plus, vous recevrez un code QR qui vous permettra de revenir à tout moment à votre simulation. C'est un moyen pratique de partager vos idées avec des professionnels ou de conserver une référence pour vos futurs projets de rénovation. Notre simulateur vous offre également un accès direct au simulateur des aides Klima-Agence et à la liste des conseillers en énergie agréés pour concrétiser votre projet.

Explorez, expérimentez et faites de votre logement un modèle d'efficacité énergétique grâce à **renover.klima-agence.lu** ! Vous avez d'autres questions ? Prenez rendez-vous avec un conseiller Klima-Agence. Il est à votre disposition pour un conseil à domicile, une visioconférence ou un conseil téléphonique.

*Il est important de noter que le simulateur est une ressource utile pour identifier les mesures de rénovation pertinentes, mais qu'il ne remplace pas le passeport énergétique ni une concrétisation professionnelle du projet.*

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90



**Sam.**
**30.03.**
**14h-18h**

# OUSCHTER-RALLYE ZU DIDDELENG

## RALLYE DE PÂQUES À DUDELANGE

# CONCOURS

**Gewannt Akafsbongen a Schockela • Maacht ee Selfie mam Ouschterhues**
Remportez des bons d'achat et des chocolats • Faites un selfie avec le lapin de Pâques


# shopping

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

F.C.A.D
Fédération des commerçants et artisans de Dudelange